

Ordre du jour

- 1. Communication
- 2. 4891 - Projet de loi modifiant
 - 1) la loi modifiée du 16 avril 1979 fixant le statut général des fonctionnaires de l'Etat;
 - 2) la loi modifiée du 22 juin 1963 fixant le régime des traitements des fonctionnaires de l'Etat;
 - 3) la loi modifiée du 28 mars 1986 portant harmonisation des conditions et modalités d'avancement dans les différentes carrières des administrations et services de l'Etat;
 - 4) la loi modifiée du 26 mai 1954 réglant les pensions des fonctionnaires de l'Etat;
 - 5) la loi modifiée du 3 août 1998 instituant des régimes de pension spéciaux pour les fonctionnaires de l'Etat et des communes ainsi que pour les agents de la Société nationale des Chemins de Fer luxembourgeois;
 - 6) la loi modifiée du 27 mars 1986 fixant les conditions et les modalités selon lesquelles le fonctionnaire de l'Etat peut se faire changer d'administration et portant création d'un commissariat du Gouvernement chargé de l'instruction disciplinaire
- 3. Demandes en naturalisation
- 4. Ordre du jour

Au banc du Gouvernement se trouvent: Mme Lydie Polfer, Vice-Premier Ministre; M. Henri Grethen, Ministre; M. Joseph Schaack, Secrétaire d'Etat.
(Début de la séance publique à 14.31 heures)

M. le Président.- D'Sitzung ass op.
Huet d'Regierung der Chamber eng Kommunikatioun ze maachen? Dat schéngt net de Fall ze sinn.

1. Communication
Ech wollt der Chamber Folgendes matdeelen.
A la demande de M. Henri Grethen, Ministre des Transports, M. François Biltgen, Ministre aux Relations avec le Parlement a déposé au Greffe de la Chambre des Députés, en date du 29 avril 2003, le
- *Projet de règlement grand-ducal 5123 sur les transports par rail de marchandises dangereuses.*
Mir kommen dann elo zur Diskussioun vum Projet de loi 4891 iwwert de Statsbeamtestatut. D'Riedezäit ass nom Modell 3 festgeluecht. Et si bis elo ageschriwwen: déi Häre Meyers, Di Bartolomeo, Rippinger, Gibéryen, Huss, Urbany, déi Dammen Nicklaus, Nagel, déi Hären Henckes a Belling.
D'Wuert huet elo de Rapporteur vum Projet de loi, den honorablen Här Gusty Graas.

- 2. 4891 - Projet de loi modifiant
 - 1) la loi modifiée du 16 avril 1979 fixant le statut général des fonctionnaires de l'Etat;
 - 2) la loi modifiée du 22 juin 1963 fixant le régime des traitements des fonctionnaires de l'Etat;
 - 3) la loi mofifiée du 28 mars 1986 portant harmonisation des conditions et modalités d'avancement dans les différentes carrières des administrations et services de l'Etat;
 - 4) la loi modifiée du 26 mai 1954 réglant les

pensions des fonctionnaires de l'Etat;
5) la loi modifiée du 3 août 1998 instituant des régimes de pension spéciaux pour les fonctionnaires de l'Etat et des communes ainsi que pour les agents de la Société nationale des Chemins de Fer luxembourgeois;
6) la loi modifiée du 27 mars 1986 fixant les conditions et les modalités selon lesquelles le fonctionnaire de l'Etat peut se faire changer d'administration et portant création d'un commissariat du Gouvernement chargé de l'instruction disciplinaire

Rapport de la Commission de la Fonction publique et de la Réforme administrative
M. Gusty Graas (DP), rapporteur.- Här President, Dir Dammen an Dir Hären, „le Gouvernement entend réaffirmer les principes classiques du statut, qui sont l'indépendance, la neutralité et la nomination à vie des fonctionnaires. S'y ajouteront d'autres principes nouveaux, notamment dans une optique de réforme administrative“. Esou steet et an der Regierungserklärung vum 12. August 1999. Haut, bal véier Joer méi spéit, gëtt dës Aarbecht ofgeschloss. Et war e laange Wee, deen net einfach war, a wou esouwuel am Ministère de la Fonction publique et de la Réforme administrative wéi och an eiser Kommissioun vill Asaz erfuerdert war.
D'Kommissioun ass net manner wéi 14-mol zesumme komm, ier de leschte 24. Abrëll de Rapport mat enger grousser Majoritéit ugehall konnt ginn. An der Tëschenzäit waren eng Rei Leit ongedélleg ginn, mä dat hat awer och seng Ursachen. Fir d'éischt därfeen net verkennen, datt mer et hei mat engem extrem komplexe Gesetz ze dinn

hunn, wat als e Pilier vum Fonctionnement vun eise Statsapparat kann ugesi ginn. Dann ass et normal, datt ee sech Zäit huele muss fir déi néideg legislativ Upassunge virzehuelen, well jo net manner wéi sechs Gesetzer hei ëmgeännert ginn. Zweetens hu mer 11 Méint op den Avis vum Statsrot gewaart. Dat soll keng Kritik un der Héijer Kierperschaft sinn, ganz au contraire, mä et beweist awer och wéi genee de Statsrot dës Aarbecht geholl huet.
(Interruptions diverses)
M. Jean-Paul Rippinger (DP).- Här President, et huet kee Wäert datt mir esou hei virufueren, besonnesch haut.
M. Mars Di Bartolomeo (LSAP).- Oh hei, de Maulkuerf ass erëm do!
M. Jean-Paul Rippinger (DP).- Jo, et ass an der Rei!
M. le Président.- Ech géif d'ganz Chamber rappeliieren, well ech mengen, d'Gesetz ass wichteg genuch datt jiddereen seng voll Opmierksamkeet op de Riedner orientéiert, an déi eppes ze soen hunn, ech gesinn, et sinn der jo vill agedroen, déi hunn d'Geleeënheet herno dat ze maachen.
M. Gusty Graas (DP), rapporteur.- Merci, Här President. Ech wäert selbstverständlech och nach op den Avis vum Statsrot zrëckkommen, an och op dee vun der Chambre des Fonctionnaires et Employés publics, déi jo och zum Deel Kritik geübt huet.
(Interruption)
Här Bartolomeo, ech mengen Dir hutt net hiere wat de President elo gesot huet. Ech géng lech also bidden e bësselchen Anstand hei ze weisen.
Do wou also d'Chambre des Fonctionnaires et Employés publics Recht hat mat hirer Kritik, do hu mir deem och Rechnung gedroen. Mä och eis Kommissioun huet ouni Zweifel näischt dem Zoufall iwwerlooss a minutiéis de Projet, dee jo den 19. Dezember 2001 déposiert gi war, analyséiert.
Wann och net an alle Punkte konnt e Konsens erreecht ginn, esou soen ech als President vun der Kommissioun trotzdeem alle Kolleeginnen a Kollege merci fir hir konstruktiv Mataarbecht.
Här President, Dir Dammen an Dir Hären, virun allem déi gesellschaftlech Entwécklung an d'Suerg an eise Land, en effikasse Stat mat motivéierte Beamten ze garantéieren, sinn d'Haaptursache fir eng Upassung vum Statsbeamtestatut, dee jo aus dem Joer 1979 ass. D'Bierger erwaarden zu Recht, datt d'Fonctionnairen dem allgemeinen Interesse déngen andeems se alldeelech déi öffentlech Ressourcen op eng ugepasste Manéier géréieren.
D'Situatioun vun de Statsbeamten ass hei zu Lëtzebuerg eng éischte Kéier duerch d'Gesetz vum 18. Mee 1872 mat 45 Artikelen régléiert ginn. Dëst Gesetz ass e puermol ugepasst ginn, an zwar 1932, 1954, 1964, 1968, 1970 an 1977. Mëtt de 70er Joren ass du schonn un enger neier Reform geschafft ginn, wou fir d'éischt den Term Statut gebraucht ginn ass. 1979 koum et dunn zu deem Gesetz, wat u sech jo haut nach a Kraaft ass.
Wat sinn dann elo d'Schwéierpunkten an deem neie Statut? E wesentlech Element ass ouni Zweifel d'Aféierung vun der Deelzäitaarbecht. Dës Regierung ass sech de neie gesellschaftleche Contrainte bewusst, an dofir gëtt et also elo méiglech entweder 25, 50 oder

75% vun enger ganzer Tache ze schaffen. Mir brieden deementsprechend mam Prinzip vun der classescher a ganzer Tache am öffentlechen Dénsgsch. Dës Moossname ware schon am Accord salarial vum 29. Mee 2000 zrëckbehalte ginn, mä et huet sech awer erausgestallt, datt et besser wär dës Dispositiounen an enger Rei vu Gesetzer festzehalen. Dës Neierung bréngt virun allem fir Frae Virdeeler mat sech, well et hinnen erlaabt déi familiär an déi beruflech Verflüchtunge besser ze vereeneegen. Allerdéngs muss natierlech d'Organisation vum Service dat awer och erméiglechen.
Leit a féierende Positiounen kommen net an de Genoss vun der Deelzäitaarbecht, wat och verständlech ass. An deem Kontext muss een och nach ervirhiewen, datt, wann een e Congé sans traitement, e Congé pour travail à mi-temps oder eng Deelzäitbeschäftigung huet fir d'Erzéiung vun de Kanner bis zum 15. Liewensjoer, een elo dës Period als integral Zäit bei den Avancementer, den Indexmajoratiounen, den zwee duebelen Echelonon am Enseignement, an de Promotiounen ugerechent kritt. A weider ass am Kader vun enger méi familijefrëndlecher Politik virgesinn, datt zwee Partnerfunktionnaire gläichzäiteg eng Hallefdagsaarbecht ausübe kënnen.
Nom Congé parental kann een och e Congé pour travail à mi-temps huelen. De Congé parental muss awer an deem Fall direkt nom Congé de maternité oder dem Congé d'accueil geholl ginn. Dann därfeen een zousätzlech tëschent dem Congé de maternité oder dem Congé d'accueil an dem Congé sans traitement oder dem Congé pour travail à mi-temps nach säin normale Congé huelen.
D'Reintegratioun an den Aarbechtsprozess vun deene Beamten, déi vun dese Moossname Gebrauch gemaach haten, gëtt och elo méi einfach gemaach. Fréier hu se misse waarde bis dass erëm eng Plaz an hirer Verwaltung fräi gouf. Duerch dëst Gesetz kréie se allerdéngs elo d'Garantie, datt spëtstens ee Joer nom Oflaf vun hirem respektive Congé eng Plaz fir si fräi gëtt, gegebenefalls gi se dann hors cadre gesat. Och kann, wéi gesot, en Dépassement vun den Effektiver virgehall ginn.
Elo kann och, wann eng Persoun e Congé fir Hallefdagsaarbecht beantragt huet, dee Poste mat enger Hallefdagsplaz duerch en Employé op begrenzten oder onbegrenzten Zäit ersat ginn. An deem ganze Pak fir déi beruflech an déi familiär Obligatiounen besser matenee verbannen ze kënnen, muss een natierlech och den Télétravail ernimmen, deen elo och eng gesetzlech Basis kritt. Dësen Domän war jo bis elo quasi en Tabuthema am öffentlechen Dénsgsch. D'Evolution ass esou, datt an enger éischter Phase de Projet-pilote mam Educationsmistère, dem Aarbechtsministère an dem Fraeministère soll an d'Wee geluecht ginn. Den Télétravail kënn gegebenefalls och am Enseignement ugewannt ginn. Fir d'Leit, déi d'Affer vun engem sougenannte Burn-out gi sinn, kann een et als Instrument gesinn, fir hir Aarbecht zäitweis dann awer nach weider ze féieren. Allerdéngs därfeen an deem Kontext jo awer net vergiessen, datt beim Télétravail Donnéeën aus dem öffentlechen Dénsgsch doheem traitéiert ginn. Et ass also normal, datt déi néideg Garantie geschafe musse ginn, fir datt d'Confidentialité hei respektéiert gëtt.
Bis elo hunn déi Beamten, déi beim Stat démissionéiert haten, nees bei null ufänke missen, datt heescht, si hu missen nees déi néideg Examen maachen, fir erëm an de Statsdénsgsch zrëckzekommen. Dowéinst ass e weidere wichtige Schrëtt, fir deene Fraen d'Méiglechkeet ze ginn an hire fréiere Be-

ruff zrëckzekommen, déi bis 1984 wéinst der Erziehung vun hire Kanner démissionéiert haten. Enner gewësse Konditiounen kënnen si elo nees beim Stat agestallt ginn. Si mussen allerdéngs dann e spezielle Cours de formation besichen a kréie bei der Berechnung vun hirer neier Carrière déi Zäit, déi se fréier beim Stat geschafft hunn, ugerechent.
Virera gëtt duerch de Ressortminister fixéiert op Avis vum Minister vun der Fonction publique. De Stéchdatum ass wéi gesot den 1. Januar 1984, well jo no deem Datum progressiv Verbesserung fir d'Fraen agefouert goufen, déi wéinst der Erzéiung vun hire Kanner deelweis oder ganz doheem wollte blieden, awer gläichzäiteg och nach e Fouss am Aarbechtswie behale wollten. Dës Dispositioun gëllt iwwergens och fir déi Beamten, déi um 1. Januar 1984 an engem Congé de maternité, an engem Congé sans traitement oder an engem Congé pour travail à mi-temps waren an déi dann hu missten démissionéieren, well se déi respektiv Congéen eben net verlängert kruten.
Här President, Dir Dammen an Dir Hären, e weidere Schwéierpunkt vun deser Reform ass ouni Zweifel d'Disziplinarprozedur, déi elo méi transparent a manner komplizéiert gëtt.
D'Vergaangenheet huet nämlech bewisen, datt et besser ass dës Aufgab engem Spezialist ze iwwerdroen. E Regierungscommissaire ass duerfir an Zukunft zoustänneg fir d'Instruktioun. Zil ass et fir dem Functionnaire d'Garantie ze ginn, datt d'Enquête géint hie vun enger onofhängeger Autoritéit an de beschten neutralen an onparteielsche Konditiounen gefouert gëtt. Dat wäert sech positiv fir déi kleng Verwaltungen auswirken.
Dir kënn lech jo d'Klima virstellen, wou de Verwaltungschef misst d'Instruktioun géint e Beamte féiere mat deem hien och nach all Dag muss zesummeschaffen. Dese Regierungscommissaire gëtt vun engem spezialiséierte Service ëmginn. Hie kann awer och en Dossier klasséieren, wa sech erausstellt dass de Functionnaire u sech kee Feeler gemaach huet. De Commissaire iwwerhëlt also elo d'Aufgab hei vum Chef hiérarchique oder vun der Autoritéit, déi d'Nominatioun virgehall hat. Hie kann och eng Suspensioun vun engem Beamten aussprechen, mä déi muss dann awer nach vum Ressortminister confirméiert ginn.
E Conseil de discipline, deen iwwergens och elo nach deelweis anescht zesummegeesat gëtt, huet dierneft all Entscheidungspouvoir. Souwuel den Delegéierte vun der Regierung wéi och de sanctionnéierte Functionnaire hunn neierdénks d'Méiglechkeet vun engem Recours bei den administrative Juridictiounen, all Kéiers da wann de Conseil de discipline an éischter Instanz statuéiert.
Nom éischten Avis vum Conseil d'Etat ass d'Dispositioun fale gelooss ginn no där all Persoun quasi kéint bei der Regierungscommissaire klape goen, wann e Functionnaire senger Pflicht net nokéim. De Statsrot hat déi Manéier mat engem «Guichet unique destiné à traiter les délations» ëmschriwwen. De Ressortminister behält awer selbstverständlech nach e Pouvoir disciplinaire andeems hie Sanctionen, wéi d'Verwarnung, de Verweis oder d'Geldstrof bis zu engem Fénneftel vum Basisgehalt aussprieche kann. De Minister muss awer selbstverständlech iwwert d'Evolution vum Dossier informéiert ginn. Et war net noutwendeg en zousätzlechen Text an d'Gesetz anzeschreiwen, well de Commissaire jo ënner der Tutelle vum Minister vun der Fonction publique fonctionnéiert.

Loosse mer an dësem Zesammenhang awer och nach erwähnen, datt e sougenannten Ordre de justification agefouert gëtt, dat heescht datt de Verwaltungschef en Instrument kritt fir de Fonctionnaire gegebenenfalls u seng Plichten ze erënneren. Dës Neierung mécht et och méiglech, datt a verschiddene Fäll et vläicht net onbedéngt noutwendeg ass eng Disziplinarprozedur anzelauden.

Op där anerer Säit huet awer de Fonctionnaire selbstverständlech och e Reklamationsrecht, wat nach zu senge Gonschte verbessert gëtt, well elo d'Regierung spéitstens no dräi Méint eng Äntwert muss ginn.

Mat dësem Projet ginn och d'Astelloungskritären harmoniséiert, an zwar sinn d'Examens-concours elo d'Regel. Domadder gëtt der Transparenz an der Gläichheet méi Rechnung gedroen. Et ass obligatoresch, datt all fräie Posten duerch ugepasste Moyene publizéiert muss ginn, zum Beispill iwwert de Wee vun der Press, dem Mémorial oder och dem Internet. D'Verwaltung ginn elo obligéiert fir all fräi Plaz dem Minister vun der Fonction publique matzedeelen. Doduerch gëtt et dem Sekretariat vun der Kontrollkommissioun méiglech seng Roll als Koordinator, Conseiller an Informant am Beräich vun de fräie Plaze besser ze spillen.

An de leschte Jore si jo déi fräi Plaze beim Stat och verstärkt duerch ministeriell Circulair matgedeelt ginn. Duerfir gëtt och de Wee iwwert den interne Recrutement méi staark organiséiert, andeems de Minister vun der Fonction publique elo d'Diffusioun vun dëse Circulair virhëlt.

De Changement vun enger Verwaltung an eng aner gëtt och elo méi einfach gemaach, well nach just de Kritär vun der Schoufformation considéiert gëtt. An deem Kontext kann ee sech effektiv d'Fro stellen, ob net souguer de Changement d'administration zu enger zousätzlecher Motivatioun vun engem Beamte féiert. Et dierf ee jo och net vergiessen, datt hie seng Experienz matbréngt a seng nei Tache eran, wat sech och ouni Zweifel kéint als positiv erausstellen.

D'Grenz vum Astellungsalter gëtt vu 40 op 45 Joer eropgesat. Allerdéngs ass elo awer dann och keng Derogation méi méiglech. Am Intérêt vun der Transparenz muss, wéi gesot, all vakant Plaz öffentlech ausgeschriwwen ginn, woubäi natierlech den Ennerscheid tëschent engem Recrutement interne an engem Recrutement externe gemaach gi muss. Dat hei géllt allerdéngs net fir déi Posten, déi mat engem Contrat à durée déterminée festgehale ginn.

Eng Exception gëtt et awer an Zukunft, wat elo d'Astellung vu Personal ubelaangt. Esou kënnen eventuell Expären aus dem Privatsecteur engagéiert ginn. Hir Erfahrung kann eng Beräicherung fir den öffentlichen Déngscht sinn. Allerdéngs, an dat wëll ech och hei ënnersträichen, kann esou eng Décisioun nëmme vum Regierungsrot geholl ginn, an dat och nëmmen an aussergewöhnleche Fäll. No enger Proufzäit vun engem Joer, wou dann déi betreffend Persoun de Statut vum Employé de l'Etat huet, ka se dann iwwerwiesselen an de Statut vum Fonctionnaire.

Fale gelooss ginn ass allerdéngs elo den emgedréintene Wee, nämlech den Transfert vum Public an de Privé, an dat op Urode vum Conseil d'Etat. De Statsrot gesäit nämlech an esou engem Fall eng Contradictioun, well d'Verwaltung vun deem betraffene Beamten, wou hie géing détachéiert ginn, nach ëmmer hierarchesch Responsabilitéiten dann hätt. Allerdéngs kënnen d'Fonctionnaire selbstverständlech bei Etablissements publics détachéiert ginn. Ech wëll och nach hei drun erënnere, datt et jo och méiglech ass, datt Magistrate bei internationalen

Organisatiounen zäitweis ugestallt kënne ginn.

Här President, Dir Dammen an Dir Hären, de Mobbing ass jo en Term, deem ëmmer méi am moderne Sproochgebrauch opkënnt, an dat besonnesch am Kontext mat der Aarbechtswelt. Et handelt sech hei ëm e gewësse Verhale vu Leit vis-à-vis vun engem Aarbechtsskolleeg, mam Resultat datt deem seng Dignitéit net méi respektéiert gëtt an datt dofir souguer psychesch oder physesche Schied entstoe kënnen. Verschidden Etüde weisen drop hin, datt an Europa ronn 9% vun de Salariée géingen op hirer Aarbechtsplaz gemobbt ginn. Och deem dréit elo dëse Projet de loi Rechnung. D'Notioun vum Harcèlement moral a sexuel ass deementspreechend an den Text ageschriwwen ginn.

E weidere gesellschaftspolitesche relevante Punkt, deem dëst Gesetz eng Bedeitung gëtt, ass den Delegéierte vun der Chancégläichheet. Am Privatsecteur ass dës Fonction jo schonn duerch d'Gesetz vum 28. Mee 1998 agefouert ginn, dat als Folleg vum nationale Beschäftigungsplang, deem den 18. Abrëll 1998 arrétéiert gi war. Den öffentlichen Déngscht zitt elo no, mä dës Fonction ass allerdéngs nëmmen do virgesinn, wou keng Personaldelegation besteet. Am anere Fall ass et wéi gesot d'Personaldelegatioun, déi de Rôle vun der Chancégläichheitsföktioun dee Moment iwwerhëlt.

En effikasse Fonctionnement vum Statsapparat kann nëmme mat motivéierte Beamte garantéiert ginn. Dofir gëtt och elo de regelméisseg Austausch vun Iddien a Virschléi, wat d'Aarbechtssmethod ubelaangt, tëschent Salariée a Virgesetzte gesetzlech verankert. Déi sougenannte Mataarbechtsgesprécher kënnen also nëmmen zu engem besseren Aarbechtssklima bäidroen. Ausgeschlossen ass an Zukunft awer och d'Evaluatioun vun de Beamten.

Zu engem gudden Aarbechtssklima gehéiert natierlech awer och ouni Zweifel eng Personaldelegatioun, déi hir Fuerderungen op eng gerecht Aart a Weis virbréngen kann. Dat war jo an der Vergaangenheet net ëmmer esou de Fall an duerch d'Aféierung vun engem Kalenner, no deem d'Delegatioun an d'Direktioun sech regelméisseg treffe mussen, gëtt d'Instrument Personaldelegatioun also staark revaloriséiert. Och d'Asetze vun engem Aarbechtssdokter an engem Kontrolldokter liwwert de Beweis, datt dëse Projet de loi d'Ännerunge vun dem Aarbechtssémfeld respektéiert.

Während d'Sécherheet op der Aarbecht als Zil huet d'Gesondheet vum Fonctionnaire ze schützen, gëtt de Kontrolldokter der Verwaltung d'Méiglechkeet op Demande vun der Pensiounskommissioun medezinesch Kontrolle bei Fonctionnaires duerchzeféieren.

Här President, Dir Dammen an Dir Hären, dëst neit Gesetz ännert natierlech awer och déi zwee Pensiounsgesetzer am öffentlichen Déngscht vum 26. Mee 1954 an dat vum 3. August 1998 iwwert de Spezialregime of. Dat ass ënner anerem eng Konsequenz vum Rentdësch. An dem Beräich vun de Babyjore gëtt zum Beispill munches adoptéiert. Esou gëtt den Datum vum 1. Januar 1988 wéi am Régime général eropgesat. Zënter dem Gesetz vum 16. Abrëll 1979 iwwert de Statsbeamtestatut applizéieren déi zwee Pensiounsregime am öffentlichen Déngscht jo schonn d'Babyjore fir d'Berechnung vun der Pensioun. Zënter dem 1. August 1994 sinn dat zwee Joer. Natierlech huet een och wei derhi missen eng contractuel Relatioun mat sengem Patron behalen.

Am anere Fall huet een Urecht op de Forfait d'éducation, dee mer jo duerch d'Gesetz vum 28. Juni 2002 agefouert hunn. Fir eng Equitéit tëschent dem originale Regime an dem Iwwergangsregime hierzestelen,

musse spezial Moosssname fir den Iwwergangsregime geholl ginn. Gegebenenfalls kann e Complément verrechent ginn, wann d'Mise en compte vun de Babyjoren net equivalent zu dem Forfait d'éducation ass. Dës Situatioun ka sech theoretesch bei deenen ënneschte Carrièren astellen.

Op där anerer Säit kënnen dës Prestatiounen awer och zu enger Pensioun féieren, déi méi héich wéi 5/6 vum leschte Gehalt wieren. An deem Fall muss dann de Bénéficiaire entweder fir d'Babyjoren oder de Forfait d'éducation optéieren.

Een, dee wéinst berufflecher Incapacitéit oder wéinst Disqualification morale an d'Pensioun geschéckt gëtt, huet elo net méi direkt en Urecht op eng Pensioun, mä eréischt mam Alter vu 65 Joer op eng Pension différée. An dësem prezise Fall ware mer jo och am éischten Avis vum Statsrot mat enger Opposition formelle konfrontéiert. Och am zweeten Avis huet de Statsrot mat enger Opposition formelle gedrot. Fir dann awer alle Problemer aus de Féiss ze goen, huet d'Kommissioun sech fir de proposéierten Text vum Statsrot décidéiert. Domat dierft och elo keng Zweedeitegkeet opkommen, wat déi Leit betrëfft, déi ënnert der aler Gesetzgebung d'office an d'Pensioun geschéckt goufen.

Weider ginn Adaptatiounen um Pensiounsregime virgeholl, déi un éischter Linn am Intérêt vun deenen ënneschte Carrièr sinn. Da gëtt zum Beispill de Majorationstaux vun 1,296% op 1,383% fir de Spezialregime eropgesat, dat heescht fir déi Pensiounen, déi nom 1. Januar 1999 ausbezuelt goufen. Fir den originale Regime gëllen déiselwecht Dispositiounen, allerdéngs bis e Plaffong vun 200 Indexpunkten. Bei de Witwerente gëtt de Plaffong vun 150 op 180 Punkten eropgesat.

Positiv Verännerunge gëtt et dann awer och nach um Niveau vun den Invalidenrenten. Ernimmt soll ënner anerem hei ginn, datt d'Méiglechkeet fir e Rachat schonn elo mat 55 Joer ufänkt an net eréischt mat 60, wéi dat fréier de Fall war. Allerdéngs muss een an där Situatioun dann awer och 40 Joer Déngscht virweisen. Ech gi gären zou, datt dat hei dee komplizéiertste Volet vun dem Gesetz ass an duerfir iwwerloossen ech och léiwer den Expären d'Tribün fir zousätzlech Explicatiounen do ze ginn.

Tatsaach ass awer, datt all dës Verbesserungen en enormen Aarbechtsofwand wäerte mat sech bréngen, an duerfir erlaben ech mer och vun dëser Plaz aus der Madame Minister an dem Statssekretär vläicht mat op de Wee ze ginn, deene Leit an deenen nächste Wochen a Méint, déi elo ganz vill rechnen mussen, déi beschtméiglech Konditiounen ze ginn, fir datt dat villt Gerechens mat esou mann wéi méiglech Problemer kann iwwert d'Bühn goen.

A propos Pensioun, am ursprüngleche Projet war och virgesi fir no der Pensioun nach fräiwëlleg schaffen ze goen, dat heescht de sougenanntene Bénévolat. Ech gi gären zou, datt dës Iddi am Ufank och an eiser Kommissioun net op ganz grouss Begeeschterung gefall ass, well dës Neierung hätt jo och ouni Zweifel zu enger Rei zousätzlechen neie Problemer gefouert, esou datt mer dann am Endeffekt och net onfrou sinn, datt mer de Bénévolat elo fale gelooss hunn.

(Coups de cloche de la Présidence)

De Statsrot a virun allem awer och d'Chambre des Fonctionnaires et Employés publics hate sech méi oder weëneger och op eng ganz determinant Aart a Weis géint dës

geplangten Dispositioun ausgesprach.

Par conter besteet allerdéngs elo d'Méiglechkeet fir no der Pensioun nach gegebenenfalls bis 68 Joer weider schaffen ze goen. Majoritaire ware mer eis an der Kommissioun eens, datt dat eng gutt Saach ass. Engersäits erlaabt et dem Beamten de Schrëtt an d'Pensioun méi spéit unzotrieden, andersäits kënnen awer och a verschiddene Secteuren - ech denken hei virun allem un den Enseignement - gewësse Pénuries opgefaange ginn. Allerdéngs muss een och hei ënnersträichen, datt dës Mesure net e verbrieftent Recht ass, mä datt schonn d'Konditiounen vum Service et erlabe musse fir enger Persoun d'Méiglechkeet ze gi bis 68 Joer schaffen ze goen.

Op eng Rei aner Verbesserungen vun dem Statut wëll ech just nach kuerz agoen. Wat zum Beispill d'Accessoireaktivitéiten niewent der eigentlecher Aarbecht ubelaangt, esou wier drop hinzuweisen, datt an Zukunft esou Demanden net méi vum Regierungsrot, mä vum Ressortminister aviséiert ginn. Doriwwer wäert dann de Regierungsrot och net onfrou sinn, well ech mer soe gelooss hunn, datt se an der leschter Zäit mat vill esou Dossieré konfrontéiert gewiescht wieren.

Am Fall wou e Fonctionnaire a preventiver Haft ass, huet en elo Urecht op d'Halschent vum Akomes vu sengen accessoiresn Aktivitéiten.

Dann eng aner Neierung nach, déi Leit, déi zwee Echecen am Promotionsexamen haten, kréien elo nach eng drëtt Chance. Dat setzt allerdéngs voraus, datt se nach zousätzlech Coursé besichen. Ze erwähnen ass och nach, datt op Basis vum Prinzip vun der fräier Zirkulatioun vun den Aarbechter an der Europäescher Unioun eng Décisioun vum Regierungsrot net méi noutwendeg ass, wann ee säi Wunnsätz am Ausland huet. Et ass elo esou, datt de Fonctionnaire an enger rasonnabeler Distanz zu senger Aarbechtsplaz muss wunnen. Dat heescht also, datt en och an Zukunft ka roueg säin Haus zu Kanfen oder zu Sterpenich opriichten.

Här President, Dir Dammen an Dir Hären, déi zum Deel kritesche Avisen, esouwuel vum Statsrot wéi vun der Beamtechamber, hunn eis, wéi ech dat schonn aganks hei ënnerstrach hunn, vill beschäftegt. Deene verschiddenen Oppositionsformelles vum Conseil d'Etat hu mer ausnahmslos Rechnung gedroen. Bedéngt duerch déi zwee Avisen, sinn ënner anerem folgend Punkten, déi am initiale Projet virgesi waren, gestrach ginn.

1. De Contrat à durée déterminée, fir eng Period vun iwwer zwee Joer. De Statsrot hat zwar hei am Prinzip säin Accord zu där geplangter Moosssnam ginn, mä am Endeffekt hu mer et awer fale gelooss, net zulescht och wéinst de kritesche Bemierkunge vun der Chambre des Fonctionnaires. Ech wëll op dëser Plaz allerdéngs bemierken, datt natierlech de Problem vun de Remplacementen domadder net geléist ass.

2. D'Period vun 12 op 18 Méint eropzesetzen am Kader vun engem Krankecongé. De Conseil d'Etat war der Meenung, dës Dispositioun wär géint de Prinzip vun der Gläichheet virum Gesetz, well déi envisagéiert Period net am Code des Assurances sociales virgesi wär.

3. Déi individuell Klasséierung vun den Employéen duerch de Minister.

4. D'Ausdehnung vum Gesetz vum 19. Mäerz 1988 iwwert d'Sécherheet an den öffentlichen Verwaltungen op d'Etablissements publics. Am ursprüngleche Projet war och virgesinn, fir d'Familljenzoulag op net bestuete Koppelen auszudehnen. De Statsrot huet sech och net géint déi Mesure opposéiert, mä och dat hu mer fir de Moment am Suspens gelooss aus där ganz ein-

facher Ursaach, well d'Gesetz bis zu dësem Zäitpunkt iwwert de Partenariat nach net gestëmmt ass. Dee Moment wou dat Gesetz gestëmmt ass, kann een dat heiten da roueg nohuelen.

Vill an der Diskussioun war an ass jo och d'Nomination fir eng begrenzten Zäit op e Poste mat spezieller Verantwortung, zum Beispill Verwaltungsdirekter oder en Direkter vun engem Lycée. A sengen zwee Avisen huet de Conseil d'Etat ëmmer erëm en Hoer an der Zopp fonnt, fir dës Neierung, ouni Zweifel ee vun den Haaptelementer vun neie Statut, net ze akzeptéieren. Virun allem war de Statsrot der Meenung, datt de Projet de loi net géing Differenz maachen tëschent der Nominatioun op eng Föktioun an d'Affektatioun op eng bestëmmte Plaz.

Och d'Chambre des Fonctionnaires huet sech géint dës Moosssnam ausgesprach. D'Regierung ass awer der Meenung, datt ee soll un deem Punkt do festhalen. Et muss ee vläicht hei awer och nach eng Kéier preziséieren, datt wann eng Désignatioun op e Posten zu Enn kënnt, da verléiert de Beamten zwar dee Posten, awer net d'Föktioun op déi hie genannt gi war.

An der Sitzung vum leschte 17. Abrëll hu mer eis an der Kommissioun eestëmmege, mat Ausnahm vum ADR-Vertrieeder, dee sech enthalen hat, dofir ausgeschwat, fir dëse Volet vun de Postes à responsabilité particulière aus dem Projet de loi eraus ze huelen. D'Regierung wäert an noer Zukunft en zousätzleche Projet déposéieren, dee sech just dann nach wäert mat dësem Punkt ofginn. Dat erlaabt et och, déi genee Aschreiwung vu spezifische Konditiounen a Kritären, wat dës Punkten ubelaangt, virzehuelen.

Well et de Wunsch ass fir dat Gesetz, wat mer haut diskutéieren, och esou séier wéi méiglech ëmzesetzen, hu mer eis dofir fir dës Prozedur ausgeschwat. Ech wëll op dëser Plaz drop hiweisen, datt hei zu Lëtzebuerg d'Limitatioun vu Posten iwwregens scho besteet, an zwar gëtt de Gros vun den Direktere vun den Etablissements publics, sief dat Post, sief dat Spuerkeess, sief dat de Commissariat aux assurances, oder sief dat CSSF, fir eng begrenzten Zäit nominéiert.

Et ass och nach hei ze ernimmen, datt d'Regierung net manner wéi 14 Projets de règlements grand-ducaux un de Projet de loi annexéiert hat, wat et eis och erlaabt huet an der Diskussioun méi an den Detail vun deenen eenzelnen Dispositiounen ze goen.

Ech wëll awer och hei nach op den Aspekt vun der Bedeelegung vun den Net-Lëtzeburger am öffentlichen Déngscht agoen. Den 2. Juli 1996 war eist d'Land jo vum europäesche Gerichtshaff condemnéiert ginn, fir säin öffentlichen Déngscht den EU-Bierger opzemaachen. Dorops gouf duerch Décisioun vum Regierungsrot vum 5. a vum 10. Juli 1996 den Aarbechtsgrupp „libre circulation“ agesat. Dëse Grupp huet déi Ministère festgehale, wou auslännesch Matbierger kënne schaffen. Och een neit groussherzoglecht Reglement léischt déi Verwaltungen an Etablissements publics op, wou d'Kenntnis vun där enger oder där anerer administrativer Sprooch net méi noutwendeg ass. Dëst Gesetz trëtt iwwregens den éischten Dag vun deem Mount a Kraaft, nodeems et am Mémorial publizéiert gouf, mat Ausnahm vun den Dispositiounen iwwert de Regierungscommissaire an déi iwwert den Aarbechts- a Kontrolldokter. Déi lescht genannte Regelungen trieden allerdéngs eréischt den éischten Dag vum véierte Mount a Kraaft, nodeems se am Mémorial publizéiert waren.

Fir verschidden Dispositiounen vum Gehältergesetz gëllen nach aner Datumen, op déi ech awer elo net hei am Detail wëll agoen.

Fir dëse Rapport awer komplett ze maachen, wëll ech och nach drop hiweisen, datt eis sozialistescht Kolleegen an der Sitzung vum leschte 27. Mäerz nach e Froekatalog ënnerbreet haten. Ënner anerem ass et iwwert d'Remplacemeter, d'Kompetenze vum Regierungscommissaire fir d'Disziplinärinstruktoune an den Aarbechtsdokter gaangen.

Här President, Dir Dammen an Dir Hären, ech wëll ofschléissend nach all deene Leit, déi beim Zustanekomme vun dësem ganz wichtege Gesetzesprojet eng Hand mat ugepaakt hunn, virun allem de Beamten aus dem Ministère, dem Sekretär vun eiser Kommissioun a virun allem dem Jean Lammour aus der DP-Fraktioun, e ganz grouse Merci soe fir hir konstruktiv Aarbecht.

Am Numm vun der Kommissioun géing ech lech och dofir bieden, dësem Projet Är Ënnerstëtzung ze ginn.

Ech soen lech merci.

M. le Président.- Als éischten Diskussionsriedner ass den Här Paul-Henri Meyers agedroen. Den Här Meyers huet d'Wuert.

Discussion générale

M. Paul-Henri Meyers (CSV). - Här President, Dir Dammen an Dir Hären, fir d'éischt wëll ech dem Rapporteur fir säin ausgezeechente schréfflechen an och mündleche Rapport merci soen. Dat wäert deene Riedner, déi duerno kommen, erlabe fir sech op aner Problemer ze konzentrieren, well en eis dat Wesentlecht aus deem neie Projet kloer an däitlech exposéiert huet.

De Projet iwwert de Statut vum Statsbeamten ass ee wichtege Projet. D'Chamber vun de Fonctionnaires huet selwer an hirem Avis geschriwwen, et wier d'Charte fondamentale vun dem Statsbeamten, an dat ass och richtig. Et ass d'Kärstéck vun de Relatiounen tëschent dem Stat an de Leit, déi beim Stat schaffen. An dofir ass et och net aussergewéinlech, dass dee Projet hei vun der Berufschamber vun de Fonctionnaires mat enger ganz grousser Akribie ënnersicht ginn ass, an dass se och déi Punkten, déi se als wesentlech ëmfënnt, verteidegt huet a sech dofir agesat huet, dass dee Statut an där Form wéi mer e kennen, a wéi déi Relatiounen mussen bestoen, fir dass déi wesentlech Punkten erhale bleiwen.

De Statsrot huet sech ausféierlech mam Projet auserneegesat. Och dat ass ze begrëssen. Fir mech ass dat erfreeschlech, dass hei am Zesummespill vun den Institutionen en Text esou kann ënnersicht ginn, wéi dat muss sinn. Dat ass keng Kritik, mä dat soll ee begrëssen, an do gesäit een och dass mer an engem wierklechen demokratesche Stat liewen, well eng Demokratie, Dir Damen an Dir Hären, Här President, leeft zum Deel aus der Kritik. An déi positiv Kritik, déi och kënnt, soll ee sech zu Härz helen, well dat bréngt eis virun, an et soll een och net doraus schléissen, dass dat en negatiivt Bild vun den Institutione géif ginn.

De Statut stellt also d'Kärstéck duer vun de Relatiounen tëschent de Beamten an dem Stat, mä de Statut regelt net eleng déi Relatioun. Et ginn nach aner Dispositionen, déi iwwert dem Statut stinn, an ech erënneren hei un eenzel Dispositione vun der Verfassung, déi och de Statsrot rappeleiert huet, an déi de Statsrot dozou geféiert hunn, fir sech formell ze opposéieren, dass eenzel Dispositionen an dat Gesetz géifen erakommen. D'Artikelen déi an der Verfassung stinn, et sinn der eng ganz Rei, et sinn haaptsächlech d'Artikelen 10 bis, 30, 31, 35, 76, 92, 93 a gegebenenfalls och nach aner, déi net spezifesch sech op d'Fonction publique bezéien.

Ech erënneren och drun, dass an den Texter vun der Europäescher Unioun, notament an dem Traité vu Roum, den Artikel 48 sech och ausféierlech mat der fräier Zirkulatioun vun de Leit an der Communauté ofgëtt, an dass och do d'Statsbeamten zum Deel drënner falen, esou dass och Lëtzebuerg, esou wéi de Rapporteur et gesot huet, no enger Condamnatioun e Gesetz abruecht huet, wat a Kraaft getrueden ass a wat eng Rei vun Domäne fir d'Fonction publique opgemaach huet.

Dir Dammen an Dir Hären, wann een de Statut vum Statsbeamten analyséiert, da kënnt een an enger grëffeger Form dat heite soen, dass de Beamten am Déngscht vum Stat, am Déngscht vun der Allgemainheet ass, mä dass de Stat net eleng am Déngscht vum Beamte steet. Ech mengen, dat mussen mer eis och virun Aen halen an dat muss och deen eenzelne Beamte sech virun Aen halen, wann hien an den Déngscht vum Stat trëtt, well hien ass am Déngscht vun alle Matbierger.

Wat sinn elo déi verschidden Dispositionen, déi duerch dat Gesetz hei geännert gi sinn? Ech wäert versichen an e puer Domänen de ganzen Text ze regruppéieren an e puer Domäne besonnesch ervirzehiewen.

En éischten Deel betrëfft, wat ee géif soen, den Accès à la fonction publique, de Recrutement an och d'Formatiounen. Do muss ee schonn direkt den Artikel 10bis vun der Verfassung rappeléieren, dee seet, datt d'Lëtzebuurger gläich si virum Gesetz an dass se alleguer admissibel si fir all öffentlech Emploien, civils ou militaires. Den Text fëgt bai - et ass en Text, dee relativ zentert ass -, datt d'Gesetz déterminéiert wéi Net-Lëtzebuurger an d'Fonction publique kënne erakommen.

Et ass dee Prinzip, dee mer eis mussen virun Aen halen, wa mer déi Dispositionen, déi sech ofgi mat dem Accès à la fonction publique, ënnersichen. Duerfir kann een och nëmme begrëssen, dass an deem Deel, deen den Accès à la fonction publique betrëfft, e puer Klärungen erakomm sinn, déi gutt sinn an déi och all Arbiträr, esou wéi de Rapporteur et och gesot huet, ausschléissen. Eng Disposition betrëfft den Alter, deen eropgesat ginn ass op 45 Joer, awer domat ass et Schluss. Eng aner Méiglechkeet gëtt et net méi. Domat weess och jiddereen, dass do keng Ausnahme gemaach ginn an domat gëtt och de Prinzip vun der Gläichheet virum Gesetz a mengen Ae respektéiert. Allerdéngs muss een och hei derbäifügen, dass fir verschidden Emploien, notament bei der Police, den Alter vun 30 a 35 Joer gëllt.

Eng zweet Disposition, déi nei ass, ass d'Méiglechkeet vu Beamte fir de Service public erëm ze réintégréieren, wa se a Pensioun gaange sinn. Do spillt den Intérêt de service. Déi Décisioun muss relativ séier geholl ginn. D'Gesetz gesäit och vir wat dee Beamten, deen erëm, nodeem e pensionéiert war, an den Déngscht zrëckkënn, wat heiandsdo noutwendeg ass, wat och am Hëllef op Obligatiounen, déi de Stat huet an am Intérêt public noutwendeg ass, dass déi Leit zrëckkommen, verdéngt. D'Indemnitéit an d'Pensioun zesummen dierfen net iwwer 10% vun deem fréiere Gehalt erausgoen.

D'Bestëmmunge ginn duerch e Règlement grand-ducal fixéiert an dee Règlement grand-ducal muss sech selbstverständlech un déi allgemeng Regeln halen, déi och hei am Gesetz virgesi sinn.

Da gesäit den Text vir, dass de Stat Leit rekrutéiere kann, déi eng besonnesch Expérience professionnelle hunn. Hie kann duerfir an de Secteur privé goe fir Leit an d'Fonction publique eranzehuelen, déi hie gegebenenfalls brauch.

Ech muss lech ganz éierlech soen, d'Fro stellt sech éischstens emol, ob, wann esou Leit gebraucht ginn, déi Posten da mussen ausgeschriwwen ginn, fir de Prinzip vun der Gläichheet virum Gesetz ze wahren, well jo jiddereen, deen d'Bedingungen erfëllt, Accès zu esou engem Poste kënnt hunn, a wann dee Posten ausgeschriwwen gëtt an et ass kloer déeterminéiert wat d'Kritäre si fir dee Posten ze occupéieren, dass dann natierlech selbstverständlech och all Beamten, dee mengt hien hätt déi néideg Expérience, sech ka mellen, an dann ass et un der Regierung fir ze decidéieren wien déi néideg Capacitéiten huet fir deen dote Posten ze besetzen.

Ech mengen, dat do wäerten Ausnahmeregelunge sinn, déi net déi allgemeng Dispositionen, déi mer fir d'Fonction publique kennen, ausser Kraaft setzen. Et sollen och Ausnahmeregelunge bleiwen an de Stat soll à même sinn, wann hie selwer keng Leit huet, déi eenzel Poste kënne besetzen, fir och op aner Leit am Secteur privé an Ausnahmefäll kënne zrëckzegräfen.

Ech wëll dann awer e Punkt hei nach uschniden, deen och vum Rapporteur ugeschnidde ginn ass, wat den Accès à la fonction publique ugeet, dat ass dee vun Net-Lëtzebuurger. Mir wëssen, dass dee Problem bei ville Beamten haut mat gewëssen Appréhensiounen verbonnen ass. Mir wëssen och, dass d'Berufsvertretung, d'CGFP, och do hir Bedenken huet fir Net-Lëtzebuurger an d'Fonction publique eranzehuelen, wat zu enger Verfrimmung vun der Fonction publique féiere kënnt.

Ech mengen net, Här President, dass wa mer vun den Net-Lëtzebuurger schwätzen, déi an d'Fonction publique kënne kommen, dass dat Leit sinn, déi vu Berlin, vu Stockholm oder vu Madrid hei op Lëtzebuerg komme fir hei Statsbeamten ze ginn. Mir hunn awer an eise Land en anere Problem mat deem mer eis mussen ausernee setzen, dat ass déi grouss Zuel vun Net-Lëtzebuurger, déi hei am Land wunnen, eng Zuel déi permanent zouhëlt.

Ech dierf nëmmen drun erënneren, dass mer an eise Schouklasse bis zu 50% a méi Net-Lëtzebuurger hunn. Kanner, déi hei am Land gebuer sinn, déi mat de Lëtzebuurger Kanner, wann ech dat esou ka soen, zesummen hir Schoule maachen, déi en Attachement hunn un eist Land, deen heiandsdo méi grouss ass wéi dee vun eisen eegene Kanner, déi also eigentlech ausser der Nationalitéit, géif ech bal soen, all Bedingungen erfëlle fir och an der Fonction publique déi Aufgaben ze iwwerhuelen, déi mer eigentlech de Lëtzebuurger reservéieren.

Et ass e Problem, dee sech fir eis Lëtzebuurger Gesellschaft stellt, deem mer eis net kënne verschléissen a mir dierfen och net a mengen Aen hei eng Attitud anhuele wéi wa mir an enger Festung séizen, an dass mer den Terrain dobaussen aneren iwwerloosse géifen. De Problem muss positiv ugaange ginn an et muss een och kucke wéi een de Problem ka léisen. Ganz sécher ass et esou, esou wéi d'Evolution och vum europäesche Recht sech mécht, dass et bei deenen Domänen, déi elo op si fir d'Net-Lëtzebuurger an der Fonction publique, dass och déi Domäne wäerten ausgedehnt ginn, well mir kennen d'Jurisprudenz vun Europäesche Gerlichthaff a mir sollen, wéi gesot, och dee Problem do positiv ugoen an Dialog selbstverständlech mat dem Verrieder vun der Fonction publique.

Dee Problem wäert och en anert Gesiicht kréien, dee Moment wou

mer bereet sinn den Net-Lëtzebuurger et ze erlaben, dass se eng duebel Nationalitéit kënne kréien, well dee Moment ass et evident dass och een, deen eng duebel Nationalitéit huet, selbstverständlech och all Accèsen huet zu der öffentlecher Fonction.

(Interruption)

Selbstverständlech muss dann en aneren Text gemaach ginn. Et muss jo och en Text gemaach gi fir de Problem vun der duebler Nationalitéit.

(Interruption)

Här Fayot, d'Gesetzgebung ass näischt Statesches. Et ass eppes, wat an Evolution ass. En Text kann ëmmer erëm ugepasst ginn, wa sech eng Majoritéit an der Chamber fënnt, fir deen Text ofzeännere.

Plusieurs voix.- Très bien.

M. Paul-Henri Meyers (CSV). - En zweeten Domän betrëfft d'Droits et devoirs vun de Statsbeamten, wou ganz oft no baussen ëmmer nëmmen op d'Droit gepocht gëtt an net esou séier op d'Devöiren.

Déi zwee sinn awer gläichwäerteg. A wann een e gesond Verhältnis zu der Fonction publique huet, an ech géif menge meng Partei hätt dat, da brauch ee sech och net ze scheie fir och op Verpflichtunge vum Statsbeamten hinzewiesen.

Wann een Droits et devoirs seet, da muss ee wëssen, dass no baussen de Statsbeamten d'Bild vun der Fonction publique duerstellt. De Beamten ass souzesoen d'Gesicht vum Stat, well de Stat u sech huet kee Gesiicht. De Statsbeamte stellt dat Gesiicht duer, an de Bierger dobaussen uerteelt dat wat de Stat mécht, nodeem wéi och d'Statsbeamte sech behuelen a wéi se hir Aufgaben erfëllen. Dofir ass et och wichtig, dass déi Dispositionen am Text dra sinn, dass och hei verschidden Upassunge gemaach ginn. A wann ech vum Gesiicht geschwat hunn, da wëll ech awer och soen, de Statsbeamten ass och d'Stëmm vum Stat. En ass d'Stëmm vum Stat, well iwwer hien d'Kommunikatioun mam Bierger geschitt. An do ass et och wichtig, dass déi Kommunikatioun gutt ass. Ech muss och soen, dass an deene leschte Jore ganz vill an der Fonction publique gemaach ginn ass, fir dass déi Kommunikatioun vun den öffentleche Verwaltungen zum Bierger wesentlech verbessert gëtt, an et gëtt och dobausse vun de Leit apprécieiert.

De Statsbeamten ass awer och d'Hand vun der öffentlecher Funktion. Engem eng Hand reechen, wëll soen him hëllefen. Him entgéint kommen. Et si Leit, déi denken ëmmer nëmmen un een Zeechen. Eng Hand reechen wëll och bedenken, dass een dem Bierger hëllef, dass een en, wann e bei d'Verwaltung kënnt, net ofweist, mä dass een him hëllef fir déi Rechter, déi en huet, och ze erreechen. An ech kann lech soen, dass et Verwaltunge gëtt, notament an der Sécurité sociale, déi de Prinzip hunn, dass wann Dispositionen do sinn, déi kënne verschidentlech interpretéiert ginn, dass se ëmmer esou sollen interpretéiert ginn, dass se am Intérêt vum Bierger sinn, well et gëtt nämlech och Verwaltungen déi de Contraire maachen, an déi eng Interpretatioun huelen, déi net noutwenigerweis am Intérêt vum Bierger ass. Et ass also eng wichteg Saach, wann een dat dote ka maachen, dass een och den Intérêt vum Bierger gesäit an him hëllef, dass en zu senger Rechter kënnt.

Déi Dispositionen iwwert d'Verpflichtunge vun dem Statsbeamte ginn also iwwert dat eigentlech eraus, wat den Text seet. Et ass u sech de ganze Comportement, et ass déi Aart a Weis wéi ee sech an der Erfëllung vun sengen Aufgabe behëlt, wéi och de Statsbeamten dobausse gesi gëtt.

Den Text huet am Intérêt vun de Rechter vum Statsbeamten den Härelement sexuel et moral ageféiert, wat gutt ass, wou ee sech allerdéngs muss froen, wann deen Text zur Uwennung kënnt, ob dat net zu Schwierigkeete wäert féieren.

Den Text vum Gesetz huet och Dispositionen iwwert d'Disponibilitéit vum Statsbeamten ageschriwwen, iwwer seng Indépendance, seng Neutralitéit, an en huet domat och gläichzäiteg dat, wat am Text „occupation accessoire“ genannt gëtt, méi kloer ëmschriwwen. Dat ass och gutt, well et oft an der Vergaangenheet zu ënnerschiddlechen Interpretatiounen geféiert huet.

Esou, wéi de Rapporteur gesot huet, besteet elo d'Méiglechkeet vun engem Ordre de justification. Ee Beamten, dee mengt e wär a sengem Recht, oder wann eng Differenz entsteet tëschent dem Virgesetzten an dem Beamten, kann de Virgesetzten en Ordre de justification froen, fir dem Beamten d'Méiglechkeet ze gi sech ze justificéieren an déi Aart a Weis wéi e sech beholl huet och duerzeleeën. An déi, déi d'Zeitung vun der CGFP opmierksam gelies hunn, hunn an der leschter Nummer een esou e Beispill kënne noliessen, wou eng Relatioun tëschent dem Virgesetzten a sengem Beamte vläicht hätt kéinte vermiede gi mat där heiter Disposition.

En drëtten Domän op deen ech wëll agoen, dat ass dee vun der Organisation vun der Aarbecht. Den Text huet den Télétravail ageféiert. Dee muss weider duerch Modalitéiten ausgedäitscht ginn, allerdéngs huet awer d'Chamber vun de Fonctionnaires schonn drop higewisen, dass et Verwaltunge gëtt, wou den Télétravail besteet, an dass een op déi Expérience vun där Verwaltung, notament d'Post, kann zrëckgräife fir ze gesinn, wéi dat sech entwéckelt huet. Et ass elo virgesinn, dass Projets-pilote solle gemaach ginn. Et ass och wichtig, well hei eng Rei Punkten nach net gekläert sinn, déi och de Rapporteur ugeschwat huet, notament dee vun der Protection vun den Données personnelles.

Dann huet awer d'Gesetz een Domän, dee virun 20 Joer nei an de Statut erakomm ass, wesentlech verbessert, de Congé sans traitement an de Congé pour travail à mi-temps. Et kann een haut soen, dass déi Dispositionen an deem do Domän voll a ganz akzeptéiert sinn. Wéi se ageféiert gi si waren Appréhensiounen do, zu wat dat géif féieren. Et wat ëmmer geduecht fir d'Relatiounen, déi de Statsbeamte vis-à-vis vun der Verwaltung huet a seng Aufgaben doheem an der Famili an Aklang ze bréngen. Et kann ee soen, dass haut vill Beamte vun deenen dote Mesurë profitéieren an dass et net der Verwaltung geschuet huet, au contraire. Do wou Leit och nëmmen hallef Deeg schaffen, erfëlle se voll a ganz hir Aufgaben, an dofir ass et net méi wéi richtig, dass och elo an deem Text hei verschidde Verbesserungen abruecht gi sinn, notament dass déi Aktivitéite voll a ganz an als Service intégral considéiert gi fir d'Avancemeter a fir d'Promotioun, an och bei dem Travail à mi-temps eng Period vun zéng Joer fir d'Pensioun.

Déi Verbesserungen, déi d'Regierung abruecht huet an dësem Domän, hunn allerdéngs net dovun ofgehele fir och nach op een neie Wee ze goen, dat ass dee fir de Service à temps partiel anzeféieren, deen et dem Statsbeamten erlaabt 25, 50 oder 75% vun der Tâche complète ze schaffe mat engem deementsprechende Gehalt. D'Prestatiounen, déi mussen allerdéngs deeglech prestéiert ginn, dat heescht, dass een e gewëssen Deel all Dag nëmme schafft, mä et kënne awer Ausnahme gemaach ginn, wann den Intérêt du service dat erlaabt. Ausgeschloss vun deene Mesurë sinn d'Stagiieren. Et kann een net e Stage zu 25% maachen oder zu 50%. Wann

dat de Fall wär, wär de Stagiaire amplaz zwee Joer natierlech aacht Joer am Stage, wat ee sech kaum ka virstellen. Ausgeschloss sinn natierlech och déi Leit, déi elo schonn de Congé pour travail à mi-temps oder de Congé sans traitement hunn. Ausgeschloss ginn och d'Bénéficiaire vum Congé parental, deen iwwregens elo an de Statut verankert gëtt an domat fir de Statsbeamte voll a ganz och ka spillen.

Eng Dispositioun, déi och nei erakomm ass, dat ass déi dass déi, déi e Congé sans traitement hunn, déi bis elo weider an der Verwaltung geféiert si ginn, déi hunn eigentlech den Avancement vun deenen déi hannendru ware blockéiert, an dat huet zu Onge-rechtegkeete geféiert, zu Onrouen och, an dofir ass et gutt dass elo déi Leit hors cadre gesat ginn. Do-duerch blockéiere se d'Kollegen net méi.

Wat och gutt ass, dat ass d'Méig-lechkeet fir erëm eran ze kommen. Well dat war eigentlech u sech eng Ongerechtegkeet. A grouss Ver-waltungen, wou vill Plazen opginn, war et liicht fir een neie Posten ze fannen, während a klenge Verwal-tungen, wou net vill Leit sinn, war et schwieereg fir dass ee Beamten, deen e Congé pour travail à mi-temps hat, erëm ganz konnt schaf-fen, oder ee Congé sans traite-ment, dass en iwwerhaupt erëm an d'Verwaltung konnt erakommen. An et sinn der do déi jorelaang ge-waart hunn, obscho se erëm hätte kënnen ufänke mat schaffen, bis se erëm an d'Verwaltung konnten zrëckkommen, während Kollegen aus anere Verwaltungen direkt konnten ufänken. Dat ass eng Iné-galitéit, déi heimat behuewen ass, déi och behuewen ass doduerch dass d'Méiglechkeet geschaaft gëtt, wann een nom Congé sans traitement erëmkënn, dass een och e Changement d'administra-tion ka maachen a froe fir an eng aner Verwaltung iwwerzeweisse-len. Begréissenswäert ass och de Recyclage, dee fir déi Leit virge-sinn ass, déi zrëck an d'Fonction publique kommen an do eventuell konfrontéiert si mat neien Aar-bechtsweisen, mat neie Gesetzer, fir ze erlaben dass se voll a ganz hir Aufgaben erfëllen, ass et also ze begrëissen, dass och hei eng Formatioun virgesinn ass.

Wat d'Aarbechtsregelung ugeet, stong am Regierungsprogramm eng Dispositioun, dass ähnlech wéi bei de Gemengen, wou Bierger-zentre geschaaft si ginn, fir dem Bierger méi no ze kommen, fir em och ze erlaben eng ganz Rei Auf-gaben direkt op enger Plaz ze täte-gen, dat heescht, wann e méi Rela-tiounen huet mat der Verwaltung, dass en dat op enger Plaz ka maa-chen. Den Text gesäit nâischt dora vir. Et ass awer nâischt wat verhë-nert, dass d'Regierung och an déi do Richtung géing goen a probéie-re géif, op jidde Fall emol duerch Projets-pilotes, fir duerch esou Biergerzentre beim Stat och dem Bierger méi no ze kommen, wat al-lerdëngs och géif bedeuten, dass d'Aarbechtszäiten eventuell mis-sen e weéneg anescht geregelt ginn, esou wéi mer dat och bei de Gemenge gesinn, wou een eventu-ell muss och samschdes moies disponibel sinn, wou een och emol iwwert déi normal Aarbechtszäiten eraus muss disponibel sinn, fir am Intérêt vun Bierger eenzel Déngschter kënnen unzëbiden an och dem Bierger ze erlaben déi normal Relatiounen mam Stat gutt an einwandfrei ze regelen. Well et ass wichteg, dass och de Bierger an direktem Kontakt mat dem Be-amte ka kommen an dass de Be-amten, esou wéi ech virdu scho gesot hunn, him kann hëllefen eenzel Formularen oder eenzel Aufga-ben ze erfëllen.

E véierten Domän, deen zum Deel nei geregelt ginn ass, dat ass d'Protectioun vum Statsbeamte selwer. De Statsbeamten huet Ver-flichtunge vis-à-vis vum Stat a vis-à-vis vum der Allgemengheet an op

där anerer Säit ass de Stat obli-géiert och de Beamten, deen am öffentliche Déngscht ass, an also am Kontakt ass mat dem Public, ze protégéiere géint eenzel Con-duiten, deenen e kann ausgesat sinn, notamment dass e Verleum-dungen oder Attacke kann ausge-sat sinn. Dofir muss och de Stat seng Beamten a Schutz huelen. Hei kënnt derbäi, dass och de Stat obligéiert gëtt am Fall vun Harcèle-ment sexuel et moral dem Statsbe-amten déi néideg Protectioun ze ginn.

Nei ass och, d'Mataarbechterge-sprécher. Allerdëngs esou wéi och d'Berufschamber et schonn an hi-rem Avis gesot huet, huet nâischt bis elo d'Verwaltnge verhënnert, fir esou Gesprécher ze féieren an et gëtt och eng ganz Rei Verwal-tungen, wou Décisiounen am Kon-takt tèschent der Direktioun an deenen eenzelne Beamte getraff si ginn a wou och regelméisseg esou Réuniounen stattfonnt hunn. Ech mengen, dass dat elo ageféiert gëtt, ass wierklech ze begrëssen. Allerdëngs stellt ëmmer nach d'Fro sech: Wat geschitt wann d'Direk-tioun keng esou Mataarbechterge-sprécher féiert? Ass dat eng Èner-loosung? Ass dat eng Faute grave? Wéi kann een d'Direktioun vun eenzelne Verwaltungen dozou féieren, dass déi do Dispositioun och vum Statut Wierklechkeet gëtt an dass den Dialog tèschent der Direktioun an de Beamten och hier-gestallt gëtt.

Ze begrëissen ass och d'Schafung vum Délégué à l'égalité entre hom-mes et femmes. Et sinn déi zwee, well zu enger gudder Gesellschaft gehéiere Mann a Fra, wa se och ënnerschiddlech sinn, si gehéieren allenzwee dozou. Et soll een dat soen an och Männer brauchen hei-ansdo en Délégué à la protection des chances.

(Interruption diverses)

Domat ass d'Fra net ausgeschloss, mä et soll een dat hei net falsch in-terpretéieren.

E fënneften Domän, wat e bëssen als Haaptpunkt vun där Reform ugesinn ass ginn an och duerge-stallt gëtt, dat sinn déi disziplina-resch Moossnamen oder d'Anne-runge wat d'Disziplinarrecht be-trëfft.

Et bien, Här President, ech menge soen ze kënnen, dass zu Lëtze-burg hei e ganz grouss Prozentsaz vun de Beamte gutt Beamte sinn, an dass een net dat hei elo soll duerstellen, wéi wann hei per-manent disziplinaresch Moossna-me getraff si ginn.

Déi, déi aus der Verwaltung kom-men, wëssen dass dat d'Ausnahm ass an dass een eigentlech ka soen, dass méi wéi 95% vun de Beamte gutt Beamte sinn, déi hir Aufgabe voll a ganz erfëllen. Dofir soll een och net, obschonn een hei driiwwer schwätzt, awer esou maa-chen an och eventuell e falscht Bild no bausse ginn, wéi wann dat elo onbedéngt noutwendeg wier, fir do aner Mesuren ze treffen.

Déi Ännerungen, déi geholl ginn, betreffe jo haauptsächlech d'Aféie-rung vun engem Commissaire, dee chargéiert gëtt mat der Instruction disciplinaire. Déi Mesure ass och vu Gewerkschaftssäit zënter Jor-zéngte gefuerdert ginn, aus der Suerg eraus dass och all Beamten, well deeselwechte Commissaire all Affäre soll suivéieren, d'selwecht soll behandelt ginn. Et ass also eng Suerg, eng Egalité de traitement.

Eng zweet Suerg ass déi vun der Indépendance, dass och all Fall mat darselwechter Indépendance, mat darselwechter Suergfalt a mat dem Respekt och vun de Rechter vun deem, deen der Disziplinarpro-zedur ënnerläit, och jiddereen nom selwechte Mooss traitéiert gëtt.

An dann drëttens, mengen ech, doduerch dass e Beamte char-géiert gëtt, deen haaptamtlech dat do mécht, kënnt et och net méi, wéi dat an der Vergaangenheet ganz oft de Fall war, zu Prozedursfeeler.

Well eng Verwaltung, déi ni eng Disziplinaraffär hat, déi op eemol huet missen esou eng Affär lan-céieren, do si ganz oft Prozedurs-feeler gemaach ginn, déi net am Intérêt vun der Verwaltung a be-sonnesch och net am Intérêt vun deem war, dee concernéiert war. Dofir ass déi hei Mesure ze be-grëssen an et kann een och bal nëmmen Avantagen aus där doter Mesure erausliesen.

Wat sinn elo d'Aufgabe vun deem Commissaire? Hie gëtt informéiert an hien informéiert och de Fon-cionnaire iwwert d'Prozedur déi uleeft. Dat ass e Grondrecht, dat een huet, dass ee weess, dass eng Disziplinarprozedur ugelaft ass. De Beamte muss doriwwer informéiert ginn. Wann de Commissaire mengt, dass déi Faiten, déi him zougedroe si ginn, net wichteg wa-ren, oder net Ulass ginn zu enger Disziplinarprozedur, da kann en den Dossier klasséieren. Hie kann awer och gläichzäitig aner Mesu-ren huelen. Wann e mengt, dass de Beamte misst suspendéiert ginn, kann hie selwer eng Mesure de suspension huelen. Hien instruéiert den Dossier, a wann en der Meerung ass, dass dat wat dem Beam-te virgeworf gëtt net esou wichteg war, kann e selwer déi ënnescht Strofe vun dem Avertissement, der Reprimande oder enger Amende, déi net iwwer e Fénneffell vun enger Mensualité brute vum Beamten erausgeet, aussprieche. Wann en der Meenung ass, dass dat wat dem Beamte virzeweifen ass méi important ass, da gëtt en den Dos-sier un den Disziplinarrot virun, deen aus Riichterem zesummege-sat ass, déi d'Affär, esou wéi dat bis elo de Fall war, instruéieren, déi dann zu enger Schlussfolgerung kommen. Wann de Beamten zu en-ger méi héijer Strof géif, wann ech emol esou ka soen, condamnéiert ginn, wa vum Disziplinarrot méi eng grouss Strof virgesi gëtt, da geet den Dossier mat där doter Dé-cisioun un de Verwaltungsdirekter zrëck, deen dann déi do Déci-sioun, déi do Entscheedung vum Disziplinarrot exécutéiere muss. Géif en dat net maachen, géif e sech a mengen Ae selwer fautif maachen a kënnt selwer enger Dis-ziplinarprozedur ënnerworf ginn.

Dir Dammen an Dir Hären, Här Pre-sident, dat sinn déi haauptsächlech Mesuren, déi de Statut betreffen. Et sinn dann an deem heite Gesetz awer och Mesuré geholl ginn iwwert d'Pensiounen. Do wëll ech ganz kloer soen, dass wann och 1998 Mesuré getraff gi si fir de Pensiounsregime vun de Statsbe-amten ze änneren, da wëllt dat awer net heeschen, dass déi Ge-setzer do net kéinte verbessert ginn.

De Statsbeamten, och deen deen ënnert deen ale Regime fält oder ënnert de Régime transitoire, huet d'Recht, wa vis-à-vis vum neie Re-gime oder vis-à-vis vum dem Régi-me de pension générale, deen och am Secteur privé Gültgkeet huet, Ännerunge kommen déi wesent-lech sinn a wou och de Statsbeam-ten e Recht drop huet, dann ass et net méi wéi legitim, dass och d'Ge-setzer iwwert d'Statsbeamten an deem Sënn ugepasst ginn. Wat déi Décisiounen ugeet, déi am Zesum-menhang mam Rentendesch a mat der Unerkennung vun de Babyjore getraff gi sinn, esou hu selbstver-ständlech och d'Statsbeamten déi-selwecht Rechter.

Ech gesinn net wéi een deene Leit, déi am Intérêt vun der Allgemeng-heet stinn, déi dote Rechter kéint refuséieren. Duerfir sinn och déi Verbesserungen, déi getraff gi sinn, déi och de Rapporteur schonn exposéiert huet, an deem Sënn ze begrëissen.

Et sinn, an domat wëll ech of-schleissen, e puer Mesuren aus dem Gesetzesprojet erausgehol

ginn, zum Beispill de Bénévolat, wou och d'Kommissioun vun Ufank un der Meenung war dat wier am Statut e Friemkörper an en hätt och mat all deene Schwieeregkeeten, déi dat stellt a gestallt hätt, nâischt am Statut verluer. Duerfir ass och ze begrëssen, dass en no dem Avis vum Statsrot aus dem Statut erauskomm ass.

En zweeten Deel, deen erausgehol ginn ass, ass dee vun der Nomina-tioun vun de Beamte mat Respon-sabilité particulière op Zäit, wou Nominatiounen vu bis zu siwe Joer virgesi waren. U sech ass dat eng Dispositioun, déi eigentlech mat der Grondopfaassung, wéi mir se haut vum Statut hunn, net ze ver-einbaren ass. Mir hunn zwar eenzel Verwaltungen, wou esou Nomina-tiounen gemaach ginn, allerdëngs kennen ech kee Fall deen opgrond vun deene partikuläre Gesetzer ge-nannt ginn ass, deen net méi ge-nannt gi wier. Déi sinn ëmmer erëm nei genannt ginn an et huet sech och ni d'Fro gestallt: Wat geschitt wann hien eng Kéier net méi ge-nannt gëtt, obschonn hien nach net am Pensiounsalter ass?

Et feelen eis an deem doten Domän eigentlech déi néideg Kritären. Wann een der Meenung ass, dass een awer op deen dote Wee goe soll, dass dat dee richte-ge Wee wär fir déi héijer Beamte méi staark an d'Responsabilitéit eranzehuelen, fir se méi ze moti-véieren, da muss een natierlech dat ausféierlech diskutéieren. Et muss een dat mat alle Konsequen-ze gesinn. Duerfir ass et och ze be-grëssen, a meng Partei begréisst dat och, dass d'Regierung bereet war fir deen doten Deel aus dem Gesetz emol erauszehuelen an en neien Text ze presentéieren, dee mer dann an aller Rou an net an der Hetz diskutéiere kënnen, wou mir och gesi kënnen, wa mir e soll-te stëmmen, ënner wéi enger Form dass e géif gestëmmt ginn a mat wéi enge Kritären a mat wéi enge Rechter och déi Leit do hir Ernen-nung oder Net-Ernenning kréie géifen.

Schlussfolgernd, mengen ech, kann ee soen: Deen Text, dee mir haut diskutéieren an iwwert dee mir ofstëmmen wäerten, ass e gudden Text. E moderniséiert de Statut. E gëtt de Beamten zousätzlech Rechter. E leet hinnen och compte tenu vun der Expérience nei Ver-pflichtungen op. Et kann ee soen, an domat wäert ech ofschleissen, dass et wëschenswäert wär, wann deen Text eng large Majoritéit géif fannen. Op jidde Fall kann ech hei d'Zoustëmmung vun der CSV zu deem doten Text bréngen.

Merci.

Plusieurs voix.- Très bien.

M. le Président.- Als nächste Riedner ass den Här Mars Di Bar-tolomeo agedroen. Den Här Di Bar-tolomeo huet d'Wuert.

M. Mars Di Bartolomeo (LSAP).- Här President, Dir Dam-men an Dir Hären, ech wëll dem Kolleg Paul-Henri Meyers direkt bezunn op säi Wonsch soen, dass och eis Fraktioun deen heiten Text stëmme wäert, net well en e grou-se Worf vun deser Regierung wär, mä well e bei alle Mängel eng Rei vu Verbesserunge fir d'Fonction publique bréngt, déi mer der Fon-cion publique net wëlle virenthalen.

Et ass keng legislativ Glanzleesch-tung mat där mer hei konfrontéiert sinn, well déi Aarbechten, déi hei gelaft sinn, an och den Text wéi en hei presentéiert gëtt, si gekennzee-chent vun enger Rei vu Verspei-dungen, vun doubelen Emploien, vu Mesuren, déi onvibereet no enger zweeter Phas vun Diskussiounen erakomm sinn, si gekennzeechent vun engem Rekord vun Opposi-tions formelles vum Statsrot a sinn net gekennzeechent, an do brauch een nëmmen den Avis vun der Chambre des Fonctionnaires noze-liesen, vun Dialog an Transparenz.

Doriwwer kann ee sech awer won-neren, well mer an deene regel-méissegem Entrevuen, déi all grouss Parteien hei am Haus mat där representatiivster Gewerk-schaft am Secteur public, der CGFP, huet, a viru ronn zwee Joer d'Impressioun haten an och kritt hunn, dass d'Regierung sech eens war mat der CGFP iwwert den In-halt vun dësem Projet. Mir ware wahrscheinlech grad esou iwwer-rascht wéi déi Betreffen, dass ëm-mer nei Mesuren erakomm sinn, dass net ofgeschwate Mesuren erakomm sinn, déi dann och déi Contestatioun bruecht hunn, dee relativ schaarken Toun bruecht hunn, insbesondere am Avis vun der Chambre des Fonctionnaires, wéi mir e kennegeléiert hunn.

Déi legislativ Aarbecht ass och ge-kennzeechent, wéi ech gesot hunn, vun neien Iddien, wou d'Regierung en neie Wee goe wollt, déi awer bal ausnahmslos d'Hürd vun de bero-denden Instanzen net geholl hunn. Ech schwätze vun den Iddie vun der Regierung a Saachen Aar-bechtsrecht, a Saache Bénévolat, a Saachen Durée déterminée fir d'Nominatioun vun de Postes à res-ponsabilité, tous azimuts, net nēm-men um politeschen, mä och um administrative Plang.

Dann de Projet vun der Regierung fir d'Allocation de famille op frai Partnerschaften auszudehnen, deen net virbereet war an do-duerch huet missen zrëckgezu ginn, och wann d'Iddi eng gutt war. Dann eng Rei vun anere Projeten oder Iddien, déi un den Opposi-tions formelles vum Statsrot ge-scheitert sinn.

Guer net ze schwätzen, nach eng Kéier, vun deem doubelen Emploi, dee geschitt ass, a Saachen Deelzäitaarbecht, wou en Accord mat der Foncion publique fonnt gi war 2002 fir déi Deelzäitaarbecht vu 25, 50 a 75% anzeféieren, wou d'Chamber hei e Projet de loi ge-stëmmt huet fir dat esou schnell wéi méiglech kënnen ze maachen, wou mir eis un d'Reprochen an un d'Awänn vum Conseil d'Etat erë-nneren, mä wou d'Regierung gesot huet: „Mir packen dat!“, an de Pro-jet hei der Ofstëmmung virbruecht huet, de Segen och bal unanime vun der Chamber kritt huet an dunn herno festgestallt huet, dass hiren Text net exécutabel war, well eng Rei vu Saachen hätte missen iwwer e Règlement grand-ducal geregelt ginn, déi awer a Wierklechkeet iwwer e Gesetz geregelt musse ginn.

An deem dote Beräich hu mer e Retard vun zwee Joer kritt, dat heescht zwee Joer laang hunn d'Leit op déi heite gutt Mesure am Intérêt vun der Conciliatioun vum Beruffsliewen an der Famill misse waarden, bis dass mir dann elo hoffentlech deen Text hunn, dee mar, wann d'Gesetz applicabel gëtt, och kann an d'Praxis ëmgesat ginn. An den Diskussiounen, déi mir haten, sinn eng Rei vu Froen op bliwwen.

Et muss ee feststellen, dass déi Aart a Weis, dat Formaalt, wat mer bei dësem Projet erlieft hunn, net dozou bäigedroen huet fir den Ima-ge oder dee Glanz vun de Res-ponsabelen an dem Ministère de la Foncion publique, haauptsächlech och vun deene politesche Res-ponsabelen an deem heite Beräich opzopoléieren, wou mer wëssen a wou mer erlieft hunn an deene leschte Joren, dass et eng grouss Differenz zwëschent Usproch a Wierklechkeet gëtt. Mir hunn erlieft, dass d'Praxis e bëssen aneschters ass wéi d'Oppositionstheorie, an dat kann ech un enger Rei vu Bei-spiller illustréieren.

(M. Niki Bettendorf prend la Prési-dence)

D'Pensiounsreform vun 1998, déi strikt vun der liberaler Partei ofge-lehnt ginn ass, ass net méi a Fro gestallt gi beim Antrëtt an d'Regie-rung. Mir hu virun enger Rei vu Méint d'Explicatiounen dofir kritt vum Här Rippinger. Mä no dem Vo-te vun dësem Statut a mat der Transpositioun vun de Mesuré vum

Rentendësch an dem Régime transitoire kann een net méi nëmme soen, dass keng Opposition méi do ass oder dass se net réckgäנגeg gemaach ginn ass, mä dass an der Zwëschenzäit déi liberal Verantwortlech déi Pensionsreform akzeptéiert hunn an och eng Rei vun Adaptatiounen maachen, net ze schwätze vun der versprochener Gehälterrevisioun vun 1999, wou virun e puer Méint, nodeem se ugekënnegt war, se mat dräi Häre begruewe ginn ass, wou dann elo d'Explication kënn, déi wirtschaftlech Situatioun ass net esou dass mer kënnen eng Gehälterrevisioun maachen. Mä mir wären net an déi dote wirtschaftlech Situatioun erakomm mat der Gehälterrevisioun, wann net während annerhalwem Joer quasi Funkstille an deem dote Beräich gewiescht wär, eng Kommissioun désactivéiert ginn ass, an och haut kann een duerchaus iwwer eng Revisioun diskutéieren, net nëmme fir Leit an der Hierarchie ze hiewen, mä fir reell existéierend Problemer um Terrain unzegoen. Ech schwätzen nëmme vun deem leidege Problem vun den Techniker. Also ugekënnegt, net realiséiert, an elo soll déi nächst Regierung dat nom Joer 2007 maachen.

An der Réforme administrative, soe mer et wéi et ass, ass d'Regierung stieche bliwwen. Si huet eng Rei vu Mesuren entaméiert, mä ausser enger ganzer Rei vun Etüden oder Auditen ass an der Praxis näischt passéiert, besonnesch net do, Här Statssekretär, an do bieten ech lech dat nozekucken, wou et de Clienten am wéisten deet, do wou de Client de Kontakt sicht an e ganz oft net féinnt, well eenzel Administratiounen ënnerbesat sinn oder well eenzel Abteilungen net dat Personal hunn, dat si brauche fir ze fonctionnéieren.

E ganz leidegt Beispill - wann Der wëllt kann ech lech et virspillen, Der kënn awer och den Telefon dréinen - ass dat Beispill vun der Caisse des allocations familiales, wou Der urufft a wou Der gesot kritt, mir ginn esou vill ugeruff, dass eis Leitungen all besat sinn. Op dräi Sproochen ganz gentilement. A wann d'Sprécherleche laanscht ass, da gëtt agehaangen. Dat heescht am Kloertext, rufft net méi bei eis un, kommt an de Schalter. A wa se dann alleguerten an de Schalter ginn, da fäerten ech, dass enges gudden Dags gesot gëtt, et kommen ze vill Leit bei eis an de Schalter, elo mussen mer och de Schalter zoumaachen.

Dat sinn déi Saachen, déi de Leit extrem wéi dinn, wa se an enger Waardeschläif dra sinn an et hält kee se. Dat si Klenggekeete, déi si méi wichteg fir den Image vun der Fonction publique wéi dee sechsten Audit, deen an engem Tirang lannt.

Wann ech gelift, Här Statssekretär, kuckt lech déi dote Saachen un. Dir hat et jo richtig ugepaakt mat Ärem Numéro vert, mä ech mengen de Numéro vert huet déi dote Problemer net konnte léisen.

Dann déi eng Rei vu Versprechen, déi am Rahme vun de Verhandlungen iwwert déi successiv Gehälteroffkommen gefouert gi sinn, a wou wuel dee Wichtigsten an den Ae vun der Fonction publique deen ass vum Statut vun de Mataarbechter vun den Etablissements publics. Do hunn ech mat ganz grousssem Interesse gelies gehat an deem leschten Accord salarial, dass d'Regierung der CGFP versprach hat fir de Statut public vun deene Beamten ze garantéieren.

Ech hu mer och erlaabt eng Question parlementaire ze stellen. Ech hu bis elo keng Äntwert. Ech géif gär wëssen, nodeem mer och alleguer zesummen op därselwechter Conférence des Comités souzen, wou déi Responsabel vun der CGFP dat gleewen, wat Der hinne gesot hutt, wéi séier dass mer dat doten dann elo kënnen an d'Praxis ëmsetzen, well dat ass ee vun dee-

ne Punkten déi wéi dinn an déi a Richtung schlächend Privatiséierung ginn, wou ech nach eng Kéier drop zrëck kommen. Datselwecht bei der Altersteilzeit, wou d'Regierung der representativster Gewerkschaft versprach hat, a wou mer bis elo näischt dovun gesinn hunn. Altersteilzeit net ze verwiesele mat Verlängerung vun der Aarbechtszäit am Alter, mä éischter a Richtung progressiven Antrëtt an d'Pensioun.

Wou, Här Statssekretär, sinn d'Viraarbechte vun der versprochener Pension complémentaire fir de Secteur public, ugekënnegt am Accord salarial vun 2000? Elo virun e puer Méint si mer gewuer ginn, dass een näischt ka maache bis 2003, bis dass d'Statistiken do sinn. Wann dat esou offensichtlech ass, firwat versprache mer dann esou eppes schon 2002, wa mer et eréischt 2003 kënnen halen.

Ech hunn et schonn ugedeit, déi schlächend Privatiséierung mat där mer an der Fonction publique konfrontéiert sinn, a wou ech ganz frou wär, wa mer déi Statistiken, déi Der amgaang sidd opzestelle bei den Aarbechter, mä awer och bei de Beamten, bei de Privatbeamten a bei Firmen, déi lues awer sécher de Wee an de Stat erafannen, well se méi bëlleeg kënnen schaffen a wat mer speziell bei deene sougenannte „petites mains“ fannen, wou een éischter bereet ass ze privatiséieren wéi bei héich spezialiséierte Beamten.

Dir gesidd also, Här President, Dir Dammen an Dir Hären, d'Praxis gesäit leider e bëssen anescht aus wéi d'Oppositionstheorie, a well mir dat wëssen, dass een an der Opposition net ze vill soll versprechen, mä dass een herno och doru gemooss gëtt wat ee realiséiert, hu mer eis net an eng Surenchère an der Fonction publique lancéiert, hu mer eis net et einfach gemaach an duebel esou vill ze fuerdere wéi ee ka realiséieren, mä mir hunn an eisen Aarbechtsgruppen, ënner anerem am Cercle Paul Wilwertz, eng Réflexion de fond gemaach iwwert d'Zukunft vun der Fonction publique, iwwert d'Zukunft vun de Fonctionnaires, iwwert d'Zukunft vum Service public.

Mir hunn deen éischte Volet vun eisen Aarbechte schonn op den Dësch geluecht a mir wäerten deen zweete Volet vun eisen Aarbechten an deenen nächste Wochen op den Dësch leeën, well mer eben iwwerzeegt sinn, dass et zwar gutt ass wéi an dëser Period geschitt ass, dass d'Fonction publique un der wirtschaftlecher Evolution bedeelegt ass - an da soen ech et nach eng Kéier, fir dass keng Mëssverständnisse opkommen, well et eng Kéier falsch interpretéiert gi war -, mä dass d'Fonction publique e bësse méi subtil ass wéi e Geldautomat, wou ee just brauch uewe Geld eran ze schéiden an automatesch ënne Stëmmen eraus kommen. D'Fonction publique ass méi subtil wéi dat, a si erwaart och Äntwerten op déi kruzial Froe mat deene se konfrontéiert ass. Do ass se bis elo op hirem Appetit stoe bliwwen.

(Interruption)

Ech sinn ëmmer dankbar fir esou Zwëscheriff vun lech, Här Graas, wann Der un déi viregt Period erënnert. Mir hunn d'Responsabilitéit dovun iwwerholl. Mir hunn och d'Quittung do dovun kritt.

(Interruption)

Är Quittung steet nach bevir, wann een de Leit dat blot vum Himmel verspricht. Dir hutt et mat Leit an der Fonction publique ze dinn, déi wuel gutt kënnen discernéieren zwëschent deem wat versprach ass a wat gehale gëtt. An Är Ministesch vun der Fonction publique seet jo ëmmer esou schéin: Versprach ass versprach a gëtt net gebrach. Abee, an der Fonction publique ass et immens einfach de Bilan ze maache vun deem wat vun lech versprach ginn ass a vun deem wat vun lech gebrach ginn

ass. Dofir kuckt net an d'Vergangenheet, mä kuckt an d'Zukunft, well den Avenir, dat hunn Är Leit jo scho gesot, den Avenir, dee läit an der Zukunft.

(Interruptions)

Mir haten eis, Här Graas an Här Minister, eng fundamental Réflexioun iwwert de Stelleväert vun der Fonction publique an iwwert d'Roll vum Stat am Rahme vun dësem Statut erwaart. A genee dat hat de Conseil d'Etat sech och erwaart. De Conseil d'Etat hat sech déiselwecht Réflexion de fond erwaart. D'Regierung hat dat och ugekënnegt an hirem Exposé des motifs. Si hat ugekënnegt, si géif eng vaste oeuvre de réforme duerchzéien. A sengem Avis mengt awer de Conseil d'Etat, dass dës Reform sech charakteriséiert duerch „l'absence d'un fil conducteur d'un projet d'ensemble pour la fonction publique“. Dat sinn haart Wieder. De Conseil d'Etat seet net et wäre keng positiv Mesuren dran. Dat soe mir och net. Dat wat iwwreg bliwwen ass, kënnen mer wäitgehend ënnerschreien. Mä de Projet ass kritikabel virun allem duerch dat wat net dran ass a wat net konnt dra geregelt ginn. De Conseil d'Etat vermësst also eng déifgräifend Réflexioun. An der Praxis huet sech déi méi reservéiert Haltung vum Conseil d'Etat mat sengen Oppositionen formelles, et waren der aacht an eng hallef bis néng, ausgedréckt.

An dee leschten Avis, Här Statssekretär, ech weess net ob Dir et fäerdeg bruecht hutt fir dat, wat am leschten Avis festgehal ginn ass vum Conseil d'Etat, ze enkräften. Well a sengem leschten Avis seet de Conseil d'Etat, dass e Problemer huet fir deen doten Text, wéi en elo virläit, kënnen ze akzeptéieren, wat d'legistesche Form ugeet an och wat den Opbau ugeet. Ech hoffen, datt an deene Propositionen, wat den Textopbau ugeet an och wat den Titel ugeet, dem Statsrot konnt Rechnung gedroe ginn, well soss riskéiere mer, trotz all deem wou mir eis beweegt hunn, dass de Projet nach eng Kéier ofgeblockt gëtt. An nodeem mer esou vill Zäit heimat verluer hunn, kënnen mer eis et einfach net méi erlabe fir zousätzlech Zäit ze verléieren.

Ongewinnt kritesch, dat muss ee soen, waren och d'Téin vun der Chambre des Fonctionnaires. Do war Rieds, am Zesammenhang mat eenzelnen Dispositionen, vu Violatioun vun Accords salariaux, ënner anerem bei der Altersteilzeit a beim Bénévolat, eng Mesure déi d'Regierung abruecht huet ouni mat iergendengem ze schwätzen a wou keen heibannen an och keen dobausse genee verstanen huet wat domat viséiert war. Et war gesot ginn, dat wier virun allem fir de soziale Beräich. Et ass eppes ganz Breedens, a wa mer de Bénévolat wëlle regelen, ënner anerem mat Assurancen, well dat war viséiert, da solle mer dat fir de ganze Bénévolat maachen. Dann hu mer méi wéi genuch ze dinn, amplatz hei fir zwee oder fir dräi Leit, déi een hätt kënnen mam Numm nennen, déi viséiert waren, eng extra Wurscht ze schafen, a wou d'Chambre des Fonctionnaires och dat gesot huet wat sech do opgedrängt huet. D'Chambre des Fonctionnaires huet gemengt, dass déi „proposition d'une telle absurdité“ wär, dass d'Chambre des Fonctionnaires sech iwwerhaupt net mam Règlement géif ausenanesetzen.

Déiselwecht Chambre des Fonctionnaires war an hirem zweeten Avis déif enttäuscht, dass déi Propositionen, déi se gemaach hat, sech net méi an den Amendementen vun der Regierung niddergeschloen hätten.

An et muss ee soen, Här Statssekretär, dass eréischt wéi dee vernichtenden Avis eigentlech vum Conseil d'Etat komm ass, deene gudde Suggestiounen Rechnung gedroe ginn ass, déi zum Beispill am Avis vun der Chambre des Fonctionnaires dra waren, deene berechtigte Kriticken, déi am Avis vun der Chambre de Travail an des Employés privés dra waren, an deene Kriticken, déi an der Kommissioun formuléiert gi sinn. An do kënn Der, mengen ech, net soen, dass mer net probéiert hu konstruktiv matzeschaffen. Mir sinn net mat alles duerchkomm, mä bon, dat ass eben d'Spill vu Majoritéit an Opposition. Mä mir hunn eis et sécher net einfach gemaach, an einfach Kritik wéinst der Kritik hei ze maachen.

Här President, Dir Dammen an Dir Hären, ech wëll dann elo, nodeem ech de Statut e bëssen an den allgemenge Kontext gestallt hunn, eppes méi Schwieriges maachen, well ech hei gläichzäiteg och fir mäi Kolleg, de Jempi Klein, soll schwätzen. De Jempi hat en Accident, an e kann haut net untrieden, mä en huet awer als fläisseg Deputéierte seng Aarbecht gemaach, an en huet mech gebiede fir seng Interventioun zu deem Deel, wou hien d'Responsabilitéit bei de Kommissiounsarbechten hat, hei virzedoen. An deenen nächste Minuten, Här President, Dir Dammen an Dir Hären, wäert also de Jean-Pierre Klein schwätzen. Ech hunn ebe Schwierigkeete fir Dr. Jeckyll a Mr. Hyde ze spillen. Elo schwätzt dann de Jempi a méi engem douchen Toun.

(Interruption)

Also, ech hunn domat guer kee Problem. Här Rippinger, wann Der drop insistéiert, dass ech no lech schwätzen, ginn ech mech direkt erëm setzen.

M. Jean Paul Rippinger (DP). - Ech loosse lech! En ass net esou polemesch wéi Dir.

M. Mars Di Bartolomeo (LSAP), en remplacement de M. Jean-Pierre Klein. - Dat ass ganz léif vun lech. Elo schwätzt also de Jempi Klein.

D'Fonctionnaire vum Stat, am Géigendeel zu anere Statsagenten, an am Géigendeel zu dem Privatsektor, si bekanntlech net kontraktuell un de Patron Stat gebonnen, dat duerch hir speziell Situatioun, déi sech aus der Ausféierung vun hire Missionen am öffentlechen Dëngscht ergëtt.

Jiddfereen, deen de Choix trëfft fir eng administrativ Carrière beim Stat unzetrieden, weess wat fir Rechter a Flichte beim sengem Untrëtt op en zoukommen. Déi sinn intangibel a kënnen net am géigesäitegem Averstännis vu Patron a Salarié ofgeännert ginn. Eleng dem Législateur ass et virbehalen un deene Konditiounen ze réckelen, wann e gesäit dass se net méi un d'Zäit ugepasst an änderungsbedürftig sinn, sief et aus sozialen, wirtschaftleche Grënn oder dass d'Applikatioun vun deene bestoende Bestëmmungen erfahrungsgeméis net méi stand hält.

De Statut, deem d'Fonctionnaires ënnerleien, ass also duerch seng Stabilitéit markéiert, a jiddfer Client oder Notznësser vum Service public weess vu vireran, wat fir Rechter an Obligatiounen dass de Fonctionnaire huet. De Fonctionnaire ass also an enger statutaescher a reglementarescher Situatioun, Statut dee vum Législateur arrétéiert gëtt, Dispositionen déi, wann noutwendeg, kënnen duerch Reglementer ëmgesat ginn. Aus dem legalen a reglementaresche Charakter vun der Situatioun vum Fonctionnaire ergi sech fir hie wichteg Konsequenzen. Zum Beispill, den Inhalt vun der Situatioun vum Fonctionnaire ass vu virera generell an onperséinlech duerch Gesetzer a Reglementer festgeluecht. En ass deeselwechte fir all Fonctionnaire, spezial Konventionen

tëschent der Verwaltung an dem Fonctionnaire hu kee rechtliche Wäert. De Fonctionnaire kann de Stat belangen, wann e sech benodelegt fillt, an déi administrativ Gerichter sinn zoustänneg an esou Fäll.

Eis Fonction publique hei zu Lëtzebuerg ënnerläit deem allgemenge Statut, dem Code vu Rechter a Flichte vun 1979, deen allerdéngs säithier schonn öfters ofgeännert ginn ass. Et ass am Fong de Fonctionnaires hiert Grondgesetz geprägt vu fundamentalen Dispositionen, déi seng absolut Wichtigkeit ausmaachen. Den aktuelle gültige Statut ass reformbedürftig a muss un déi jëtzege Gegebenheeten ugepasst ginn. Ausserdeem müssen eng Rei vu Moosnamen aus deene successive Gehälteraccorden endlech ëmgesat ginn.

D'Regierung hat bei hirer Untrëttsklärung vun 1999 d'Reform vum Statsbeamtestatut grouss ugekënnegt. Den Exposé des motifs vun deem Projet de loi, dee mer elo hei behandelen, huet dat och nach eng Kéier bestätegt, andeem dass geschriwwen steet: „Le Gouvernement se propose d'introduire par le présent projet de loi une vaste oeuvre de réforme dans les relations de travail entre les fonctionnaires et l'Etat patron“. Esouwäit zum Usprouch, an de Jempi Klein seet, d'Realitéit gesäit anescht aus, well de Bierg huet eng Maus gebuer, a vum ursprüngleche Projet, fir deen d'Regierung Verantwortung hat, sinn eng ganz Rei vu Saachen no kriteschen Avisen erausgeholl ginn. An dat, seet de Klein Jempi, wat net mat der CGFP ofgemaach war, ass herno opgrond vun den Avisen erausgeholl gi vun der Regierung.

D'Konklusioun, déi d'Regierung kann huelen, läit op der Hand, an déi Konklusioun déi...

Interruption

Selbstverständlech, neen, dat ass textuell hei de Jempi.

Zréckbehale goufen eng Rei vu Punkten, wou och mir näischt drun ze kritiséieren hunn an déi gutt Innovatiounen duerstellen, wéi d'Eropsetze vun der Limite d'âge vu 40 op 45 Joer fir beim Stat agestallt ze ginn, eng zousätzlech drëtt Chance beim Promotiounsexamen no engem zweeten Echec, nei Regelungen vun enger Rei vu Congéen, de Verbuet vum Harcèlement moral, wou ee sech allerdéngs d'Fro muss stellen, firwat dass et an dësem Projet ouni weideres méiglech ass fir hei eng wichteg Neierung ze bréngen an dass et am Privatsektor méi problematesch ass fir esou eng Regelung ze bréngen, esou erliift bei der Proposition de loi vum Kolleeg Lux, wou d'Regierung en negativen Avis bruecht huet.

Ech mengen, do si mer an eiseem Rôle wa mer dofir antrieden dass d'Regelungen an dem Secteur public an am Secteur privé, besonnesch an esou Beräicher, esou no wéi méiglech beiënee sinn.

De Prinzip vun der Aféierung vum Kontrolldoktor an d'Organisatioun vun der Aarbechtsmedezin, wou mer an der Praxis - an ech kommen herno nach eng Kéier dorop zrëck - léiwer gesinn hätten, wa mer do méi couragéiert gewiescht wären, dat heescht e Maximum u Sécherheet fir d'Gesondheet vun de Fonctionnaires duerchzusetzen amplatz hei mat engem minimalistesche System eis ze begnügen. Dann nach den Délégué à l'égalité des chances selbstverständlech an d'Regelung, soufern se zréckbehale ginn ass, vum Télétravail.

Ech erlabe mer fir duerch déi Neierungen ze goen an e puer Punkten erauszehuelen a se méi genee ze belichten. Bis elo war et jo esou wéi et sech och aus der Definitioun vum Fonctionnaire erginn huet, datt eng vun den Hauptcharakteristiken vum Fonctionnaire d'Permanenz vu senger Plaz, vu sengem Emploi war. De Fonctionnaire ass definitiv bis un d'Enn vu senger Carrière op e Poste genannt ginn,

à moins datt hien iwwer en Diziplinerverfahren oder op Demande am Kader vum Changement d'administration eng Versetzung, respektiv d'Nomination op en anere Poste kritt huet. Hien hat also seng Nomination à vie.

Dëse Projet de loi hat mat dësem sakrosankte Prinzip gebrach, an zwar war et virgesinn, datt et Poste géif ginn, déi duerch e Règlement grand-ducal opgezielt géife ginn, Postes à responsabilité particulière ouni Différenz zwëschent politesche Posten an administrative Posten, esou wéi se vun den Auteurs vum Projet de loi genannt gi sinn, déi nëmmen op bestëmmten Zäit, op siwe Joer, besat gi wäeren. Déi Leit, déi also esou Poste bekleeden oder bekleet hätten, wäeren an enger prekärer onsécherer Situation par rapport zu deenen anere gewiescht, och wann hir Nomination hätt kënne verlängert ginn. Dat wier also virun allem emol a Contradiction zu deem allgemenge Prinzip vun der Nomination à durée indéterminée vun engem Fonctionnaire.

Dogéint hu sech zu Recht de Conseil d'Etat an och d'Chambres professionnelles gewiert, besonnesch d'Chambre des Fonctionnaires. D'Regierung huet deenen dote Kriticke Rechnung gedroen an huet deen Deel vum Projet zréckgezunn, mat der Ukënnung, dass se en extrae Projet de loi géif virleeën, wou dat geregelt géif ginn.

Dat ass ze begrëssen, dass deen Deel aus dem Projet zréckgezu ginn ass, mä ech kann awer ukënnegen, dass wann et net zu enger fundamentaler Reorientation vun deenen doten Dispositione kënnt, d'LSAP géint déi doten Dispositione stëmme wäert. Mir hunn näischt dergéint, dass een eng Rei vun...

(Interruption)

...- seet den Här Klein - Poste kann à durée déterminée besetzen, mä dat misst sech awer limitéieren op déi politesch Posten. Dir verstitt, wat ech mengen.

M. Jeannot Krecké (LSAP).- D'Conseillers de gouvernement.

M. Mars Di Bartolomeo (LSAP), en remplacement de M. Jean-Pierre Klein.- Selbstverständlich, Här Krecké, sech beschränken op d'Conseillers de gouvernement, insbesondere op déi, déi mat deene jeeweilege Regierung kommen.

Se mussen net goen, wa se d'Vertraue vun deene successivé Regierungen hunn, mä dat ass awer eng Méiglechkeet, wou et zumindest e Sënn ergëtt. Dee Sënn, seet de Jean-Pierre Klein, gëtt et net bei deenen administrative Filiären an och net an den Direktiounen de Verwaltungen, wou eng wäitgehend Continuité muss gesécher ginn a wou ee muss verënnern, dass et dem Pouvoir discrétionnaire vun dem Politiker oder sengem verlängerten Aarm iwwerlooss ass fir eng Erneuerung vun där Nomination ze maachen oder net.

De Jemmy Klein begréisst et fir den Admissiounsalter fir bei de Stat als Fonctionnaire ze kommen op 45 Joer ze definéieren. Am Prinzip gëtt et dozou keng Derogatiounen, ausser datt en aussergewöhnlech dichtege Salarié vu baussen erageholl gëtt. Dee brauch iwwerhaupt keng Konditiounen ausser senger héichkaräterger Capacitéit ze hunn. Dat ass, seet de Jemmy Klein, eng Diskrimination par rapport zu all deenen anere Kandidaten. Do kann also de Conseil de Gouvernement astelle wien hie wëllt, ouni objektiv Kritäre brauchen unzeleeën. Dat kann, seet de Jemmy Klein, zu Abûe féieren. Fir déi Leit sollen déiselwecht Konditiounen ziele fir agestallt ze ginn, quitte datt ee bei der Altersgrenz kéint iwwer eng Flexibilitéit an och bei der Computatioun vun de Jore kéint diskutéieren.

Wann ee fir d'zweet de Promotionsexamen net gepackt huet, da kritt een eng lescht Chance, an zwar fënnef Joer no deem leschten Echec an nodeem een eng spezial Formation am INAP matgemaach huet. Dat ass en faveur vum Fonctionnaire, deen eventuell Pech hat an deen duerno nach konnt déi néideg Erfahrungen a sengem Service sammeln, fir e Succès kënnen ze hunn, nodeem datt hie sech och nach an de Formationscoursé konnt anstänneg op e Succès préparéieren.

Den Délai d'attente fir eng Promotion am Cadre fermé ass op e Joer festgeluecht ginn. Dat huet an der Vergaangenheet zu Prozesser Ulass ginn an et ass gutt dass et elo gesetzlech geregelt ass. Esou wéi d'Chambre professionnelle drop insistéiert huet muss dofir gesuergt ginn, datt bei Promotiounen am Cadre fermé den Tableau d'avancement strikt agehale gëtt, soss huet et kee Sënn dass esou en Tableau opgestallt gëtt.

De Congé sans traitement an de Congé pour travail à mi-temps, ob de Fonctionnaire e Recht drop huet oder ob d'Verwaltung kann disponéieren, sinn nei aménagéiert ginn. Énner anereem kënnen déi zwee Congéé fir eng bestëmmten Dauer ugefrot ginn an ennerbrach ginn. Bis elo ass et jo esou: «sauf circonstance exceptionnelle constatée par le gouvernement en conseil il ne peut prendre fin avant son terme, ni être renouvelé». De Pouvoir lié vun der Regierung ass also erausgeholl ginn. D'Verwaltung huet elo e Pouvoir discrétionnaire fir dese Congéé virzäiteng en Enn ze setzen an de Fonctionnaire brauch keng Circonstance exceptionnelle méi nozeweisen.

Émmerhin ass et awer nach der Verwaltung iwwerlooss fir ze kucken, ob den Intérêt vum Service et erlaabt fir den Demandeur éischer erëm an den Déngscht ze huelen, an dat wäert jo net ze strikt gehandhabt ginn. D'Motivation vum Demandeur wäert do eng wichteg Roll spillen, esou wéi dat och schonn de Fall war, wann aussergewöhnlech Émstänn hu musse geltend gemaach ginn.

Vergläicht een déi zwee Congéen, de Congé sans traitement an de Congé pour travail à mi-temps, déi zu deeneselwechten Zwecker kënnen ugefrot an accordéiert ginn, esou stellt ee fest, dass ee beim Congé sans traitement de Fonctionnaire eng aner bezuelten Aktivitéit am Sënn vum Artikel 14.5, oder ass et den Artikel 145, ech gesinn dat hei net - Wat fir een ass et, de 14.5 oder den 145? -, ...

(Interruption)

Ech kann den Här Klein net froen, well deen ass leider am Congé de maladie.

(Hilarité et interruption)

...vum Statut kann ausüben, wou de Bénéficiaire vum Congé pour travail à mi-temps datt awer net däerf. Dozou géng den Här Klein wëlle vun der Madame Minister oder vum Här Statssekretär wësen, wéi déi Différenz ze explizéieren ass.

(Brouhaha général)

Bei dëser Geleeënheet wollt den Här Klein och op d'Iwwergangsbestëmmung agoen, déi seet, dass déi Leit, déi virun 1984 hu missen démissionéieren, well kee Congé sans traitement ënnert deenen heitege Konditiounen konnt accordéiert ginn, elo erëm kënnen zu Recht enner favorable Konditiounen réintégréiert ginn.

Dat ass absolut positiv. Mir stellen eis zesummen, den Här Klein an ech, awer d'Fro, firwat dass dat net och fir déi Zäit no 1984 gëllt, well och do eng ganz Rei vu Leit nach hu missen démissionéieren am Intérêt vun hirer Famill, well se eben dee Congé sans solde net accordéiert kruten. Dat heescht also do gëtt et zweeërlee Mooss a Gewiicht. An deenen doten zwee Fäll

misst et kënnen e Parallelismus ginn.

Dann déi Neierung bei der Deelzäitbeschäftegung, dem neien Artikel 31.1 vum Statut. Énner Ausschloss vu verschiddene Kategorie vu Fonctionnaire kann op Demande hin eng Deelbeschäftegung vu 25, 50 a 75% accordéiert ginn, dat ënnert enger Konditioun déi priméiert, an zwar dem Intérêt du service. Dat ass also eng Notion-clé an dësem Beräich. D'Deelzäitbeschäftegung, déi elo am Detail an de Statut ageschriwwen gëtt, war scho mam Accord salarial vun 2000 entérinéiert ginn, mä ass net ausgefouert ginn, well keng Ausféierungsbestëmmunge gefollegt sinn. Den Detail gëtt also elo mat an d'Gesetz agebaut a gëtt e Bestanddeel vum Statut. D'Verwaltung huet e Pouvoir discrétionnaire fir en ze accordéieren, am Kader vum Intérêt du service, also och wat d'Veerdeelung vun der Deelzäit-aarbecht ubelaangt op d'Woch, op de Mount, op den Dag an esou weider.

Déi 20%-Klausel ass gestrach ginn an et gëtt elo just nach den Intérêt du service. Et ass och esou, dass déi Deelbeschäftegung 25, 50 a 75% nëmmen en cours de fonction vun 100% kann erfollegen. Beim Stat gëtt et also net d'Méiglechkeet fir Deelzäitfunktionnairen ze rekrutéieren. D'Konditioun ass, dass een de Stage ofgeschloss huet an dass ee säi Passage um INAP gepackt huet. Dat war am Ufank net esou kloer. Et ass awer elo ganz kloer. Et hätt een, seet de Jean-Pierre Klein, och wann een et wierklech gewollt hätt - et freet ee sech, ob d'Noutwendegkeet do ass, do kann een effektiv gedeelter Meenung sinn, ob een dann net och d'Méiglechkeet gehat hätt, fir de Stage ze verlängeren an den INAP. Bon, dat do ass sécherlech en Detail.

Mat der Deelzäitaarbecht stellt sech awer d'Fro, seet de Jean-Pierre Klein, vun der Responsabilitéit a vun der Entscheidungsgehalt iwwert d'Demande de congé à temps partiel vun de Leit aus dem Préscolaire an dem Primaire, wou ganz kloer am Statut elo geregelt ass, dass si Fonctionnaire sinn. Den Här Klein stellt sech d'Fro, ob déi Décisionen nach wie vor bei dem Gemengerot wäerte leien, oder ob do eng aner Instanz intervenéiert, well et ebe ganz prezis nach eng Kéier opgefouert ginn ass. Hie mécht sech also Suergen doriwwer a fäert eng Konfliktsituation. Den Här Statssekretär wënt of. Ech soen dem Här Klein dat.

Wat d'Disziplinarverfahren uge-laangt, huet d'Regierung d'Gesetzgebung vu fënnef Länner matenee verglach: der Belsch, Dänemark, Frankräich, Holland a Schweden. All Länner hu formell dat virgesi vum Droit de la défense vun deem, dee mam Statut oder mat anere gesetzlechen deontologeschen oder ethesche Bestëmmungen a Konflikt geroden ass.

Fir d'Enquête préliminaire ze maachen, hunn zwee vun deenen examinierte Länner ee Gremium vu méi Persounen virgesinn, e Collège. Dat schéngt eis eng gutt Approche, eng gutt Composition ze sinn, déi global gesi méi eng Garantie vun Ofhängegkeet an Objektivitéit duerstellt an déi d'Affär, mat där se konfrontéiert sinn, vu méi Säite ka bellichten. Dat gëtt eng besser Garantie vu Sachlechkeet wéi an deem System wéi en elo hei virgesinn ass, nämlech mat enger eenzeger Persoun, déi déi préliminaire Enquête soll féieren, an dann eventuell de Conseil de discipline mam Dossier ze befaassen.

Mir haten op en Instruktiounsgremium gehalen, deen aus dräi Persounen géng bestoen, e Gremium andeem esouwuel d'Gewerkschaft wéi och de Patron Stat vertruede

wär. De Gremium géng dann a charge an a décharge vum Beamten instruéieren no enger duerch Règlement grand-ducal virgesinnener Prozedur, déi am Detail régléiert war. Dat ass awer net zréck behale ginn, an d'Regierung huet optéiert fir den Enquêteur préliminaire unique zréck ze behalen.

An Zukunft soll de Conseil de discipline net méi e consultative Charakter mä e juridictionnelle Charakter kréien, zwar net am formelle Sënn, sou dass Recoursen un den Tribunal administratif an un d'Cour administrative méiglech sinn. Dat fanne mer eng gutt Léisung. Duerch kritt de Conseil de discipline méi eng wichteg Missioun a substituéiert sech der Verwaltung, déi bis elo d'Décision geholl huet, wat d'Application vun der Strof ubelaangt huet. De Verwaltungschef hat bis elo d'Méiglechkeet, fir eng manner uerg Sanctionen auszusprechen wéi déi, déi him vum Conseil de discipline proposéiert ginn ass. Et ass gutt, dass dat elo eriwir ass. Et war schwéier bis elo fir all Entscheidungsorgan, iwwer e Collège en objektiv Urteel auszusprechen. Et dierft och net ze sinn, dass de Commissaire-enquêteur als eenzel Persoun de Pouvoir kritt, fir eng Affär ze klasséieren oder net ze poursuivéieren. An alle Fäll misst de Conseil de discipline mam Dossier befaasst ginn, deen dann opgrond vun der Gravitéit vun der Affär géng klasséieren oder poursuivéieren.

Ech hunn elo, wat den allgemenge Statut, d'Rechter an d'Pflichte vum Fonctionnaire ubelaangt, e puer - hunn ech gemengt - ubruechte Commentairen a Kriticke gemaach. Et ass net alles kloer, wat mir haut hei mat votéieren. Mat méi enger intensiver Récksprooch mat de berodenden Instanzen, och mat dem betroffene Personal selwer, an a leschter Phas mat der Kommission, hätte mer bei dëser Virbereedung méi verfeinert Neierungen an de Statut afléisse kënne loos-sen.

Dat, wat haut verofschiet gëtt, misst de Fonctionnairen en neien Usporn vu Motivation mat op de Wee ginn, wéi d'Regierung dat als Zil gesat huet. Ech bezweifelen awer, dass dat heimat erreecht gëtt. Dat hei ass, seet den Här Klein, e Stéckwierk, wat de Fonctionnairen net e positiv Gefill vun Unerkennung verschaaft. Dëst si sonner Zweifel e puer Neierungen, déi awer och nei Problemer wäerten opwerfen, an déi een hätt kënne bei enger schlechter Diskussion vu vieren eliminéieren. D'Zukunft wäert meng Behauptung als richtig erweisen.

Obwuel dës Regierung eng onvollstänneg Reform virgeluecht huet, déi awer eng ganz Rei vu positive Moosnamen enthält, seet den Här Klein, dass hien dowéinst mat dëser Reform d'accord ass.

Ech wollt zum Schluss, Här Präsident, meng eege Kap erëm undoen a soen, dass d'Iwwerdroe vun den Dispositionen vum Rendésch an d'Iwwerdroe vun deenen Dispositionen, déi an der neier Invaliditéitsregelung, déi mer hei gestëmmt hunn, absolut positiv ass. Et ass och festgehalde ginn, an dat en accord mat de successive Gehälterofkommen, dass de Fonctionnaire nach no 65 Joer fir weider dräi Joer kann am Statsdéngscht intégréiert bleiwen oder réintégréiert ginn, wat an där Situation, déi mer um Aarbechtsmaart hunn, zumindest ze hannerfroen ass, wou mer jiddefalls net drop gehalen hunn, dass déi Moosnam sollt an dësem Gesetz zréckbehalde ginn.

Massiv Kritik huet den urspringleche Projet kritt gehat, wat d'Neiregelung vum Contrat de travail à durée déterminée beim Stat ubetrëfft. Hei hat d'Regierung vir vun dem allgemenge Regime ofzewäichen an an enger Rei vu Fäll de Contrat à durée déterminée wäit iwwer déi zwee Joer eraus ze verlängeren. Ech muss soen, dass dat och haut schonn an der Praxis ge-

schitt, mä, wéi mir festgestallt hunn, net mat där noutwenneger Rechtssécherheet, sou dass, wa mir dat heite Gesetz elo stëmme, mer riskéieren eng ganz Rei vu Contrats à durée déterminée ze kréien, déi iwwert déi zwee Joer eraus ginn, a Contrats à durée indéterminée ëmgewandelt ze kréien. Et ass virgesi gewiescht vun der Regierung, dass an deene Fäll, wou een an engem Congé sans solde fir 10, 12 oder méi Joer ersat gëtt, dass een dat hätt kënnen iwwer e Contrat à durée déterminée maachen.

Elo hunn d'Chambre des Employés privés, d'Chambre de Travail an och, manner zwar, de Conseil d'Etat vehement dergéint protestéiert, an d'Regierung huet dat zréckgezunn, zu Recht zréckgezunn, well et ass onvirstellbar, dass mir op eemol Contrats à durée déterminée vun enger Dosen a méi Jore beim Stat gehat hätten. Dat ännert allerdéngs näischt dodrun, dass den Ersatzproblem sech stellt, an de Statsrot och drop higewisen huet a sengem Avis complémentaire, dass mer zwar déi Derogatioun vum Contrat de travail eraus geholl hunn, mä dass mer awer d'Fro vum Ersatz net geregelt hunn. Et sinn Iddien opkomm gewiescht an eisen Aarbechtsgruppen, fir dat iwwer e Pool de remplaçants ze maachen, wou een d'Leit hätt kënne fest stellen am Fonctionnairesstatut. Il y a du pour, il y a du contre, mä jiddefalls ass kloer, an do war ech frou wann d'Regierung eis haut kéint eng Äntwert drop ginn, vu dass mer eng Rei vun net conformé Contrats à durée déterminée hu beim Stat, wéi déi elo an Zukunft behandelt ginn. Ginn dat automatesch Contrats à durée indéterminée, ouni dass déi betreffend Leit musse kloen? Et sinn der méi wéi mer mengen. Gi se automatesch Contrats à durée indéterminée oder mussen d'Leit kloe wéi dat bei de Chargéen am Primaire de Fall war?

Dann déi zweet Fro: Wéi ginn déi Congés à durée déterminée, déi iwwer zwee Joer erausginn, an Zukunft ersat? Mat festen Nominationen oder mat Employés privés, wou awer d'erklärte Zil vun dëser Reform ass, fir nëmmen am Ausnahmefall op Employés privés zréck ze gräifen?

Wëllt d'Regierung dann op successiv Contrats à durée déterminée vun zwee Joer zréckgräifen oder net?

Déi lescht Fro, déi awer och net oninteressant ass, Här Statssekretär a Madame Minister: Wéi handhaabt de Stat d'Regelung vun de CATen? Ass et do esou, wa beim Stat an engem Département d'Noutwennegkeet ass, fir iwwer länger Zäit en CAT anzustellen, dass déi Plazen och zu definitive Plaze ginn, oder arrangéiert ee sech esou, dass ee sechs, siwen oder aachtmol an deemselwechte Betrib fir déiselwecht Aarbecht en CAT huet, wat jiddefalls net, och wann et successiv Kontrakter à durée déterminée sinn, der Regelung oder der Zilsetzung entsprécht vun dem CAT. Ech war frou, wa mer och do eng Äntwert kéinte kréien.

Da ganz kuerz d'Regelung vun der Médecine du travail. Do hu mer kontrovers driwwer diskutéiert. Dat wat an dësem Projet festgehalde ginn ass, ass eng extrem minimalistesch Solution. An hei, ech ënersträichen dat, geet et eis net fir a Saachen Aarbechtsmedezin elo dat verpönt Wuert Eintopf ze gebrauchen, mä awer jidderengem Salarié, jidderengem Mataarbechter, ob en am Privatecteur oder beim Stat schafft, e vergläichbar gudder Service ze garantéieren, mat Spillregelen déi vergläichbar sinn, wou d'Spécificitéit vun deenen eenzelne Secteure kënne bäibehale ginn, mä wou et awer net vernünfteg ass, Här Statssekretär, Madame Minister, dass mer am Privatecteur op 5.000 Salariéen en Aarbechtsmedeziner hunn an hei beim Stat op 20.000 Fonctionnaire

just een Aarbechtsmedeziner sollen hunn. A well d'Regierung sech och bewosst war, dass dat net duergeet, seet se dann, jo et ass net ausgeschloss, dass de Kontrolldokter, dee mer jo och elo schafen, eng Rei vu Missiounen vum Aarbechtsmedeziner iwwerhëlt, well de Collège médical do net expressis verbis dergéint war. Dat ass awer, mengen ech, eng schlecht Aart a Weis, wann op eemol e Kontrolldokter d'Aarbecht vun engem Aarbechtsmedeziner mécht. An dass mer eis richtig verstinn, mir wëllen hei net dass d'Fonction publique duerch Schikane gejojt gëtt, mä mir wëlle just sécher stellen, dass déi Aarbechtsmedezin, déi et beim Stat gëtt, grad esou gutt ass wéi déi Aarbechtsmedezin am Privatsektor. An ech explizéiere mech just an engem Wuert.

Am Privatsektor, duerch déi perïodesch Ennersichungen, déi gemaach ginn an déi virgesi sinn, déi hei net virgesi si mat darselwechter Périodicitéit, gi bei 10% vun deenen ennersichte Salariée Pathologie fonnt, déi déi net wossten, Krankheete fonnt, déi déi Leit net kannt hunn. Dat féiert net dozou, dass hir Aarbechtsplaz a Gefor ass, mä dat gehéiert awer zur Preventivmedezin, an do gesinn déi Leit dass se vläicht e Bobbo hunn, dee se soss net kannt hunn. Och dat ass d'Zil vun der Aarbechtsmedezin, a wann ech gelift, iwwerdenkt nach eng Kéier déi hei minimalistesch Form. Dat ass nämlech den Haaptreproche, dee mer maachen. Net d'Spécificitéit an den eegestännege Regime, mä dass mer deux poids et deux mesures hunn an eng Médecine du travail à deux vitesses, wéi d'Santé selwer festgestallt huet.

Da sinn ech bal fäerdeg fir eng Kéier. Just nach mäi Bedauern, dass den Här Statssekretär an d'Madame Minister mat enger Proposition net duerchkomm sinn. Ech hunn lech virdru scho gesot, dass den Här Klein fäerdeg war an tëschent eis zwee geet keen Zigaretteblietchen an där doter Fro, wollt ech bedauern, dass eng gutt Proposition vun der Madame Minister a vum Här Statssekretär net duerchkomm ass. Dat heescht, d'Allocation de famille oder d'Allocation de chef de famille, wéi mer se ëmmer nennen, och op d'Unions libres auszedehnen. Dir hat dat an Ären Amendementen proposéiert, well Der gemengt hat, dass de Justizminister grad esou séier wär wéi d'Fonction publique, a vläicht déi gesellschaftspolitesch Versprechen, déi en ugekënnegt hat, gedroe vum Statsminister a senger successiven Erklärungen zur Lag vun der Natioun, grad esou séier déi dote Reformen se brénge wéi Dir an Dir hutt anticipéiert. Et ass domm gaangen. Déi dote Reforme sinn nach net do, wat mer bedauern, an dofir ass déi gutt Initiative, fir dat och op Fräipartnerschaften, geregelt Partnerschaften awer auszedehnen, leider op der Streck bliwwen an Dir hutt dat missten zrëckzéien.

Här President, Dir Dammen an Dir Hären, Dir hutt festgestallt, dass bei der Analys vum Projet mir méi Kritik fir déi Mesurë bruecht hunn, déi op der Streck bliwwen sinn oder déi, well se schlecht virbereet waren, net konnten zrëckgehalen ginn, obwuel dass der eng Rei wierklech diskutéiert hätte kënne ginn. Déi Mesuren, déi iwwreg bliwwen sinn, mat deene klengen Nuancen, déi mer bruecht hunn an eisen Analysen, wéi Deelzäitaarbecht, wéi d'Reinsertioun vun deene Leit, déi hu missten démissionéieren, wéi d'Neiregelung vun eenzelne Congéen, wéi d'Transposition vun der Renteverbesserungen am Privatsektor. Do gesitt Der och, déi nei Regelung bréngt awer enger ganzer Rei vu Leit Verbesserungen, wéi d'Egalité entre hommes et femmes a wéi d'Verhënnerng oder d'Preventioun vu Mobbing, wou ech virdru gesot hunn, dass mer eng ähnlech oder eng vläicht esouguer nach besser Regelung

eis virstelle kënnen, och fir déi aner Secteuren, déi sinn duerchaus ze begrëssen.

Hätt d'Regierung hiren Interlocuteurs, all hiren Interlocuteurë méi opmierksam a méi fidèle nogelauschtert, da wieren et warscheinlech vill manner Problemer gi bei der praktescher Ëmsetzung vun dëser Reform. Et ass ni ze spéit fir ze léieren. Dir hat e ganze Koup Interlocuteurs, déi et gutt mat lech gemengt hunn. An eenzelne Punkte sidd Der mam Kapp duerch d'Mauer gaangen, an, Här Statssekretär, Madame Minister, dat huet leider e puer Téitsche bruecht a wat méi schlëmm ass, vill Verspéidung an deem heiten Dossier, dee scho fir d'lescht Joer ëm dës Zäit ugekënnegt war. E war fir Ouschteren ugekënnegt ginn. Leider net Ouschteren neutral, mä Ouschteren 2001.

Ech soen lech merci.

M. le Président. - Ech soen deenen zwee Riedner, dem Här Di Bartolomeo an dem Här Klein merci fir hire Virtrag. Den nächste Riedner ass den Här Jean-Paul Rippinger.

M. Jean-Paul Rippinger (DP). - Här President, Dir Dammen an Dir Hären, ech sinn der Meinung, dass mäi Virriedner an deem méi polemischen Deel am Ufank vu senger Interventioun dach awer staark d'Kredibilitéit - an hien ass awer jo net dee mannste Mandataire an der LSAP - vu senger Fraktioun an och d'Kredibilitéit vu senger Partei a Fro gestallt huet.

M. Jeannot Krecké (LSAP). - Macht lech Suergen iwwer lech!

M. Jean-Paul Rippinger (DP). - En huet gesot, dësse Projet de loi wär keng legislativ Glanzleistung. Or, mir hunn et fäerdeg bruecht e Projet de loi auszuschaffen an e virun dës Chamber ze bréngen.

Déi lescht Reform vun dem Statsbeamtestatut geet zrëck op 1979. Et kann een also déi Remarken, déi hie gemaach huet, net maachen. Däerf ech drun erënneren, dass an der Regierungserklärung vum 22. Juli 1994 folgendes stong: „Le statut des fonctionnaires et employés de l'Etat sera réformé dans le double but d'améliorer la gestion des ressources humaines et d'instaurer un meilleur contrôle de la présence et de la disponibilité des agents de l'Etat, ainsi que du travail effectué, contrôle qui sera assorti le cas échéant des sanctions adéquates, de nouveaux modules de travail à temps partiel sont examinés.“ Or et ass beim Examen bliwwen. Mir hunn net dovu geschwat, sondern mir hunn et gemaach zesumme mat eisem Koalitionspartner.

(Interruptions diverses)

Här President, dann huet e gesot, dësse Projet géng e Rekord vun Oppositions formelles bëinhalten. Ech kann dem Här Di Bartolomeo soen, dass dësse Projet, wat dat ubelaangt, net an d'Guinness-Buch vun de Rekorden ageet, sondern d'Fusioun vu Polizei a Gendarmerie, wou 14 Oppositions formelles waren, deemools vum Minister vun der Force publique, dem Här Bodry. Da kann een net heihinner kommen an esou eng lamentabel Remarque maachen.

Da seet en, mir hätten e Retard vun zwee Joer. Or, wann ech kucke wat d'Pensionsreform ubelaangt huet, do huet déi viregt Regierung, an dat schéngt mer och normal ze sinn, 2,5 Joer dru geschafft. Esou eppes kann een dach net iwwert de Knéi brieche.

An dann huet e gesot, formal gesinn hätt dësse Projet, a wéi en traitéiert ginn ass, net dozou bägedroen, den Image vun der Fonction publique opzopoléieren.

Här President, haut um 30. Abrëll 2003 sti keng Dausenden onzefridde Statsbeamten um Knuedler. A

14 Réuniounen huet de President vun der Kommission dee Projet examinéiert mat den Deputéierten aus där Kommission an den zoustännege Statssekretär huet méi wéi 80 Associatiounen ëmfaangen. Also war en dialogbereet. Et kann een also net vun engem schlechten Image schwätzen.

An da kënnt, Här President, wéi üblech, esou wéi eng Gebietsmilen, ëmmer erëm deeselwechte Reproche un d'DP. Tja, mir hätte jo mat eisem Koalitionspartner d'Pensionsreform net méi a Fro gestallt. Ech kann dem Här Di Bartolomeo soen, wa mer eleng gewiescht wären a mir hätten 31 Sätz, dann hätte mer et gemaach. Mä vu dass mer awer eng Koalitionsregierung sinn - an dat muss hie jo besonnesch gutt wëssen, well e war 15 Joer dran -, gëtt e Koalitionsaccord ëmmer nëmmen ofgeschloss op de plus grand dénominateur commun. An dofir muss ech dem Här Di Bartolomeo soen, dass hien an deenen dach äussersten an archimaigré Kriticken un d'Adress vun der DP total niewent dem Dill läit.

(Interruptions diverses)

Mat dem virleiende Gesetzesprojekt 4891, Här President, iwwert d'Modification vum Statsbeamtestatut an aneren Dispositionen, setze mir e wichtige Punkt, ee méi géng ech soen, vun dem Regierungssaccord vun 1999 ëm.

Erlaabt mer meng Interventioun awer ganz besonnesch un d'Adress vum Här Di Bartolomeo mat engem Zitat unzefänken aus dem Orientationspabeier aus dem Joer 1998 vun der DP ënnert dem Titel „Pour une fonction publique moderne“, an ech zitieren: „La solution est à trouver dans un Etat moderne et efficace, réclamé depuis longtemps par le DP, à préparer nos administrations de manière pragmatique et réaliste aux défis du troisième millénaire, à mener avec toutes les parties concernées une discussion de fond sur l'ensemble des éléments constituant le statut des agents de l'Etat.“

Eppes musse mer constatéieren, dass säit de Wahlen 1999 erëm Rou an d'Fonction publique agekéiert ass. Säit 1999 gëtt mat an ënnert dëser Regierung konstruktiv mat alle Bedeelegten dorunner geschafft, fir eng modern an effizient Fonction publique op d'Been ze stellen, déi den Ufuerderung vun eiser Zäit gerecht gëtt, déi en Usprichpartner fir de Bierger ass an déi eng oppen Institution fir all Bedeelegte soll duerstellen. Et muss ee jo wëssen, dass d'Manifestation vun 1998 net nëmme mat der Pensionsreform ze dinn hat. Säit 1992 war nämlech och keen Accord salarial méi zu Stane komm. Mir erënneren eis och nach un d'Manifestation vun 1996, wou och zegdausend Statsbeamte vum Glacis op de Knuedler gaange sinn a friddlech fir hir Rechter demonstéiert hunn.

Wat d'Rentesystemer ubelaangt, esou wësse mir jo awer och wat dës Regierung geleescht huet ënnert dem Carlo Wagner, an dem Sektur privé. En tout cas, säit 1999 sinn zwee Accords salariaux zwëschent der Regierung an der repräsentativer Gewerkschaft fir d'Fonction publique ënnerschräwe ginn. Dat muss een unerkennen an dat däerf een och net einfach ewech rieden. An et ass net wéi d'LSAP eis de Virwoft mécht, dass mer just Geld verdoelt hätten, obsonn dass ee jo net vergiesse soll, dass an der Regel am Privatsektor all zwee bis dräi Joer Kollektivvertragsverhandlung stattfannen.

D'LSAP, an dat huet een erëm gesi bei mengem Virriedner, huet elo säit hirem Echec vun 1999 d'Fon-

tion publique erémentdeckt. Hie weess genee, dass d'Accords salariaux eng ganz Rei vun Dispositionen enthalten hunn, déi elo zum Deel duerch d'Reform vum Beamtestatut ëmgemat ginn.

(Interruption)

En Deel dovun.

Bei den Accords salariaux geet et also net eenzeg an eleng ëm Suen, mä och ëm en Accord, deen et erlabe soll sech zesummen, dat heescht zwëschent der Regierung an de Verrieder vun de Statsbeamten, Richtlinien ze gi fir d'Fonction publique kontinuierlech ze verbessern, an dat am Intérêt vum Bierger.

Däerf ech drun erënneren, dass déi lescht Reform, an ech hunn et virdru gesot, vum Statsbeamtestatut zrëckgeet op d'Joer 1979. Et war deemools den DP-Minister Emile Krieps an enger DP-LSAP-Regierung, deen dësse Projet de 16. Abrëll 1979 an d'Chamber erabruucht huet. Ech kann also dem Här Di Bartolomeo soen, dass all Kéiers, wann d'DP an der Regierung ass, mat der CSV oder mat de Sozialisten, wichtig Akzenter an der Fonction publique gesat ginn.

(Interruption)

Mä mat där Reform, déi mir haut hei stëmmen, kuckt d'DP zrëck op eng laang Tradition, wou si, wa se an der Regierung war, an ech hunn dat jo elo gesot, sech dofir agesat huet, dass déi statistesch Situation vun de Statsbeamten ëmmer op en Neits moderniséiert gouf an de Gegebenheete vun engem modernen an effiziente Stat ugepasst gëtt. D'Welt bleift net stoen. Och am 21. Joerhonnert ass et eis verdammte Pflicht al arodéiert a festgefuere Strukturen ze verbessern, si un déi aktuell Gegebenheeten ze adaptéieren. Dat ass am Intérêt vun deene concernéierte Beamten a vum Bierger, deen onweigerlech mat hinnen öfters a Kontakt kënnt. Säit der leschter Reform vun 1979 sinn also bal 25 Joer vergaangen. Ronderëm eis huet viles évoluéiert a changéiert.

Ech kann dann awer och nach am Numm vun eiser Fraktioun e ganz besonnesche Merci a meng Félicitatiounen un de Gusty Graas adresséieren, deen en excellente schréfflechen a mëndleche Rapport gemaach huet, an ech géng awer och an dee Merci aschleissen, well hien och net oft d'Geleeenheet kritt fir esou gelueft ze ginn, de Statssekretär vun der Fonction publique, dee jo e ganz groussen Effort gemaach huet an eng onheemlech Dialogbereetschaft gewisen huet.

A sengem Rapport stellt de Gusty Graas folgendes fest, an ech zitieren dat: „Une administration publique moderne, efficace et proche du citoyen se doit d'être en tout premier lieu innovatrice et ouverte à l'intérieur de ses structures. En effet, une administration publique qui est en quelque sorte le reflet de notre société et qui tient compte des changements qui s'y opèrent sera encore plus à même de se mettre au service de la communauté ou de la collectivité.“

Fir dass d'Fonction publique awer hirer Roll gerecht ka ginn, muss se och esou organiséiert ginn, fir dass se eben den neie Gegebenheete vun eiser Zäit, no deenen eis Gesellschaft sech entwéckelt huet, ugepasst gëtt. Dat kléngt wéi eng Lapalissade, mä nach geet et net duer fir et ze soen, et muss een et och maachen. Dat geschitt elo mat dëser Reform, a meng Kolleegen aus der Fraktioun Maggy Nagel a Jeannot Belling wäerten op déi eenzel Dispositionen nach zrëckkommen. Ech ka mer jiddefalls erlabe feststellen, dass déi Dispositionen deenen aus dem Wahlprogramm vun der DP vun 1999 an och deenen aus der Déclaration gouvernementale, wat genau esou wichtig ass, vun 1999 mir also trei sinn.

Ech soen dat un d'Adress vun all deenen, déi eis onberechtegt an ongerechtfergt Virwërf maachen a besonnesch eis zwou Majoritéitsparteien an dësem Sujet wëllen ausernaner dividéieren. Dat brénge se net fäerdeg!

D'Deelzäitaarbecht gëtt agefuert. Dat ass eng vun deene wichtige Neierungen. Et gëtt déi legal Basis fir den Télétravail geschafen. Déi Beamten, pour l'essentiel Fraen, déi virun 1984 hu misse vun hire Funktiounen démissionéieren, well se sech wollten oder hu misse ëm hir Kanner këmmen, kënnen erëm hiren Déngscht an der Fonction publique ophuelen. Genau esou dréit d'Aféierung vun de sougenannte Mitarbeitergesprecher dozou bäi, d'Beamten duerch eng besser Informatioun a méi en enkt Abannen an d'Organisation vun engem Service méi ze responsabiliséieren a se doduerjer och nach méi ze motivéieren.

Här President, Dir Dammen an Dir Hären, fir mech ass e gudde Beamten net deejeinegen, dee seng legal Aarbechtszäit ofsätzt, mä deejeinegen, deen déi him uvertrauten Aarbecht gutt, kompetent an op eng schnell Aart a Weis léist.

D'Procédure disciplinaire gëtt reforméiert, an dat am Intérêt vun de Beamten. Et ass nu leider emol esou, dass genau wéi am Sektur privé et och alt am Sektur public léns a rechts schwartz Schof ginn. Domadder muss een ëmmer rechnen, mä fir dass trotz allem awer kengem en Onrecht geschitt a kee léséiert gëtt, gëtt eben d'Procédure, wéi de Rapport et seet, nach méi transparent, neutral an impartial gestallt. Fir iwwerhaupt esou eng Prozedur ze évitéieren, gëtt den Ordre de justification agefuert. Et ass scho vun deem geschwat ginn. Ech brauch net drop anzegoen. Dat huet den Avantage, dass ee kleng Ongereimtheeten direkt aus dem Wee schafe kann eier se esou ausaarten, dass eng Procédure disciplinaire engagéiert gi muss, wat finalement kee sech wënscht.

Spezialisten aus dem Privatsektor kënnen agestallt ginn, déi hir Erfahrungen aus dem Privatsektor Gewënn bréngend an d'Fonction publique kënnen matbréngen an déi de Bols vun eiser Gesellschaft aneschtens spieren an dofir e ganz interessanten Apport kënnen bréngen.

Et ass net meng Intentioun nach méi prezis op all déi Saachen anzegoen, well mir Virriedner waren do ganz ëmfänglich an hunn déi wichtigst Elementer vun dësem Projet de loi erausgeholl. Ech wëll just nëmme soen, dass mir un deene Mesurë selbstverständlech festhalen, dass mir se begrëssen, ob dat elo och besonnesch déi Geschicht ass mat de Postes à responsabilité. Mir wëssen, dass de Statsrot sech zweemol, eng Kéier a sengem éischten Avis an dunn an engem Avis complémentaire, formell opposéiert huet zu där Mesure. Well mer den Datum vum Vote vun dëser Reform, an ech mengen do war jiddferree mat eis d'accord, net hu wëlle verleeën, hu mer dës Dispositionen oder ware mer d'accord fir se aus dem Gesetz erauszehuelen.

Ech a meng Fraktioun, mir deelen absolut d'Proposition vun der Regierung, fir hei kuerzfristeg an der Chamber e Projet de loi ze déposeréieren, deen d'Dispositionen, wat d'Postes de responsabilité ubelaangt, ëmsetze soll. D'Aféierung vun deene Mesurë soll awer elo net heeschen, dass een elo, wéi de Fransous géng soen, all siwe Joer soi-disant sur la sellette wär. Et erlaabt just am Fall, wou sech géng erausstellen, dass eng Persoun net forcément fir dee Poste gemaach wär, aus deem engen oder anere Grond, en Instrument ze hunn, fir no siwe Joer aner Dispositionen ze treffen.

De Rapporteur huet hei vu Beispiller geschwat. Ech kann lech soen, d'Chamber ass selwer op dee Wee

gaange bei der Nominatioun vum President, dem Vize-President an de Conseillere vun der Cour des Comptes. Et ass also näischt Neies méi.

Mäi Virriedner huet natierlech op eng Rei vu Saachen higewisen, déi an hirem besonnesche Pabeier do stoungen, dem Document de réflexion élaboré par le cercle Paul Wilwertz am September 2002. Do stinn eng Partie interessant Saachen dran. Déi nei Attitüd vun der LSAP, déi geet jo dorop eraus fir aus hirem Échec vum Wahlergebnis vun 1999 ze léieren an d'Fonction publique erëm ze entdecken. Vlächht huet se se iwwerhaupt emol erëm nei entdeckt, well se se an deene leschte 15 Joer, wou se an der Regierung war, net gesinn huet. Ausser Pressekonferenzen ze veranstalten, wou monéiert gëtt, dass Lëtzebuerg mat e-Government hannendra wär, an alleguer déi Beamten, déi sech am Kader vun e-Lëtzebuerg vill Méi maache fir eppes wat Kapp a Fouss huet op d'Been ze stellen, brückéiert huet, huet menger Meenung no d'LSAP keng richtig Alternativen zu deem wat d'Regierung proposéiert huet.

Och huet d'LSAP duerch hire Spriecher hei vergiess ze soen, dass Lëtzebuerg bei der leschter Etüd vun der EU-Kommissioun am Oktober 2002 un drëtter Plaz vun deenen 18 Länner kënn, déi während dem leschte Semester am Kader vun e-Government déi gréisste Progressioun verzeechne konnten.

(Interruption)

Mä well se sech däers iergendwéi bewosst war, hu se dann dunn de sougenannte Positionspabeier, deen och virdrun hei ernimmt ginn ass, publizéiert. Do hat ee jo d'Impressioun, wéi een dat gelies huet, wat an deem Positionspabeier steet, elo kënn et, elo wësse mer emol endlech wat d'LSAP wëllt, elo kréie mir an d'Regierung mol gesot, wat ze maachen ass, mä et ass genau esou gewiescht wéi bei der Interventioun vu mengem Virriedner, et war alt erëm eng Enttäuschung. Iwwerrascht war een trotzdem, wann ee Folgendes gelies huet: „Finalement il importe de relever que l'usager doit pouvoir avoir confiance en l'administration. Une fois que cette dernière a rendu son fonctionnement transparent et qu'elle soit prête à mesurer le degré de satisfaction des usagers et à dialoguer ouvertement avec ces derniers, les informe, les aide, les conseille, redresse ses erreurs, respecte les droits des usagers, et mise sur la prévenance, la qualité et la sincérité, alors la confiance de la part des usagers lui sera acquise et assurée.“

Här President, dat ass a mengen Aen e staarkt Stéck. Offen Diere ginn do agerass. Wann een dat liest, da mengt een, et wär awer och glat a guer näischt an der Fonction publique gelaf bis zu dem Positionspabeier vun der LSAP, an dass d'Fonction publique an hir Vertrieeder géingen de Bierger d'Dier op der Nues zouschloen.

Mir hunn den Avantage zu anere Länner, dass eis Administratiounen awer nach iwwersiichtlech sinn, an dass mer och vill Beamten hunn, déi d'Bierger informéieren a beroden.

Erlaabt mer dann awer och nach dës Fro ze stellen: Ass de Statut général du fonctionnaire de l'Etat dann näischt aneschers wéi ebe just eng Charte, wou d'Rechter an d'Pflichte vun de Beamte festgehal sinn? Vlächht wöllt d'LSAP dës Kéier méi verdeckt knäipen, wéi se dat virdru gemaach huet, notament mat hirem Pabeier mat deenen 21 Propositionen an der Education nationale, dem Pabeier vu Steesel. Sinn d'Mitarbeitergespräche an den Ordre de justification, déi elo mat dëser Reform agefouert ginn, net dozou ugedoen, dass dat wat d'LSAP verlaangt geschitt an émgesat gëtt? Mä leider ass d'LSAP erëm e bëssen ze spéit, étant donné dass de Projet jo schonn 2001, also wäit virun hirem

Positionspabeier, Här Meyers, déposéiert ginn ass.

Da gëtt an deem Pabeier och nach eng Occupation permanente vun dem Central téléphonique gefrot. D'LSAP huet vergiess, dass am Joer 2001 de Numéro vert installéiert ginn ass. D'Fro stellt sech och, ob, wéi si an der Regierung waren, iwwerhaupt esou en Telefon fonctionnéiert huet. Ob d'Fonctionnairen iwwerhaupt en Telefon haten, misst ee sech jo da froen, wann den Här Di Bartolomeo dat kritiséiert, wat mir elo gemaach hunn.

Och soll, laut der LSAP, d'Formation initiale während dem Stage verbessert ginn. D'LSAP huet och hei net déi sëllege Reformen am Kader vum INAP mat krut, déi säit 1999 ënnerholl gi sinn.

Här President, ech kéint elo ouni Weideres nach viruere mat Beispiller, déi weider kloer der LSAP hire Manktum un Initiativbereetschaft an un Alternativen ënnersträchen.

■ Une voix.- Oh là là là!

■ M. Jean-Paul Rippinger (DP).- Ech kommen awer trotzdem net derlaanscht eng Saach ze ernimmen, déi der Lëtzeburger Sozialistischer Aarbechterpartei hir Hëlleflosegkeet ganz besonnesch gutt illustréiert. An ech muss soen, de President vun der LSAP huet sech elo licht geäussert, mä wann ech awer dann de Mëtteg dat Bild kucken, Här Asselborn, wat Dir hei ofginn hutt: Dir hutt en offizielle Spriecher, deen heihinner kënnt a Kritiken ubréngt. Si ware polemischer Aart. Ech hunn dorop geäntwert. Dat ass alles schéin a gutt. An da gëtt hei d'Ried virgelies vum Här Jempy Klein, a bei all zweetem Alinéa gëtt gesot, dat do seet de Jempy Klein. Dat huet d'Impressioun verméttelt, besonnesch bei eiser Fraktioun, dass den Här Di Bartolomeo net ganz mat deem d'accord wär, wat de Jempy Klein geschriwwen huet. Dat Bild huet dat verméttelt. E Bild vun Zerstridenheet. E Bild, dass Der net eens sidd, esouguer wann zwee datselwecht hei solle soen.

(Interruptions)

■ M. le Président.- Wann ech glift, wann deen ee fäerdeg ass, kann deen anere schwätzen.

■ M. Mars Di Bartolomeo (LSAP).- Däerf ech, wann ech glift, dem Här Rippinger...

■ M. Jean-Paul Rippinger (DP).- Ech sinn direkt fäerdeg, Här President.

■ M. Mars Di Bartolomeo (LSAP).- Ech wollt lech just eng kleng Äntwert ginn. Wann Dir déi Impressioun hat, Här Rippinger,...

■ Une voix.- Dir hutt d'Wuert net.

■ M. Mars Di Bartolomeo (LSAP).- Dach, den Här President huet mer et ginn. Den Här Rippinger huet mir zweemol eng Fro gestallt, dann äntweren ech weinstens eng Kéier.

Wann déi Impressioun sollt opkomm sinn, dass et eng Differenz zwëschent dem Jempy Klein a mir géif ginn, dann erënneren ech lech drun, dass ech op der Tribün gesot hunn, dass et zwëschent dem Jempy Klein a mir keng Plaz gëtt fir en Zigaretteblietchen.

(Etonnement)

Dat heescht, wann de Jempy Klein schwätzt, schwätzt en och a mengem Numm a vice-versa. Mir schwätzen allen zwee am Numm vun eiser Fraktioun. Déi Impressioun, déi Der hat, war also falsch. Et deet mer Leed.

■ M. le Président.- Här Rippinger, fuert weider.

■ M. Jean-Paul Rippinger (DP).- Här President, ech huelen Akt vun der Rectificatioun vun dem

Här Di Bartolomeo, mä dat wat hien elo gesot huet, huet mech awer net iwwerzeegt, an ech muss soen, dat hei ass elo kee wichtegt Element, mä ech sinn dat Gefill net lass ginn, an elo wou en déi Rectificatioun, déi archimaigre ass, abruecht huet, muss ech soen, sinn ech nach net iwwerzeegt, mä et ass awer net wichteg.

Ech wollt nach eng Kéier op déi Schwieregkeet hiweisen an där d'LSAP effektiv ass. Ech verstinn dat och. Et ass net einfach fir si, fir d'éischt an der Kommissioun sech ze enthalten an dann heihinner ze kommen an ze soen, si géingen et stëmmen an trotzdem Kriticken derzou unzeféieren. Si haten an der Kommissioun ugekënnegt, si kéime mat Amendementer. Or, déi Amendementer sinn ni komm. Wat komm ass, dat ass e Froekatalog mat deem een net vill konnt ufänken.

Här President, Dir Dammen an Dir Hären, ech kommen elo zum Schluss. Et ass en excellente Projet de loi, deen d'Regierung déposéiert huet, a wéi bei all aner Projet de loi muss een emol fir d'éischt kucken, wéi e sech an der Ausféierung deet. Et kann een ëmmer nach nobesseren, fir et nach besser ze maachen.

Et ass jo näischt Neies fir lech, wann ech lech soen, dass d'Reform vum Beamtestatut net eng Reform ass, déi iwwert d'Käpp vun de Leit eraus décidéiert ginn ass. Si ass zesumme vun dëser Regierung, vum zoustännege Minister, mam Statssekretär a mat der representativer Gewerkschaft ausgeschafft ginn. Déi Reform dréit dem Besoin vun enger moderner effizienter an transparenter Verwaltung Rechnung a gëtt hire Beamten d'Méiglechkeet Beruff a Privatliewe besser ze vereenen. Et ass eng Reform mat de Beamten, fir d'Beamten, am Intérêt vun de Bierger. Dat ass dat och woufir mir, d'DP, stongen a stinn a woufir mir eis och an Zukunft wäerten asetzen. Et ass also guer kee Problem, Här President, Dir Dammen an Dir Hären, dass mir dës Projet de loi stëmmen.

■ M. le Président.- Merci, Här Rippinger. Nächste Riedner ass den Här Gibéryen. Här Gibéryen, Dir hutt d'Wuert.

■ M. Gast Gibéryen (ADR).- Här President, Dir Dammen an Dir Hären, ech wëll och vun eiser Säit aus dem Kollege Gusty Graas merci soen an e félicitéiere fir säin explicit schréfftlechen an och mündleche Rapport, deen hien de Mëten hei virgedroen huet. Hien huet op eng gutt verständlech Manéier déi eenzel Dispositiounen aus dem Gesetz hei erkläert.

Dës Projet huet eng relativ laang Virgeschicht. En ass den 19.12. 2001 deponéiert ginn. D'Kommissioun vun der Fonction publique ass 14-mol zesumme komm. Et sinn eng Rei Avis complémentaires gefrot ginn, esouwuel vun de Chambres professionnelles wéi vum Conseil d'Etat, fir datt dat Gesetz nun emol haut hei esou zur Diskussioun kënn wéi et an der leschter Sitzung festgehal ginn ass.

Et ass sécherlech, wann een als Stat, als Gesellschaft wëllt e gudde funktionelle Statsbetrib hunn, datt een och muss kucken, datt déi Leit, déi beim Stat schaffen, e Statut hunn deen hinne Garantië gëtt, deen op där anerer Säit hinne Responsabilitéiten, Pflichten operleet vis-à-vis vum Stat a vis-à-vis vun der Gesellschaft.

Ech wëll a menger Interventioun méi punktuell Iwwerleeungen zu dësem Gesetz maachen. Dir wësst, datt mer als Partei eng Reform vun den öffentleche Verwaltungen, eng Réforme administrati-

ve verlaangen, esou wéi se och an der Regierungserklärung steet, wéi och den Titel vun dem zoustännege Ministère ass. Mäi Kollege Jacques-Yves Henckes wäert méi spéit op dësen Deel agoen.

Dëst Gesetz féiert ënner anerem d'Deelzäitbeschäftigung, den Temps partiel a mat 25, 50, 75%. Mir beschreiden domadder nei Pied an der Fonction publique. Wat am Prinzip virdru beim Statut vum Fonctionnaire net méiglech war, gëtt awer elo méiglech opgrond vun dem Accord salarial, deen den 29. Mee 2000 festgehal ginn ass.

Den Temps partiel gëtt ëmmer méi an eiser moderner Gesellschaft, déi sech an deene leschte Jorzéngten ëmstrukturéiert huet, wou ëmmer méi Frae mat an d'Beruffsliewen eraginn, a wou Mann a Fra versichen d'Familljeliewen, d'Erzéiung vun de Kanner mat dem Beruffsliewe beschstens ze kombinéieren, zu enger Regel, zu enger Normalitéit, Temps partiel wéi en am Privatsecteur schonn a ville Betriber besteet a wéi et och elo richtig ass, datt mer en an der Fonction publique kréien.

Wichtig ass, datt een e Konsens fënnt, wou de Wënsch vun de Leit an de Besoinë vum Betrib Rechnung gedroe gëtt, an datt een de gesonden Equiliber erausfënnt, datt der Administratioun garantiert ass, datt e gudde Fonctionnement bestoe bleift.

(M. Jean Spautz reprend la Présidence)

Am Projet de loi war virgesinn, datt een den Temps partiel pro Administratioun sollt op 25% maximum limitéieren. Am Laf vun den Diskussiounen ass déi Klausel vu 25% erausgehol ginn, wat ech och fir eng gutt Lösung fannen. Verschiede Betriber kënnen vlächht fonctionnéieren opgrond vun hirer Struktur, vun där Aarbecht déi se maachen, an anersäits gëtt et awer och wahrscheinlech Administratiounen, wou déi 25% net kënnen autoriséiert ginn, mä doduerch datt se awer als e Maximum an engem Gesetz stinn, quasi als e Recht kéinten ugesi ginn. Datt dee Maximum vu 25% aus dem Text erausgehol ginn ass, ass eng gutt Saach, an datt den Temps partiel agefouert ginn ass, bewäerte mir och als positiv.

An deemselwechten Zusammenhang ass, datt all déi Zäite vum Congé pour travail à mi-temps, vum Temps partiel, fir d'Erzéiung vu Kanner bis zum Alter vu 15 Joer, an Zukunft mat ugerechent gi wat d'Promotiounen, d'Avancementen, oder den Examen de promotion ubelaangt. Dat ass an eisen Aen eng gutt Moossnam a gëtt och vun eis positiv bewäert.

Réintegratioun, d'Méiglechkeet, datt d'Leit wuel müssen e gewësenen, wéi soll ech soen, Recyclage maachen, mä datt se awer erëm an hir Verwaltunge kënnen réintégréiert ginn, schéngt eis och eng normal Saach ze sinn, well mer wëssen, datt bis haut déi Leit net konnten erakommen, oder hu misse an de Verwaltunge waarde bis am Kader vum Kader eng Plaz fräi ginn ass. Datt awer déi Leit elo kënnen hors cadre gefouert ginn, fënnt eis Zoustëmmung an dësem Zusammenhang.

Wat den Temps partiel ubelaangt, wölte mer d'Fro un d'Regierung stellen, ob elo kuerzfristeg e Gesetz kënn, wat all déi Dispositiounen, déi mer an dësem Gesetz hunn, op de Gemengesecteur transposéiert a wéini datt dat kënn.

Mir haten an der Kommissioun d'Diskussioun, a mir hu keng kloer Antwort drop kritt, wat zum Beispill d'Enseignanten ubelaangt, déi net beim Stat mä bei de Gemengen am Préscolaire an am Primaire beschäftigt sinn, a wou am Fond kee bis haut eis esou richtig konnt soen, wien dann elo hire Patron ass, wien den Temps partiel kéint autoriséieren. Den Här Statssekretär hat gemengt, huet sech awer net fest fixéiert, datt dat de Stat

wier. Op där anerer Säit ass et awer esou, datt d'Gemengen d'Poste schaffen, se ausschreiwen, d'Leit auswählen, déi esouguer op de Gemenge vereedegt ginn, mä si gi vum Stat bezuelt an d'Gemenge participéieren zu engem Drëttel drun, esou datt ee misst kuerzfristig klären, wien dann elo de Responsabelen an där Fro ass. De Stat oder d'Gemengen? Soss kéinte mer eventuell Konfliktsituatioune kréien, well Leit sech dat eventuell beim zoustännege Minister géifen ufroen, d'Gemengen awer wahrscheinlich net domadder averstane kéinte sinn oder eleng aus der Ursach eraus, datt se net gefrot si ginn.

D'Fro ass, wéini dat op de Gemengesecteur transposéiert gëtt a wien dann elo wirklech den hierarchische Chef vun den Enseignanten ass, déi an de Gemengen, esouwuel am Préscolaire, am Précoce wéi am Primaire, beschäftigt sinn.

D'Procédures disciplinaires, déi sech als äusserst schwierig erweisen hunn, ginn duerch dëst Gesetz reforméiert op der Basis vun Erfahrungen, déi an de leschte Jorzéngte gesammelt si ginn. Hei gëtt eng Prozedur agefouert, wou mer e Commissaire de Gouvernement kréie mat engem spezialiséierte Service, mat méi enger kloerer Struktur, wou mer och méi, géif ech soen, d'Garantie kréien, datt eng neutral, eng transparent Gestiou vun den Dossiere gemaach gëtt, e Service dee méi onofhängeg vun de Verwaltungen ass an deen a priori et och klunge Verwaltunge méi licht mécht, wann esou e Fall sech an hirer Verwaltung stellt. A gréisere Verwaltungen, wou déi concernéiert Leit vlächht net onbedéngt all Dag mat hirem direkte Chef a Verbindung sinn, léisst dat sech besser maache wéi an enger klenger Verwaltung, wou nëmmen e puer Leit sinn. Och déi Proposition fënnt ons Zoustëmmung.

D'Recruitementer, déi ginn an Zukunft eenheetlech gemaach. Den Examen-concours gëtt d'Regel. Et däerf net eng Derogatioun dozou bestoen. Den Alter gëtt op 45 Joer erop gesat, wat och wichtig ass, well mer am Privatsecteur schwéier kënnen de Betriber als Stat soen, Dir musst awer och déi Leit am Alter vu 45, 50 Joer, déi am Chômage sinn, astellen, a mir als Stat oder als Gemeng ginn op där anerer Säit hin a soen dass mer keen huelen, deen iwwer 40 Joer ass. Virun enger Rei vu Jore war et esouguer 35 Joer. 45, géif ech soen, ass e gudde Schrack, deen elo hei gemaach gëtt. Et schéngt engem och kloer, datt een net e Statut vum Fonctionnaire iergendwéi mat 55 Joer soll ugoen. Wat awer wichtig ass, datt mer elo mat 45 Joer keng Derogatioune méi zouloossen, mä datt et einfach den definitiven Alter ass.

Wou mer méi Problemer dermat hunn, dat ass mat dem Rekrutéiere vu Spezialisten, well een do, eiser Meenung no, et deene Leit, déi dat decidéieren, an dësem Fall de Regierungsrot, ze vill einfach mécht, wéi se kënnen Leit aus dem Privatsecteur an d'Fonction publique eriiwwerhuelen. Mir stinn där Iddi eischter skeptesch vis-à-vis, well mer mengen datt all Mënsch den normale Wee iwwert den Examen-concours soll aschloen, a wann dovun ofgesi gëtt, datt dat wirklech nëmmen däerf eng Exceptioun sinn. Hei ass awer d'Méiglechkeet ginn, ech wëll näischt ënnerstellen, mä d'Méiglechkeet ass hei awer ginn, datt iwwert dës Wee d'Regierung Leit an de Secteur public kann eranhuelen, déi da schonn no engem Joer, well se beim Stat ee Joer beschäftigt sinn, de Statut vum Fonctionnaire kréien, an dat net onbedéngt weinst hirer Spezialisatioun, mä oft weinst hirer politischer Zougehéiergkeet.

Dat kann ee Wee sinn a mir pochen ëmmer drop, datt mer fir de Statut vum Secteur public wëllen absolut neutral si vis-à-vis vun der Politik an datt et keng politesch Fonctionnairen dierfe ginn. An iwwert

dése Wee vum Rekrutéieren, wou d'Regierung kann Ausnahme maa-che vis-à-vis vum normale Recrutement fäerte mer, datt do eng politesch Fonctionnaliséierung vu gewëssene Leit, déi dann och ganz dacks eben op speziell an dirigéierend Poste komme kënnen an d'Fonction publique, wat net am Interesse vun der Foncton publique ass, wa Leit duerch politesch Zougehéieregkeet gewëssen Avantage a Privilegië vis-à-vis vun deenen anere Fonctionnairë kréien.

Datt mer de Gläichheitsdéleguéierten an der Foncton publique aféieren ass eng Transpositioun, déi mer am Privatsecteur scho laang hunn, an datt déi elo an der Foncton publique kënn, mengen ech ass, an dat ass de Mëtteg schonn e puermol hei ugeklongen, opgrond vun de Statistiken, déi et an deem Domän do gëtt, scho wichteg, datt een op alle Plaze wou Leit zesumme musse schaffen, Strukturen opbaut, wou een op déi dote Gläichheitsprinzipie ka pochen an och akloen.

An deem Gesetz ginn dann och eng Rei vu Moosssnamen vum den Dispositiounen vum Rentendéisch mat ëmgësat. Déi um Rentendéisch derbäi ware wëssen, datt et um Rentendéisch keng Diskussioun war, ob déi Verbesserung fir de privaten oder den öffentleche Secteur waren. Et war ëmmer Eestëmmegekeet um Rentendéisch, datt all déi Moosssnamen, déi do getraff si ginn, fir déi zwee Secteure wieren, an datt déi och missten an deenen zwee Secteuren ëmgësat ginn. An dofir, wa mer haut hei déi Dispositiounen wat d'Babyjoren ubelaangt och elo an der Foncton publique ëmsetzen, dann ass dat eng logesch Konsequenz vun den Décisionen, déi mer um Rentendéisch geholl hunn, wou mer jo am Privatsecteur déiselwecht Dispositiounen hunn, datt Leit, déi an hirer Carrière Babyjoren ugerechent kréien, an déi Urechnung awer net dat ausmécht, wat de Forfait d'éducation, dee mer duerch d'Gesetz vum 28. Juni 2002 agefouert hunn, datt déi Differenz dann ebe géif als en Zouschouss bezuel ginn am Privatsecteur, hu mer an d'Gesetz gesat, datt dann dee Montant, dee berechent gëtt als Babyjoren einfach esou héich eropgesat gëtt, fir datt awer déi 3.000 Frang géifen erauskommen.

Et ass also identesch, eng Gläichstellung tëschent dem Régime général an dem Secteur public. Déi fënnt och eis Zoustëmmung.

Datt de Plaffong bei de Witwerenten erhéicht gëtt, fënnt och eis Zoustëmmung. Mir hunn hei zwar nach eng Differenz vis-à-vis vum Privatsecteur, mä am Privatsecteur hu mer d'Pensiounen wat d'Witwerenten ubelaangt virun enger Rei vu Jore vu 66 2/3 op 75% gehéicht. Et ass also e Prozentsaz, dee méi héich ass wéi deen an der Foncton publique. Mir waren net domat averstanen, opgrond vun de generellen Differenzen, déi mer tëschent Witwen oder de Pensiounen, tëschent dem privaten an dem öffentleche Secteur, datt ee géif déi Dispositiounen vun deene 75% tel quel an d'Foncton publique ëmschreiwen, mä vu datt mer och an der Foncton publique, ënner verschiddene Fäll, kleng Witwepensiounen hunn, ass et scho richtig, datt een do eng Upassung vum Plaffong mécht, ouni datt een do duerch de Prozentsaz eropsetzt.

Eng Dispositioun mat där mer net averstane sinn ass déi, déi mer virun e puer Joer agefouert hunn, mat de 57 Joer, mat 40 Joer cotiséieren, wou ee kann an d'Pensioun goen. Ech mengen, dat war nach ënnert dem Minister vun der Foncton publique Marc Fischbach, wou dat deemools agefouert ginn ass, wou Leit mat 57 Joer a 40 Joer Déngscht kënnen an d'Pensioun goen, wou deemools awer eng Dispositioun an d'Gesetz komm ass, déi gesot huet, et géif pro Joer, wou ee viru 60 Joer géif an d'Pensioun goen, 1/60 vun der Pensioun gekierzt ginn.

Dat war den Equivalent, wou deemools argumentéiert ginn ass, wann ee mat 57 Joer am Privatsecteur an d'Pensioun geet, da kritt een och net déi Pensioun wéi wann ee bis 60 Joer geschafft hätt. Dann hätt ee jo och dräi Joer weider geschafft, dräi Joer weider cotiséiert an dann hätt ee méi eng héich Pensioun kritt. Deemools ass argumentéiert ginn, dat wier richtig an dofir misst dann eben 1/60 ofgezu gi pro Joer, wou ee virdrun an d'Pensioun geet. Mir sinn dofir net domat averstanen, datt dat elo eesäiteg réckgäנגeg gemaach gëtt an der Foncton publique, datt déi Dispositioun ofgeschafft gëtt. Domadder ginn d'Pensiounen aus dem Privatsecteur op deem dote spezifesch Punkt vis-à-vis vun der Foncton publique neierdëngs erëm da benodeelegt, quitte datt dat doten elo keng Mass vu Leit betrëfft, well et sinn eischstens Leit déi musse 40 Joer geschafft hunn. Et sinn der wahrscheinlech da vun der Carrière inférieure, well déi aner an der Regel mat 57 Joer net un déi 40 Joer erukommen, an et ass och gesot ginn datt déi Leit, déi elo schonn an deem System an der Pensioun wieren, net réckwierkend, mä deen Abléck, wou déi Bestëmmungen hei a Kraaft trieden, hir Pensiounen nei berechent kréien. Dës Propositioun fënnt net eis Zoustëmmung.

De Bénévolat iwwert d'Pensioun ewech, do hu mer iwwerhaapt net verstane wéi een op esou eng Iddi kënn kommen, fir datt ee fräiwëlleg fir näischt nach géing weider bei de Stat schaffen goen. Ech gesi keng Ursaach. Dat muss eng Persoun sinn, déi eng winnerschéi Plaz huet oder eng fuerchtbar schlimme Fra doheem huet. Ech fannen einfach keng Ursaach, firwat datt ee fir näischt soll iwwert d'Pensioun eraus schaffen goen, an et hu wahrscheinlech méi Leit dat gemengt. Dofir ass jo och déi Dispositioun erëm aus dem Gesetz gestrach ginn. Well do hätt sech jo nach eng Rei vun anere Froe gestallt. Wéi ass et mat der Responsabilitéit? Do ass jo awer e Statut, deen dorunner hânt. Wann déi Leit net méi vum Stat bezuel ginn, hunn déi dann awer nach Pouvoir? Kënnen déi nach ënnerschreiwen? Kënnen déi nach engagéieren oder wat se do maachen? Ass de Stat dofir responsabel? Oder wéi wäit sinn d'Leit responsabel? Et gëtt jo och eng ganz Rei vu Froen, déi sech do zousätzlech opgeworf hunn, an dofir ass et wichteg datt mer och déi Dispositioun aus dem Gesetz erausgeholl hunn.

Eng aner Dispositioun, wou mer mengen, datt se och net gutt wier an och dofir net domat averstane sinn, dat ass datt ee méi laang Iwwert de Pensionsalter vu 65 Joer bis 68 Joer kënn weider schaffen.

Ech wëll soen, datt mer virun enger Rei vu Joren am Privatsecteur déi doten Dispositioun agefouert hunn, datt een, wann de Betrib an de Salarie en Accord haten, ee konnt méi laang schaffen goe wéi 65 Joer. Mat deem Gesetz wou mer d'Dispositiounen vum Rentendéisch ëmgësat hunn, hu mer déi Dispositioun aus dem Gesetz fir de Privatsecteur erausgeholl, well se an der Praxis einfach net applizéiert ginn ass, well keng Leit sech fonnt hunn, déi méi laang wéi 65 Joer schaffen gaange sinn. Am Privatsecteur hate mer eng aner finanziell Regelung. Do hunn d'Leit dann d'Gehalt viru kritt a si hu weider cotiséiert a si konnten dann herno beim Pensionsantrëtt e Supplément zur Pensioun kréien.

An der Foncton publique, nodeem datt mer et also elo virun e puer Méint am Privatsecteur ofgeschafft hunn, féiere mer elo déi Dispositioun an a soen, do kënn Leit also elo bis 65 Joer weider schaffen mat enger Dispositioun, wou mer soen, si dierfe bei d'Pensioun net méi bäi verdéngen wéi 10%, Här Rapporteur, wéi hiert lescht Gehalt.

D'Fro, déi sech stellt: Fir wien ass déi doten Dispositioun gemaach? Ech ka mer net virstellen, datt dat fir den normale Fonctionnaire ass, datt deen elo wëllt op eemol méi laang wéi 65 Joer schaffen goen. Ech hunn do eischer esou mäin Zweifel, Madame Minister, datt do déi Leit, déi gutt Cumulé kënn sammeln, an dat sinn der jo net esou masseg, mä mer hunn der jo awer beim Stat, déi net schlecht mat Cumulé liewen an datt déi alleguer Problemer hunn, dat gesi mer, dat si jo och déi déi um Stull kliewe bis déi lescht Stonn, wat den aktiven Alter ubelaangt, geschloen huet. Mir mengen eischer, datt dat hei eng Dispositioun ass fir déi Leit déi gutt verstanen hunn ze cumuléieren, fir datt déi elo dräi Joer méi laang kënn cumuléieren, an dofir si mer och mat där Propositioun net averstanen.

D'Nominatioun fir speziell Responsabilitéiten, dat war eng Dispositioun déi mir begreist hunn. Mir wollt generell d'Foncton publique méi responsabiliséieren, virun allem wat d'Postes dirigeants ubelaangt, datt déi Leit dann awer och méi Pouvoir kréien a méi Responsabilitéit, méi Autonomie kréien, fir hir Verwaltung fonctonéieren ze loosse, an an deem Sënn si mer ëmmer dofir gewiescht, datt een déi Leit soll à durée déterminée nominéieren. Déi Dispositioun ass erausgeholl ginn. D'Regierung huet gesot, si géif kuerzfristeg e Projet de loi hei déposieren. Mir stinn där Iddi positiv vis-à-vis. Mä ech géif awer bal haut meng Fangeren an d'Feier leeën, datt mer an dëser Legislaturperiod dëse Projet net méi wäerte stëmmen. Ech loose mech dann enges Bessere beléieren, mä ech halen emol déi Ausso hei a menge Mémoire fest, fir vläicht an engem Joer nach eng Kéier drop zrëckzekommen.

Iwwer e Règlement grand-ducal gëtt dann och am Kader vun der EU-Direktiv festgeluecht, wou Lëtzebuerg jo och condemnéiert ginn ass, wat d'EU-Bierger sinn, déi an d'Foncton publique solle schaffen kommen.

Mir sinn als ADR selbstverständlech fir de Respekt vun den europäeschen Direktiven, mä mir sinn awer der Meinung datt een d'Foncton publique, esou wäit wéi et nëmme méiglech ass, exklusiv soll de Lëtzebuurger virbehalen. Mir halen och drop, datt skrupellos déi Bestëmmungen, wat d'Sprooch ubelaangt, wa mir net derlaanscht kommen oder wa Leit hir Kandidatur stelle fir an d'Foncton publique eranzekommen, déi eng EU-Biergerschaft awer keng Lëtzebuurger Biergerschaft hunn, datt do d'Konditioun vun der Lëtzebuurger Sprooch, dem Däitsch an dem Franséisch, muss berücksichtegt ginn, an zwar ouni Exceptioun.

Mir hunn haut schonn a Verwaltung Leit setzen, déi, dat héiert ee vun anere Leit an dat huet een och selwer schonn erlieft, quasi refuséiere mat de Leit Lëtzebuergesch ze schwätzen, mä déi Franséisch mat de Leit schwätzen. Et kann net sinn, datt d'Leit sech an enger Rei vu Joren op de Verwaltungen, beim Stat oder bei Gemenen, net méi kënnen op Lëtzebuergesch ënnerhalen. Duerfir hale mir mordicus drop, datt d'Regierung do oppasst an datt do keng Exceptiounen gemaach ginn. A priori Lëtzebuurger do, wou et nëmme geet, an op där anerer Säit d'Lëtzebuurger Sprooch an alle Fäll.

De Projet de loi, deen hei déposiert ginn ass, huet a sengem Exposé des motifs bei enger Rei vu Bestëmmungen opgefouert Montanten, wat déi eenzel Dispositiounen ongeféier kaschte géifen. Wann ech och virdrun gesot hunn, datt de Rapporteur e gudde schréftlechen a mëndleche Rapport gemaach huet, dann ass dat

esou wäit richtig, mä ech hu just ee Schéinheitsfeeler dra fonnt, an zwar gëtt am Rapport de Käschtepunkt vun dësem Projet net opgefouert.

Mir haten eis virgestallt, datt ee gesot hätt dee Projet hei kascht de Statsbudget insgesamt an Zukunft esou an esou vill, net fir domadder iergendwéi ze soen dat wier net ze finanzéieren oder fir, wéi soll ech soen, iergendwéi Polemik domat ze maachen, mä ech fannen dass bái all Projet, dee mir hei am Parlament stëmmen - a mir waren eis och ëmmer doriwwer eens - dobái leie misst, wat dee Projet insgesamt kascht. Hei sti verschidden Detailer am Exposé des motifs, mä mir hu kee globale Chiffer am Rapport fonnt, wat de Projet kascht.

Fir déi Leit, déi ëmmer iwwert d'Finanzéierung vun de Pensionsregimer am private Secteur diskutéieren, wou mir jo awer keng schlecht Reservieren hunn, ass et awer wichteg, mengen ech, ze wësse wat dëse Projet kascht, well am private Secteur gëtt jo ëmmer dovun geschwat, dass mir 4% Wirtschaftswuesstum hu misste fir d'Pensiounen garantéieren ze kënnen. Kee mannere wéi eise Statsminister répétéiert ëmmer erëm, datt een déi Décisionen vum Rentendéisch aus finanziellen Iwwerleeungen eraus iwwerdenke misst.

Hei setze mir awer och Bestëmmungen vum Rentendéisch ëm opgrond vu Propositiounen vum Här Juncker senger Regierung, déi kaschten. Déi fannen och eisen Accord, mä fairerweis sollt een awer higoen a soen dee Projet de loi hei kascht esou vill, well wann een dat net mécht, da mengen ech mécht ee grad wéi wann een eppes ze verstoppen hätt an een de Leit et duerfir net soe wëllt.

Dat ass eng vun deenen Ursachen, firwat datt mir eis och bei dësem Projet wäerten enthalten. Et ass eng ganz komplex Matière dat heiten. Dat hu mir alleguerten, déi an deene Sitzungen vun der Kommissioun dobái waren, gemierkt, an duerfir wäer mir och frou gewiescht, mä et ass anscheinend aus materielle Grënn net richtig méiglech gewiescht, wann een hätt kënnen en Text coordonné kréie vun deenen alen an deenen neie Bestëmmungen, well et ass ganz schwéier derduerch ze gesinn.

Virdrun hat de Rapporteur gesot, wéi hien un de Volet vun de Pensiounen komm ass, dat wär därmoosse komplex, hie géif dee Volet engem Spezialist iwwerloossen an dunn hat hien op den Här Meyers gewisen. A wéi den Här Meyers hei geschwat huet, du sot deen: Ech si frou, datt den Här Graas de Pensionsvolet hei entwéckelt hat. Esou haten se allenzwee driwwer geschwat a keen hat eppes esou richtig gesot, well et einfach ganz schwéier ass an déi Matière eranzegoen, an duerfir hätt schonn en Text coordonné déi Saach sécherlech net erschwéiert.

Här President, Dir Dammen an Dir Hären, ech wollt eis Usichten zu deenen eenzelne wesentleche Punkte vun dësem Gesetz hei einfach kloer virleeën an ech hunn och duerfir gesot, dass mir eis aus deenen Ursache bei dësem Projet enthalten, wou eng Rei vun duerchaus gudde Positiounen dra sinn, mä wou awer och Saachen dra sinn, déi net eis Zoustëmmung fannen.

Ech wëll net op déi Diskussioun, déi meng Virriedner virdrun hei haten, souwuel vun der LSAP wéi vun der DP, agoen. Ech mengen, do sinn d'Leit am Land intelligent genuch fir dat eent vun deem aneren ze ënnerscheiden. Op jidde Fall stelle mir fest, datt eis sozialistesch Kolleegen eng Kurskorrektur gemaach hunn no de leschte Chamberswahlen. De Kolleeg Jempy Di Bartolomeo huet de Mëten...

(Hilarité générale)

...hei gesot, datt si och duerfir eng Lektoun kritt hätte bei de leschte

Wahlen an duerfir ëmdisponéiert hätten.

Da ginn ech also dovunner aus, datt d'LSAP sech an esou Punkten haaptsächlech électoral orientéiert an net opgrond, wat se virun enger Rei vu Joren hei anscheinend mat Iwwerzeegung vertratt huet, wou ech hinne awer kee Virwurf maaachen, well d'DP huet virun de Wahlen an no de Wahlen déi Punkten hei ëmmer électoral gekuckt.

Ech soen lech merci.

■ Une voix.- Très bien.

■ M. le Président.- Als nächste Riedner ass den Här Jean Huss agedroen. Den Här Huss huet d'Wuert.

■ M. Jean Huss (*DÉI GRÉNG*).- Merci, Här President. Dir Dammen an Dir Hären, no all deene villen an och kloren Explicatiounen iwwert déi verschidden Neierungen am Statut vum Fonctionnaire, déi vum honorablen Här Rapporteur vun dësem Projet an och vun enger Partie Virriedner hei virbruecht goufen, gesinn ech et elo net méi hei als meng Roll un, all dës Neierungen hei nach eng Kéier ze widderhuelen a se och all ze kommentéieren. Domadder hätte mir dann och Zäit gespuert.

No dëser Schwéiergebuert, bei där bekanntlech jo schonn esou munch Punkten, déi vun der Regierung ursprüngelech geplangt waren, fréizäiteg oder nach just kuerz viru Schluss avortéiert goufen, bleibt en neie reduzierte Gesetzentext iwwreg, bei deem natierlech eng Partie konkret Verbesserung vum Statut haut solle beschloss ginn, mat deenen eigentlech jiddferen d'accord ka sinn a mat deenen natierlech och déi Gréng d'accord sinn.

Just op eng Partie vun dëse Verbesserungen, vum Beispill op déi nei Aarbechtszäitregelungen a familljepolitesch Mesuren, op d'Reform an der Disziplinarprozedur oder d'Sécherheet op der Aarbechtsplaz an op anerer wäert ech kuerz gläich zrëckkommen.

Erlaabt mir awer, Dir Dammen an Dir Hären, einleitend e puer méi allgemeng Bemerkungen zur Foncton publique, zu eise Statsappar insgesamt ze maachen, wou de Statut vum Fonctionnaire sécher e wichtige Aspekt ass, awer net den eenzegen.

Wa mir, wéi vun alle Säiten ëmmer erëm betount gëtt, eng modern, eng effikass an och eng biergerno Foncton publique, dat heescht staatlech Administratiounen wëllen, da musse mir an eisen Aen iwwert d'Problematik vum Statut vum Statsfonctionnaire eraus duerfir suergen, datt eischstens alle Verwaltungen genuch an och zolid motivéiert Personal zur Verfügung steet, datt zweetens nach bestehend Retarde bei der Informatiséierung opgeholl ginn an drëtens musse mir an Zukunft zesumme wachsam bleiwen, fir datt net am Kontext vun de kommende GATS-Verhandlungen bei der WTO bishereg Services publics liberaliséiert an un de Privatsecteur verschierbelt ginn.

Ech hat op esou zukünfteg eventuell Risiko jo schonn am Kontext vun engem Débat d'actualité virun e puer Wochen higewisen a mir Gréng wäerten op jidde Fall an deem dote Kontext ganz wachsam bleiwen.

E Wuert just zur Personalsituatioun an zur vergaangener Rekrutierungspolitik, wou an eisen Ae jiddfalls déi vergaangen CSV-LSAP-Regierung kloer versot haten, well d'Resultat vun dëser defizienter Astellungspolitik, bedingt haaptsächlech duerch eng ze vill restriktiv Numerus-clausus-Politik, ass, dass zënter längerem schonn an enger ganzer Rei vu wichtige Verwaltungen e chronesche Personal-mangel u qualifiziertem Personal widerhi virherrscht, esou datt zum Beispill och aus deem Grond

d'Dossieren do weiderhi méintelaang schleefen. Dat ass alles anescht ers wéi biergerfrëndlech.

Dir Dammen an Dir Hären, de Statut vum Fonctionnaire nei ze adaptéieren an ze fixéieren ass eng Saach, eng besser Rekrutierungspolitik op allen Niveaue, wou Problemer bestinn, ass awer zumindest grad esou wichteg, an do huet leider zum Deel och déi nei DP-Offensiv zënter 1999 bis haut nach gelappt. Ech betounen zum Deel. Wann een elo de virleiende Reformprojet ënnert d'Lupp hält, da muss ee scho gutt kucke fir do an iergendenger Form wirklech dee ganz grouse Worf ze entdecken, deen d'DP am Wahlkampf an duerno am Koalitionsprogramm an Aussicht gestallt hat.

Eng DP-Ministesch an en DP-Statssekretär vum der Fonction publique, vill Tamtam an esou munnech waarm Loft an der Regierungspress, mä an der Realitéit ass dat hei awer keng gréisser Reform an esou munch ongeléiste Problemer bleiwen doranner nach bestoen.

E puer Beispiller, fir dat ze illustréieren. Wéi ass et zum Beispill ee Joer virun de kommende Wahle mat enger Gestion moderne des postes, wou et am Accord de coalition heescht, ech zitieren: «Une gestion moderne des postes sera mise en place.» A wéi soll déi Mise en place gemaach ginn? Ech zitieren virun: «intégrant la confection d'organigrammes pour chaque service et une description des postes figurant dans l'organigramme.» An da gëtt gesot wat domadder gemengt ass, ech zitieren: „Et geet em d'Nature des missions et attributions exercées, em den Niveau de responsabilité an d'Formation de l'agent devant occuper le poste.“

Madame Ministesch, Här Statssekretär, esou wäit ech informéiert sinn ass dat bis elo net geschitt an et gëtt nach ëmmer keng Beschreiwung vun de Posten, wat d'Fro opwerft: Wéi eng Beamten aus wéi enger Carrière hu wéi eng Responsabilité? Dat huet als konkret Resultat, datt et Beamte gëtt mat méi oder manner Qualifikatiounen, déi eng Aarbecht maachen, déi net hire wirkleche Qualifikatiounen entsprécht. Et huet och als Konsequenz, datt de Risque besteet, datt déi verschidde Carrièren ënnereneen austauschbar sinn. Dat geet am Prinzip zu Laaschte vun der Carrière inférieure a moyenne. Expéditionnaire ginn et ëmmer manner. Redaktäre lues awer sécher och, obschonn Der do anscheinend Wëlles hutt gréisser Rekrutierungsefforten ze maachen.

Emgekéiert ginn da vill Akademiker agestallt an och vill Employéen. Näischt géint déi eng oder déi aner, esou laang awer iergendwou geschriwwen wier wie wéi eng Tachen ze maachen huet. Wann et keng flächendeckend Beschreibung vun de Posten a Relatioun zu deene verschidde Carrièren gëtt, dann ass dat an eisen Ae jiddefalls problematesch a beinhalt jiddefalls och e gewësse Risiko vum Arbitrairen. Déi feelend Jobdescription besteet iwwregens jo och scho beim Concours fir nei Fonctionnaires ze rekrutieren.

Dir Dammen an Dir Hären, en anert klengt Beispill vun de Wahlversprieche vun der Demokratescher Partei, an zwar a Saache Carrièren a gerecht Besoldungen. Wat war an Aussicht gestallt ginn? Ech zitieren: „Die Entwicklung der staatlichen Laufbahnen soll auf folgende Kriterien ausgerichtet sein: Ausbildung, fachliche Kompetenz, Erfahrung, Verantwortung, Alter und Leistung. Die Einstellungspolitik, die Laufbahnentwicklung, sowie die Entlohnung der Beamten werden auf diesen Kriterien fußen. Deshalb werden wir zusammen mit allen Betroffenen eine gemäß diesen Richtlinien gerechte Besoldungspolitik definieren“ - an elo kënnt dat Wichtigst -, „nicht zuletzt damit ungerechte Situationen innerhalb der Beamtenschaft des öf-

fentlichen Dienstes in Zukunft vermieden werden können.“

Dës lescht Ausso klängt an der Theorie ganz schéin, mä si schéngt awer net ëmmer wouer ze sinn. E Beispill duerfir ass an der Carrière moyenne de Grad 13, wou et jo och de Substitutionsgrad 13bis gëtt, deen awer éischters nëmmen e gewësse Pourcentage vum Effectif vun der Carrière kréie kann an deen een zweetens nëmmen da kritt, wann een e Poste à responsabilité particulière huet, deen iwwer Règlement ministériel définiert gëtt.

Et gi bekanntlech jo och Beamte mat esou engem Poste à responsabilité particulière. Si kréien duerfir awer net onbedéngt d'Pai vum Grad 13bis. En anere Beamten, deen iergendwou an engem Ministère am Grad 13 ass, huet awer vläicht kee Poste à responsabilité particulière an et steet emol keen an deem Service zur Verfügung. Elo kann et awer ganz gutt sinn, datt dese Beamte méi Responsabilitéit huet wéi den éischte Beamten. Wat kann hien da maachen?

Éischters hie bleift wou a wéi hien ass, dat ass eng Méiglechkeet. Zweetens: Soll hien de Service wiesselen op Käscht vum éischte Beamten? Oder dréitens gëtt op eemol gesot sai Poste wier och e Poste à responsabilité, woubäi een dann awer Kritäre misst festleeën.

Konklusioun, Dir Dammen an Dir Hären, opgrond vun dese Beispiller: D'Problematik vun den ongerechten oder zumindest problematesche Situatiounen innerhalb vun der Fonction publique bleift och haut net ganz geléist.

An da gëtt et an deem Reformprojet de Volet Fraen an der Fonction publique. An do gëtt et elo vill Luef an och Selbstluef vun den Auteurs vum Projet iwwert dat wat anscheinend fir d'Fraeförderung gemaach gëtt. Mir froen eis allerdéngs wou dann déi spezifesch Fraeförderung an deem Projet si soll. Wou ass déi?

Spezifesch Fraeförderung gëtt hei nämlech bewosst oder onbewosst verwiesselt an an een Dëppe gehait mat Familjepolitik. Natierlech ass d'Aféierung vum Temps partiel vu 75, 50 a 25% eng positiv Neierung an engem familjepolitesche Sënn, vu Babyjoren a Kannererzéiung, awer fir béid Partner, fir Mann a fir Fra. Mir gesinn doranner awer keng spezifesch Fraeförderung, déi an eisen Aen awer ganz noutwendeg wier, och an der Fonction publique.

E Beispill do ass d'Carrière supérieure, wou et och haut nach ëmmer nëmme 25% Frae gëtt. Wéi wier et dann do zum Beispill mat engem konkrete Plan d'action positif mat kloer definéierten Objektiv an Aktiounen fir d'Ziel vu Fraen a Führungspositionen an d'Luucht ze dreiwen. De Fraeministère ënnerstëtzt jo esou gären Actions positives zur Fraeförderung an der Privatwirtschaft, firwat dann net genau esou an der Fonction publique?

Den 31. März 1996 gouf duerch Règlement grand-ducal de Comité interministériel de l'égalité entre hommes et femmes instituéiert. Do steet ënnert dem Punkt 4, ech zitieren: „Le comité peut assurer l'accompagnement général du programme d'action positive de la fonction publique.“ Mä, Dir Dammen an Dir Hären, wou ass dann esou e Programm vu Fraeförderung an der Fonction publique? Wou gëtt et deen dann? Mä grad de Stat als Patron sollt mam gudde Beispill an eisen Ae virgoen, well wéi wëllt Der da soss erreechen, datt d'Privatwirtschaft a Saache positiver Fraeförderung op nei Weeër geet, wann de Patron Stat selwer do praktesch näischt ënnerhëlt.

Eng weider verpasste Chance ass an deem Kontext den Temps partiel, deen am Prinzip vun eis zwar absolut begréisst gëtt, mä mir gesinn awer net firwat do d'Postes à

responsabilité komplett ausgeschloss bleiwe sollen. Grad och hei hätt d'Regierung d'Méiglechkeet gehat, an dat ass och vun engagéierte Fraevertriederinnen ervirgehewe ginn, fir op nei Weeër ze goen, zum Beispill de sougenannten „job sharing“, dat heescht zum Beispill zwee Leit, déi sech esou eng Responsabilitéit deelen.

Mir gesinn zum Beispill net an, firwat zwee Directeurs adjoints oder Directrices adjointes vun enger Schoul sech net sollte kënnen des Responsabilitéit deelen. Am Ausland, an nordsche Länner oder och an der Schwäiz schéngen esou Modeller vun Job sharing ze klappen. Firwat soll dat net hei zu Lëtzebuerg méiglech sinn?

An deem Gesamtkontext proposéiere mer duerfir och Amendementen. En éischte am Congé pour travail à mi-temps, am Artikel 31, fir do am Punkt 2 dee Paragraph ze sträichen, dee sech op des Ausnahme beim Recht pour Congé pour travail à mi-temps bezieht.

Beim Artikel 31-1 iwwert de Service à temps partiel gëllt fir eis déiselwecht Logik. Do hätte mer dräi Amendementen ze proposéieren. En éischten Amendement fir de Punkt 1 am éischten Alinéa esou ze änneren, datt a jidder Fall den oder d'Délégués à l'égalité em en Avis muss oder musse gefrot ginn, an net nëmmen do wou et keng Delegatioun gëtt. En zweeten Amendement am Artikel 31-1 geet an déiselwecht Richtung wéi virdru beim Congé pour travail à mi-temps, nämlech datt do den Alinéa b vum Punkt 2 gestrach gëtt, wou et em d'Ausnahme geet, dat heescht em d'Direktiounsposten.

An da géife mer am Intérêt vum Fonctionnaire, deen ufreet, dono och nach gären e kleng Punkt dobäisetzen, e Punkt 5, wou mer soen, datt e Refus fir e Service à temps partiel ze accordéieren dem Fonctionnaire mindestens iwwert eng Lettre dûment motivée misst matgedeelt ginn. Esou wäit, Dir Dammen an Dir Hären, zu deem Froekomplex.

En anere Problem am neie Statut stellt sech beim Recrutement an der Astellung. D'Generalisatioun vum Concours ass ouni Zweifel e positiv demokratescht Instrument, och wann d'Prozeduren alt e wéineg méi laangwiereng sinn. Elo setzt der dann awer en neie Paragraph 9 an an deem d'Regierung an exceptionnellé Situatiounen soll kënnen experimentéiert Leit aus dem Privatsektor an d'Fonction publique eranhuelen. No engem Joer als Employé de l'Etat kënnen déi Leit dann als Fonctionnaire genannt ginn.

Dir Dammen an Dir Hären, et ass fir eis u sech kee Problem, wann de Patron Stat ausnahmsweis héichqualifizéiert Beamte braucht an an de Privatsektor siche geet, woubäi bei dese Leit da kee Concours a keng Obligation d'examen de fin de stage besteet. Mat desen Ausnahmesituatiounen, déi kënnen berechtigt sinn, kënnen mir liewen. E Problem gëtt et an eisen Aen awer, wat dese Beamten hir spéider Carrière ubetrëfft, wou e gewëssenen Arbitraire bestoe bleift, well et keng gültig Regele gëtt wéi des Persounen dann herno virukommen an der Carrière.

Ech verweisen do zum Beispill op folgenden Deelsatz: „Ils peuvent être dispensés par le gouvernement en conseil des limites de la bonification d'ancienneté“. Dat heescht, datt et net onbedéngt esou muss sinn a Kritäre gëtt et do keng. Desen Arbitraire ass vläicht sënnavoll fir de Patron Stat an eventuell souguer fir de concernéierte Beamte selwer, awer net onbedéngt fir den Ensembl vum Personnel.

Ech kann elo hei net eng Patentléisung fir esou Fall aus dem Aarm rêselen, wat eventuell Kritären ubetrëfft, mä do misste mer eis, mengen ech, awer nach eng Kéier zesummesetzen, fir do no Solutiounen ze sichen.

Dir Dammen an Dir Hären, och nach e puer Wuert zu enger Partie vu klengere Punkten, déi an eisen Aen natierlech an deemem Projet och positiv sinn. Do ass zum Beispill d'Reform vun der Disziplinarprozedur, wou en onofhängege Beamten elo d'Enquête soll maachen, wat an déi richteg Richtung geet. Do passéieren da wahrscheinlech net méi esou vill Formfeeler, well déi Persoun normalerweise hiren Job kennt. En plus ass et méi einfach fir de Chef vun der Verwaltung fir iwwerhaupt emol eng Prozedur anzeleeden, well wouméiglech sëtzt nämlech deen incriminéierte Beamte just am Büro niewendrun. Dës nei Prozedur fënnt also ganz kloer eis Zoustëmmung.

Positiv ass sécher zum Beispill och, datt endlech der Problematik vum Mobbing op der Aarbechtsplaz méi staark Rechnung gedroe soll ginn, an datt dat elo am Gesetz iwwert d'Sécurité au travail och fixéiert gëtt andeem d'Fonctionne vum Médecin du travail a vum Médecin de contrôle dans la fonction publique geschafe ginn.

De Gesondheetsschutz op der Aarbechtsplaz, a besonnesch preventiv Moossnamen an deem Sënn, fir datt Leit a Büren oder Schoulen net krank ginn, sinn a mengen Aen absolut wichteg.

Grad an deene leschte Joren ass ëmmer méi heefeg bericht gi vu Bürosgebaier oder Schoulen, déi belascht waren. Oft zum Beispill mat Asbest - wat jo eréischt viru kuerzem nach virkomm ass -, mä och mat ausgasende Chemikalien, mat Schimmelpilzen aus fiichte Maueren oder duerch schlecht funktionéierend Klima- an Entlüftungsanlagen.

An natierlech gëtt et a gréissere Büren och nach ëmmer de Problem, datt eng Partie Nikotinsüchtiger hire Kolleegen en absolut ongesond Passivfëmmen opzwängen, wat, a mengen Aen, aus gesondheetleche Grënn, mä och aus Grënn vu Solidaritéit an Toleranz, net akzeptabel ass an endlech ënnerbonne misst ginn.

Et gëtt, Dir Dammen an Dir Hären, an de vergaangene Joren, ëmmer méi oft vu sougenannte Bürokrankheete geschwat, vum sougenannte Sick-Building-Syndrome oder Building-related-illnesses, an d'Schadstoffbelaschtung vu Büroa Verwaltungsgebaier oder Schoule kann a manche Fäll esou problematesch sinn, datt effektiv eng Partie Beamten, Personal oder Schoulkanner krank ginn, woubäi natierlech och déi individuell Suszeptibilitéit ëmmer eng Roll do derbäi spillt.

Et wier dobäi néideg bei der Astellung vu Médecins de travaux, an ech betounen d'Mehrzahl, well ech sinn do mat der Haltung vum Här Di Bartolomeo absolut averstanen, dee seet, datt dee Service misst ausgebaut ginn, datt et net ka sinn, datt do nëmmen ee Médecin de travail ass. Ech sinn also der Meinung, datt bei der Astellung des Dokteren zum Deel mindestens iwwer eng ëmweltmedezinesch Weiderausbildung an esou Froe misste verfügen. Datselwecht wier och néideg fir d'Médecins de contrôle, am Fall vun Entscheedungen am Beräich vun Invaliditéit an der Mise en retraite, wou déi responsabel Medeziner zumindest informéiert misste sinn iwwert des nei Krankheitsbiller, déi ech virdrun erwähnt hunn.

Nëmmen wann dat an der Weidervildung vun desen Dokteren och assuréiert ass, mécht d'Aféierung vun deser neier Fonction fir d'Sécurité an d'Gesondheet op der Aarbechtsplaz an eisen Deeg wirklech Sënn, well dat sinn haut ëmmer méi déi Problemer, déi wirklech vu Bedeitung sinn.

Dir Dammen an Dir Hären, ier ech elo zum Schluss kommen, wëll ech hei awer kuerz betounen, datt mir als Grëng natierlech och déi Virschléi géifen ënnerstëtze fir am Kontext vun der Rentereform parallel zu de Statsbeamten och d'Agenten vun der CFL an d'Gemeengebeamten mat anzebeziehen.

Zum Schluss wëllt ech eng kuerz Konklusioun zéien. Dëst Gesetz deet, an eisen Aen, glécklecherweis kengem wéi, an et ginn doranner och e puer längst iwwerfällg Verbesserungen. Mir kréien domadder awer weder eng vill besser nach méi eng schlecht Administration. Dee groussen, deen dynamesch Worf allerdings, dee sech munch Leit anscheinend awer vläicht vun der DP erwaart haten, dese grouse Worf ass allerdings ausblüwen. Et sinn am Fong just e puer méi klenger Bréidercher gebak ginn. Et ass gutt, datt se gebak gi sinn, mä et bleiwen e puer klenger Bréidercher.

Trotzdem ass natierlech kloer, well et awer par rapport zu der bestehender Regelung, zu dem bestehende Gesetz hei eng Partie vu Verbesserung gëtt, déi mir och ënnerstëtzen, datt mer deem Gesetzesprojet eis Ennerstëtzung net wäerte verweigere. Mer wäerten also derfir stëmmen. Ech sinn zum Schluss komm a wëll just nach hei dem President eis Amendement iwwerreechen.

Merci.

Amendement 1

Amendements du groupe parlementaire DÉI GRENG

Le groupe parlementaire DÉI GRENG propose d'amender l'art. 31 Congé pour travail à mi-temps en supprimant le paragraphe suivant du point 2.:

«Peuvent bénéficier du congé pour travail à mi-temps visé par le présent paragraphe tous les fonctionnaires à l'exception de ceux énumérés aux rubriques I-Administration générale, IV-Enseignement et VII-Douanes figurant à l'annexe A de la loi modifiée du 22 juin 1963 fixant le régime des traitements des fonctionnaires de l'Etat, pour autant que les fonctionnaires concernés assument dans leur administration soit la fonction de directeur ou de directeur adjoint, soit la direction d'une division ou d'un service, soit la fonction de directeur ou de directeur adjoint d'un établissement scolaire. Ne peuvent non plus bénéficier du congé pour travail à mi-temps visé par le présent paragraphe les fonctionnaires dirigeants de la Magistrature, de la Police et de l'Inspection Générale de la Police.»

Le groupe parlementaire DÉI GRENG propose d'amender l'art. 31-1 Service à temps partiel, comme suit:

De remplacer le point 1., premier alinéa

«1. Si l'intérêt du service le permet, le fonctionnaire peut assumer un service à temps partiel correspondant à vingt-cinq pour cent, à cinquante pour cent ou à soixante-quinze pour cent d'une tâche complète. La décision d'accorder un service à temps partiel appartient au ministre du ressort, sur avis du chef d'administration, de la représentation du personnel ou à défaut du/de la délégué-e à l'égalité entre femmes et hommes et du ministre de la Fonction publique et de la Réforme administrative.»

par:

«1. Si l'intérêt du service le permet, le fonctionnaire peut assumer un service à temps partiel correspondant à vingt-cinq pour cent, à cinquante pour cent ou à soixante-quinze pour cent d'une tâche complète. La décision d'accorder un service à temps partiel appartient au ministre du ressort, sur avis du chef d'administration, de la représentation du personnel si elle existe, du/de la délégué-e à l'égalité entre femmes et hommes et du mi-

nistre de la Fonction publique et de la Réforme administrative.»

De supprimer du point 2., l'alinéa b).

«*b) Les fonctionnaires énumérés aux rubriques I-Administration générale, II-Magistrature, IV-Enseignement et VII-Douanes figurant à l'annexe A de la loi modifiée du 22 juin 1963 fixant le régime des traitements des fonctionnaires de l'Etat, pour autant que les fonctionnaires concernés assument dans leur administration soit la fonction de directeur ou de directeur adjoint, soit la direction d'une division ou d'un service, soit la fonction de directeur ou de directeur adjoint d'un établissement d'enseignement scolaire de même que les fonctionnaires dirigeants de la Police et de l'Inspection Générale de la Police.*»

Et d'ajouter un point 5. suivant:

«*Le refus d'accorder un service à temps partiel sera communiqué au fonctionnaire concerné par lettre dûment motivée.*»

(s.) Jean Huss, François Bausch, Robert García, Camille Gira, Renée Wagener.

M. le Président. - Als nächste Riedner ass den Här Urbany agedroen. Den Här Urbany huet d'Wuert.

M. Serge Urbany (déi Lénk). - Här President, Dir Dammen an Dir Hären, dee Gesetzesprojet hei huet e laange Wee hanneru sech, deen an engem vun den Avisé vun der Chambre professionnelle vun de Fonctionnaire re-tracéiert gëtt. De Projet ass op vill Widerstand gestouss, wat dozou gefouert huet, glécklecherweis, datt eng Rei vu Bestëmmungen erausgeholl gi sinn, opgrond vum Widerstand ënner anerem vun där Beruffskummer, vum Statsrot, awer och zum Beispill vun der Aarbechter- a Privatbeamtekummer, déi iwwregens nach hu misse streide fir hiren Avis zu deem Gesetz hei kënnen ze maachen.

Wat zum Beispill erausgeholl ginn ass, dat sinn déi Bestëmmungen, déi en zimlech onbegrenzene Réckgrëff op Contrats à durée déterminée autoriséiert hätten. Dat hätt déi Bestëmmung vun dem Gesetz iwwer d'Contrats à durée déterminée ganz schlëmm duerchlächert an hätt och kënnen e Signal si fir de Privatsektor fir ze verlaangen dat Gesetz a Fro ze stellen.

Wat weider erausgeholl ginn ass, dat sinn och déi Bestëmmungen iwwert d'Schafung vun enger ee-gener zäitlech limitierter Carrière bei héije Statsbeamten oder nach Bestëmmungen iwwer en Détachement an de Privatsektor. De Werdgang vun deem Gesetz hei beweist och datt et méiglech ass, duerch Kritik Annerungen ze provozieren.

Et bleiwen trotzdeem nach eng Rei vu Bestëmmungen, déi a mengen Ae contestabel sinn, mä et sinn awer och eng Rei vu positive Bestëmmungen, vu positiven Neierungen an deem Gesetz dran.

Wat d'Ästellung an d'Fonction publique ugeet, do ass virgesinn d'Altersgrenz fir an d'Fonction publique anzetrieden op 45 Joer ze erhéijen, an dann awer keng Derogatioun méi dozou ze erlaben. Ech perséinlech hunn eng Altersgrenz an der Fonction publique nach ëmmer fir falsch an ongerecht gehalten, an ech mengen och, datt et e falscht Argument ass fir ze soen, no dem Alter vun 45 Joer wier eng Carrière beim Stat finanziell net méi attraktiv. Ech fannen, datt et do net onbedéngt de péculiairen Aspekt ass, deen zielt, mä datt grad no deem Alter ganz vill Leit, déi zum Beispill am Privatsektor sech an der Aarbechtslosegkeet erëmfannen, qualifizéiert Leit, déi duerch hir Erfahrungen d'Verwaltunge kéinte weiderbréngen a beräicheren an do och déi néideg Sécherheet nach kéinte fannen, datt esou Leit och kéinten eng Be-

schäftigung beim Stat nom Alter vun 45 Joer fannen. U si gëtt offensichtlich net geduecht.

Wourun awer geduecht gëtt, dat ass fir aus dem Privatsektor eraus méi jonk Spezialisten ze huele mat enger héijer Qualifikatioun, déi dann no enger Iwwergangszäit vun engem Joer als Employé de l'Etat direkt Statsbeamte kënnen ginn, ouni anscheinend déi aner Bedingung vum de Statsbeamten ze erfëllen, weinstens geet dat net kloer aus dem Text eraus. D'Statsbeamtekummer seet an hirem Avis dozou: „En résumé, la porte est grande ouverte à l'arbitraire et au favoritisme“.

An am schréffleche Rapport vun der Chamberkommissioun gëtt, menger Meenung no, ganz daitlech beschriwwen ëm wat et hei wierklech geet: „En effet, des experts du secteur privé permettront justement à la fonction publique de mieux s'adapter aux attentes et aux besoins du secteur privé et de notre société en général. De surcroît il n'y a aucun doute que l'expérience acquise dans le secteur privé par une personne permettra de porter un autre angle de vue sur la gestion des services et la manière de susciter la motivation du personnel.“ An anere Wieder, et handelt sech hei ëm dat zukünftegt Personal wat soll am Statssektor privatwirtschaftlech Managementmethoden aféieren.

Da wëll ech nach e puer Wuert soen zur Deelzäitaarbecht. Si ass selbstverständlech prinzipiell ze begreifen, wa se op der Fräiwëllegkeet berout, wa se op Ufro kënn, Aarbechtszäite vu 25, 50 oder 75%. Ech hunn awer näischt derbäi fonnt, datt et och e Recht gëtt oder op d'mannst eng Méiglechkeet op eng Émwandlung an e ganzen Aarbechtsvertrag, wann een esou en Deelzäitaarbeitsvertrag beim Stat huet.

Wat och ze begreifen ass, dat sinn déi nei Facilitéiten, déi geschafe gi wat d'Reintégration an d'Fonction publique ugeet. No engem Congé aus Familljegrënn ass virgesinn, datt een do seng Plaz erëm féint an darselwechter Administration an an darselwechter Carrière. Wann een Hallefsdagcongé huet fir seng Kanner ze erzéien, da gëtt déi Hallefaarbecht, déi ee geleescht huet, als ganz Aarbecht unerkannt, wat d'Promotioun ugeet. Och kënnen déi erëm als Statsbeamten agestellt ginn, déi virun 1984, also ier déi verschide Congée weinst Kannererzéiung agefouert gi sinn, hire Beruff weinst der Kannererzéiung opginn haten.

Wann ee gesäit wat am Statssektor alles méiglech ass, Dir Dammen an Dir Hären, wann de Wëllen do ass, haaptsächlech hei an deem Fall am Interessi vun de Fraen, da kann ee soen, dass ee vun esou enger Situatioun natierlech nëmme kann am Privatsektor dreemen. An dat ass, mengen ech, och e staarkt Argument fir den öffentlechen Déngscht.

Téléaarbecht, dat heescht d'Méiglechkeet en Deel vun der Aarbecht um Computer doheem ze maachen, kann an deem Kontext och eng positiv Erfahrung sinn, allerdéngs ënnert der Bedingung, datt et net dozou kënn, datt d'Leit aus hirem normalen Aarbechtsëmfeld erausgeholl ginn an an d'Isolatioun gefouert ginn. Wann et um Prinzip berout vun der Fräiwëllegkeet, a wann et och um Prinzip berout vun der Emkéierbarkeet vun där Situatioun, dat heescht wann een erëm wëll schaffe goen an de Büro, datt een dat och jidder Zäit muss kënnen maachen an datt een net doheem isoléiert bleift vu sengen Aarbechtskollegen.

Wat esou Moosnamen ugeet, déi an deem Text agefouert gi wëll den Aarbechtsdokter, de Kontroll-dokter, d'Chancéglichheetsdéléguéierten, oder Moosname géint de Mobbing op der Aarbechtsplaz, do muss een nach kucke wat esou Moosname konkret brénge wäerten. Wat de Mobbing ugeet, sinn

ech ganz skeptesch, well et si keng richteg Recoursen, ausser Recours hiérarchiques do virgesinn.

A wat deen een Aarbechtsdokter ugeet fir déi vill Beschäftegt am öffentlechen Déngscht, esou deelen ech do komplett d'Meenung vum Mars Di Bartolomeo, dee virdu gesot huet, datt dat a kengem Fall duergeet, fir do eng seriö Aarbechtsmedezin duerchzeféieren, déi och wierklech konkret op der Aarbechtsplaz analyséiert wat net geet an och konkret Annerungen eventuell am Interessi vun deene Beschäftegte ka proposéieren.

Staark kritiséiert gëtt vun der Statsbeamtekummer, dass dat stufeweist Zréckschalt vum der Aarbechtszäit virun der Pensioun, si nennen dat Altersteilzeit, net am Gesetz zréckbehale ginn ass, ob-schonn et 2000 bei de Lounverhandlungen accordéiert ginn ass, mä dass awer en contre-partie dofir verschidden héich Beamten, wéi d'Statsbeamtekummer selwer vermutt, sollen d'Méiglechkeet kréie bis zum Alter vun 68 Joer weiderhi berufstäteg ze bleiwen.

Ech kommen dann op d'disziplinaresch Prozedur, wat eng weider wichteg Innovation an deem Gesetz ass. Dat ass jo d'Afëierung vun engem Commissaire à la discipline, wéi een dat emol kënn esou nennen. Dat heescht, dass esou enger Persoun an allen disziplinaresche Fäll d'Instruktioun iwwerlooss gëtt, op Ufro vun deem zoustännge Minister, an dass d'Instruktioun net méi ofhänkt vun deem direkte Chef hiérarchique vun där betroffener Persoun. Dat sécherst sécherlech eng gewëssen Onofhängegkeet vis-à-vis vun der Verwaltung deene betroffene Leit zou, et sécherst och eng gewëssen Uniformitéit an der Prozedur an um Fong, ënnert der Kontroll selbstverständlech vun de Verwaltungsgerichter.

Leider bleibt awer déi al Trennung bestoe wat déi ënnerschiddlech Recoursé virum Verwaltungsgericht ugeet. Esou bleibt och weiderhi bei deene kleng Sanctiounen nëmme e Recours en annulation, esou dass d'Verwaltungsrichter nëmme d'Materialitéit vun de Faite an d'Legalitéit vun de Sanctiounen ënnersiche kënnen, net awer de Gesamtkontext an deem se stattfonnt hunn an och net d'Opportunitéit vun de Sanctiounen. Dobäi fannen ech awer och kleng Affäre kënnen heiansdo vu prinzipieller Wichtigkeet sinn.

Déi Remarque bleibt och richteg wann elo géint déi kleng Sanctiounen e Recours um Fong virun dem Conseil de Discipline méiglech ass, awer ëmmer nach net virun engem richtege Gericht.

Ech sinn also der Meenung, dass de Recours au fond, wéi e bezeichnenderweis och nach genannt gëtt, de Recours en pleine juridiction virum Verwaltungsgericht d'Regel misst sinn en matière administrative. Leider bleibt en nach ëmmer d'Ausnahm.

Déi Prozedur en matière disciplinaire ass och hybrid mat engem Conseil de discipline, deen aus zwee Richter vum Ordre judiciaire zesummegesat ass, aus zwee Regierungsvertreder an engem Vertreder vun der Chambre des Fonctionnaires, mat engem dueble Recours da virun anere Richter, vun engem aneren Ordre de juridiction, vum Ordre administratif, an ech froe mech, ob do net eng Keier muss eng vill méi wäitgehend Reform komme mat paritéiteschen Aarbechtsgerichter an der Fonction publique, déi de Conseil de discipline ersetzen a mat engem regelrechte kompletten Appel virun engem Gericht.

Nach eng kleng Remarque zum Commissaire à l'instruction. Ech

fannen, dass deen Délai vun zéng Deeg, fir seng Remarken zum Dossier ze maachen an eventuell e Complément d'instruction ze froen, vill ze vill kuerz ass a keng richteg Consultatioun bei enger Gewerkschaft oder bei engem Affekot méiglech mécht.

Zum Schluss nach e puer allgemeng Bemierkungen, Här President. De schréffleche Bericht schwätzt a senger Introduktioun vun den zwee antike Modeller vun der Fonction publique. E schwätzt vum griechesche Modell, dee kee besonnesche juristesche Kader fir d'Beamte virgesinn huet, mä deen op der punktueller Kollaboratioun vu Spezialiste berout huet, an e schwätzt vum réimesche Modell, deen op der Schafung vun enger spezieller Kaste berout huet, mat engem spezielle Statut, deen d'komplett Ennerwerfung ënnert de Stat bedeit.

Zum griechesche Modell, dee jo anscheinend den Här Gusty Graas bevirzegt, fir seng Thesen hei ze ennermauern, wëll ech den Aristoteles zitieren, dee gesot huet: „dass e gudde Bierger dee wier, deen esouwuel selwer gouvernéiere kënn, wéi och weisst sech gouvernéieren ze loosser“. Och d'Politiker, Dir Dammen an Dir Hären, waren deemools nach keng Beruffspolitiker, mä si si fir gewëssen Täch gewielt ginn an d'Vollmacht louch an der Agora, an der Volleksversammlung.

(M. Nico Loes prend la Présidence)

Haut hu mer eng ganz aner Situation. Dofir ass och deen Hiwäis op dee griechesche Modell irrsënneg, deen hei gemaach gëtt. Haut gi wichteg Décisionsprozesser geholl duerch ongewielte Gremien an haut léisst esouguer déi representativ Demokratie selwer keng reell Matbestëmmung zou. Dëst Gesetz gëtt ausserdeem votéiert an engem Kontext, wou an ëmmer méi Beräicher beim Stat Privatbeamten agestellt ginn, wou ëmmer méi prekariséiert Aarbechtsplazen, CAT, DAT an esou weider, beim Stat geschafe ginn, heiansdo och a Kärberäicher vum Stat.

Dat Ganzt huet näischt ze di mat der Demokratie vun Athen, déi op autonome Bierger berout huet. Dofir mengen ech och, dass deen Hiwäis do komplett falsch ass, deen den Här Graas hei gemaach huet.

Zu deem Gesetz hei wëll ech awer ofschléissend soen, dass ech et wëll stëmmen, well ech fannen, dass vu verschidder Gewerkschaftssäit aus eng gutt Aarbecht gemaach ginn ass fir verschide Saachen ze verënnern, déi hätte sollen dra kommen, fir och nach Saachen ze verbessern déi dra stinn. Ech hunn allerdéngs meng gréisste Bedenke wat d'zukünfteg Entwécklung ugeet. Ech mengen, dass do nach ganz aner Saachen op eis zoukomme wäerten, fir déi een awer net méi esou einfach ka stëmmen.

Ech soen lech merci.

M. le Président. - Als nächste Riedner ass d'Madame Ferny Nicklaus-Faber agedroen. Madame Nicklaus, Dir hutt d'Wuert.

Mme Ferny Nicklaus-Faber (CSV). - Här President, Dir Dammen an Dir Hären, als éischt géing ech dem Rapporteur Gusty Graas merci soe fir déi excellent Aarbecht, déi en am Kader vum virleiende Projet de loi geleescht huet. En ass zwar net heibannen, ech huelen awer un, dass en et héiert.

Ech wëll kuerz op déi Dispositiounen vum Projet agoen, déi als Objektiv hunn d'Familljeliewe mam Beruffsliewe besser ze verbannen. D'Afëierung vun engem Service à temps partiel ass, an ech zitieren de Rapport vun der Commission de la Fonction publique, „eng vun deene wichtigste Moosnamen vun der Reform vum Statut vun de Statsbeamten“.

Ech begreifen dës Moosnam, déi virgesäit, datt e Statsbeamten oder eng Statsbeamtin sech an Zukunft fir eng 25, 50 oder 75%eg Aarbechtszäit entscheede kann. Säit hirem Bestoe fuerdert d'Egalitéskommissioun vun der Chamber, datt Moosname geholl solle ginn, déi et de Leit erlaben hiert Familljeliewe mam Beruffsliewen ze verbannen, an dëst esouwuel am private wéi och am öffentleche Sektour. Dës Kommissioun huet sech a quasi all Fraendebatt säit 1996 fir e flexibel en familljenorientéierten Aarbechtsmodus agesat. Nëmme esou kann een dem Wonsch vun allen Eltere Rechnung droen a jidderengem et erlabe säi privat a professionellt Liewen esou ze gestalten, wéi hien dat fir richteg fënn.

De virleiende Projet begräift d'Emsetzung vu jorelaange Fuerderunge vun der Fraen- an Egalitéskommissioun hei vun der Chamber. Un Hand vun deemem Projet gesäit een also, wéi wichteg d'Fraendebatte sinn, wat den Input vun Iddien ugeet. De Projet féiert verschide konkret Aarbechtsmodalitéiten oder Déngschtzäiten an, déi de Famillje wäit entgéint kommen. Beamte respektiv Beamtinnen, déi net ganzdaags schaffe wëllen oder kënnen, hunn also elo d'Méiglechkeet sech fir e 25, 50 oder 75%ege Service ze entscheiden.

Ech ka mer gutt virstellen, datt fir Mamme mat kleng Kanner e 25%ege Service eng interessant Moosnam ka sinn, déi et hinnen erlaabt sech selwer ëm d'Erzéiung vun hire Kanner ze këmmern a gläichzäitg weider am Beruff ze bleiwen. Fir anerer entsprécht éischer 50 oder 75% Service méi hire Virstellungen. Dës Moosnam wäert mat Sécherheet d'Beruffstättegkeet vun de Frae fördern. Doriwwer eraus huet se awer och, an dat schéngt mer esouguer méi wichteg, eng positiv Wierkung op eis Familljen, an éischer Linn op eis Kanner an natierlech op d'Frae selwer, déi manner iwwerfuerdert a gestresst wäerte sinn.

De Projet gesäit och vir, datt déi Persounen, déi sech fir e Service à temps partiel entscheiden, während zéng Joer vun de selwechte Promotiounsméiglechkeete wéi Beamten, déi à temps plein schaffen, profitéiere wäerten. Eenzeg Konditioun, et muss ee sech fir esou e Service entscheiden, wann ee sech ëm d'Erzéiung vu senge Kanner këmmere wëllt, déi manner wéi 15 Joer al sinn.

Am Hibleck op d'Gläichstellung vu Fra a Mann spillt dës Moosnam eng grouss Roll. Den Nodeel, dee vill Fraen a Kaf geholl hu wa si sech décidéiert hunn eng Famill ze grënnen a Kanner ze kréien, gëtt mat deser Moosnam zum Deel opgehewen.

Eng weider wichteg Moosnam, déi et de Leit erlabe soll hiert Familljeliewe mat hirem Beruff ze verbannen, ass déi déi virgesäit, datt zwee Partner zur selwechter Zäit vun engem Congé pour travail à mi-temps profitéiere kënnen. Et ginn nach eng ganz Rei vun anere Moosnamen, déi ënnert dem Zeeche vun der Promotioun vun de Fraen an der Gläichstellung tëschent de Geschlechter stinn. Moosnamen, déi absolut ze begreisse sinn.

(Coups de cloche de la Présidence)

Här Bodry, ech wär frou wann Der géingt e weéne méi lues schwätzen.

M. Alex Bodry (LSAP). - Kuckt emol wéi déi aner Leit schwätzen.

M. Mars Di Bartolomeo (LSAP). - Déi aner sinn iwwerhaapt net do.

(Hilarité)

Mme Ferny Nicklaus-Faber (CSV). - Da kënnen si also och net schwätzen.

M. Alex Bodry (*LSAP*).- Kuckt emol no riets.

(*Interruption*)

Mme Ferny Nicklaus-Faber (*CSV*).- Ech denken do zum Beispill un d'Méiglechkeet d'Fonction publique ze réintégréieren, wann ee virun 1984 opgehalen huet mat der Berufstätigkeet, fir sech der Erzéiung vun de Kanner ze widmen. Dës Moossnam wäert wesentlech zur beruflecher Réinsertioun vun de Frae bäidroen.

Dës Réinsertioun gëtt méi einfach gemaach duerch d'Aféierung vu Recyclageméiglechkeeten. Bis elo war et esou, dass déi Beamten a Beamtinnen, déi aus familiäre Grënn opgehalen hu mat schaffen, hu missen, wa se d'Fonction publique wollte réintégréieren, nees vu vir ufänken. Mat der virleieder Reform kënnen dës Fonctionnaires hiren ale Posten erëm ophuelen, ouni mussen nach eng Kéier de Statsexamen ze maachen.

(*Coups de cloche de la Présidence et interruption*)

M. le Président.- Här Di Bartolomeo, sidd elo roueg a loosst d'Madame Nicklaus schwätzen!

Mme Ferny Nicklaus-Faber (*CSV*).- Ech ënnerbriechen lech jo och ni, Här Di Bartolomeo.

Et geet duer, datt se an d'Cours de remise à niveau ginn.

De Projet gesäit och d'Ofstëmmung vum öffentleche Secteur op de private Secteur vir, andeem en d'Fonction vun engem Délégué à l'égalité an der Fonction publique schaaft. Mat engem Délégué à l'égalité wäert sech d'Représentatioun vun de Fraen um Aarbechtsmaart daitlech verbessern, ouni awer dofir d'Chancé vun de Männer a Fro ze stellen, wéi dat jo verschiddelech hei schéngt gefaert ze ginn.

Ech hoffen, dass de virleienden Text eng grouss Zoustëmmung hei an der Chamber fanne wäert, well iwwert eng Verbesserung vum Statsbeamestatut am Allgemengen dréit dësen Text och am Speziellen dozou bäi, d'Fraekonditioun an d'Gläichheet tëschent de Geschlechter ze ënnerstëtzen. Doriwwer eraus gëtt e virun allem de Fraen nei Perspektive fir hiert beruflecht a privat Liewen.

Ech soen lech merci.

Plusieurs voix.- Très bien.

M. le Président.- Merci, Madame Nicklaus. D'Wuert huet elo d'Madame Nagel.

Mme Maggy Nagel (*DP*).- Här President, Dir Dammen an Dir Hären, déi, déi der Madame Nicklaus elo net konnten oder net wollten nolauschten, deene soen ech dann nach eng Kéier an anere Wierder vläicht datselwecht.

Plusieurs voix.- Ah!

Mme Maggy Nagel (*DP*).- Dat heescht a menger Interventioun wëll ech dann och méi op déi spezifesch gesellschaftlech Aspekter vun dësem Gesetzestext agoen.

An deene leschten 20 Joer huet sech eis Gesellschaft vill geännert, och wat d'Opfaassung vum Familljeliewen ugeet. Eng vun de groussse Verännerungen, déi d'Familljeliewe betrëfft, ass ouni Zweifel déi, dass ëmmer méi Fraen enger rémunéierter Aktivitéit noginn, bei eis wéi an allen europäesche Länner.

Am Ufank vun de 60er Jore sinn 22% vun deenen europäesche Fraen ausserhalb vun hirem Stot schaffe gaang. Haut läit dës europäesch Moyenne bei ongeféier 45%. Den Undeel vun de Fraen tëschent 25 a 55 Joer um Aarbechtsmaart hei zu Lëtzebuerg ass am Zäitraum vun 1983 bis 1999 vu 40 op 60% geklommen. Dëst no enger Etüd vun Eurostat. Aner Chiffere

vum Centre d'études de populations, de pauvreté et de politiques socio-économiques beleeeën, dass zwëschent 1987 an 1996 43,9% vun den neien Aarbechtsplaze vu Frae besat gi sinn.

Haut hunn 42% vun de Fraen, déi hir Schoul ofgeschloss hunn an déi ënner 66 Joer sinn, eng professionnell Aktivitéit. No rezente Chiffere vum Statoc wiisst den Emploi féminin méi séier wéi dee vun de männleche Kollegen. Wann ech elo dës Donnéeën iwwert d'Fraen um Aarbechtsmaart ernimmt hunn, dann huet dat sai Grond, well wann et ëm d'Conciliatioun vun dem Familljeliewen an dem Aarbechtsliewen geet, da läit dat nach ëmmer meeschtens bäi der Fra.

Mir sinn eis jo alleguerten eens, dass d'Famill eng essenziell Valeur vun eiser Gesellschaft ass, sief et wat d'Erzéiung vun de Kanner ugeet oder och nach d'Solidaritéit tëschent de Generatiounen. Mir sinn awer och der Meenung, dass jiddferree fräi entscheede soll, ob hie schaffe wëllt ouni jidder Contrainte, sief se finanzieller oder materieller Natur. Et kann net sinn, dass de Wonsch Kanner ze kréien a se opzezéien en Hindernis ass fir d'Entwécklung vun der Carrière vun der aktiver Fra oder dem aktive Mann. Et musse Moossnamen ginn, déi et am ideale Fall erlaben, dass déi zwee Membere vun enger Koppel enger professioneller Carrière nogoe kënnen, ouni zum Nodeel vun deem engen oder deem aneren ze ginn.

Här President, Dir Dammen an Dir Hären, dëst muss och am öffentlechen Déngscht méiglech sinn. Ech wëllt betounen, dass et net nëmmen och misst heeschen, mä virun allem, well och hei huet de Stat eng Virreideroll ze spillen. Eng modern Fonction publique muss eng Institution sinn, déi oppe fir dat mënschlecht Element ass. Dëst ass vun dëser Regierung erkannt ginn an ass an hir Déclaration gouvernementale ageschriwwen ginn.

De Service à temps partiel, d'Réinsertioun vun deene Fonctionnaires, déi virun 1984 gezwonge waren hir Démissioun ze ginn, wa se sech exklusiv der Educatioun vun hire Kanner widme wollten, si wichteg Moossnamen, souguer Schlüsselmoossnamen, géing ech soen, fir dass den öffentlechen Déngscht sech kann der Entwécklung vun der Gesellschaft upassen.

An der Regierungserklärung vum 12. August 1999 stoung: „Le temps de travail sera aménagé et de nouveaux modules seront introduits dans ce domaine.“ D'Aféierung vun der Deelzäitaarbecht ass sécher eng vun deene wichtigste Moossnamen vun dëser Reform vum Statut vum Fonctionnaire. Duerch d'Aféierung vun enger méiglecher Deelzäitaarbecht, wéi et schon esou oft gesot ginn ass haut de Mëtteg, vu 25%, 50% oder 75% gëtt mam kllassesche Muster vun der Tâche complète gebrach.

Ausserdeem ass virgesinn, dass all d'Congé fir mi-temps grad wéi all Deelzäitaarbecht, déi gefrot ginn ass fir sech ëm seng Kanner, déi manner wéi 15 Joer hunn, ze këmmen, integral considéiert gi fir d'Promotiounen an d'duebel Echelon, fir d'Avancementer vun den Traitementen an den Echelon, d'Majoratiounen vum Indice an och d'Recht fir bei engem Promotiounsexamen matzemaachen. Et ass selbstverständlech, dass d'Aféierung vun der Deelzäitaarbecht net de gudde Fonctionnement vum Service a Fro stellen duerf.

Et gëtt e Congé sans solde an e Congé fir Hallefzäitaarbecht no engem Congé parental agefouert, wann dësen direkt no dem Congé de maternité geholl gëtt. Et besteet ausserdeem d'Méiglechkeet, dass déi zwee Partneren, Membere vun der Fonction publique, kënnen zur gläicher Zäit e Congé fir Hallefzäitaarbecht huelen, fir sech esou d'Aufgaben an der Famill besser opdeelen ze kënnen.

Här President, Dir Dammen an Dir Hären, et ass sécher dass dës Propositionen dozou bäidroen kënnen, dass et zu engem verbesserten Equilibre kënnt zwëschent de professionnelle Préoccupatiounen vun de Mataarbechter an hire Suergen hiert Familljeliewen am Intérêt vu jiddferengem ze organiséieren. D'Notioun vum Télétravail ass sécherlech och an dësem Sënn.

En aneren Aspekt, deen ech wëllt a menger Interventioun ervirhiewen, ass dee vun der Réintegratioun vun deene Fonctionnaires, déi virun 1984 démissionnéiert hu fir sech der Educatioun vun hire Kanner ze widmen. Dës Fonctionnaires, wat souzesoen alleguerte Frae waren, konnten deemools nach net vun engem Dispositif vu spezielle Congé profitéieren. No der Ännerung vum Statut brauchen déi Statsbeamten, déi an dëse Konditiounen démissionnéiert hunn, net méi d'Case départ ze huelen, dat heescht si brauchen net méi nach eng Kéier den Examen-concours ze maachen. Si kënnen elo hir Fonctionne réintégréieren, an dëst an der Situatioun vun hirer Carrière wéi se deemools war, och mat enger Garantie fir eng Réintegratioun hors cadre a mat Dépassement vun den Effektiver, dëst bei engem Joer Waardezäit.

Ausserdeem ginn d'Carrière vun deene Beamten, déi an der Zwëschenzäit weider Studië gemaach hunn, deem ugepasst. An alle Fäll mussen awer d'Kandidate fir eng Réintegratioun eng Formation vum INAP oder vun engem aneren Institut kréien.

Här President, Dir Dammen an Dir Hären, an deene leschte Joren huet sech leider e Comportement op der Aarbechtsplaz verbreet, deen als Mobbing oder och nach moraleschen Harcèlement bekannt ass. Laut enger Etüd, déi bei méi wéi 20.000 Leit a 15 europäesche Länner agefouert ginn ass, ginn et 9% Salariaën déi der Meenung sinn, dass si ënner Mobbing leiden. Déi staatlech Verwaltung sinn net dovunner verschount. Et ass duerfir ze begrëssen, dass dëst condemnabelt Verhalen och an dësem Gesetzestext en Antrëtt fonnt huet.

Eng weider Nouveauté besteet an der Aféierung vun engem Délégué à l'égalité an deenen Administratiounen, wou et keng Delegatioun vu Personal gëtt. Do, wou et eng Personaldelegatioun gëtt, ass et si déi dës Volet deckt.

Zum Schluss wollt ech nach ervirhiewen, dass duerch de Rentenësch eng ganz Rei vun technischen Adaptatiounen am Pensiounswiese vun de Statsbeamten hu misse gemaach ginn, dëst haaptsächlech an deenen ëneschte Carriären. Um Rentenësch ass jo och d'Erweiterung vun de Babyjoren decidéiert ginn. Am Fall wou d'Arechnung vun de Babyjoren net den Equivalent ergëtt wéi beim Forfait d'éducation, wat fir déi concernéiert Statsbeamten d'Alternativ ka sinn, gëtt ee Complément d'éducation agefouert. Dëst kann zumools de Fall si bei de Rente vun de Statsbeamten aus der Carrière inférieure.

Här President, Dir Dammen an Dir Hären, et war sécher en Défi dee sech dës Regierung gestallt huet mam Virsaz den öffentlechen Déngscht un d'Evolution vun eiser Gesellschaft unzepassen.

Den öffentleche Secteur huet eng wichteg Plaz am Liewe vu jidderengem. Déi rapid Ännerungen, déi jidderee vun eis kennt, maachen och net virum öffentleche Secteur Halt. Et ass dofir néideg ginn déi adequat Äntwerten ze fannen op dës Changementen. Dëst ass gelongen an ech wëll all deenen, déi un dësem Projet matgewierkt hunn, félicitéieren.

Ech soen lech merci fir d'No-lauschtenen.

M. le Président.- Merci, Madame Nagel. Als nächste Riedner ass den Här Jacques-Yves Henckes ageschriwwen. Här Henckes, Dir hutt d'Wuert.

M. Jacques-Yves Henckes (*ADR*).- Här President, Dir Dammen an Dir Hären, erlaabt mer e puer Wuert ze verléieren iwwert net esou vill de Projet de loi, dee mer diskutéieren, mä fir deen an e Kontext ze setze vun dem allgemenge Fonctionnement vun onser Verwaltung.

D'Globaliséierung vun der Wirtschaft, den europäesche Banne-maart, d'Ofschafe vun öffentleche Monopoler, gemäss dem Artikel 129B vum europäeschen Traité, stellen Erausforderungen un de Lëtzebuerger Stat. Dës Erausforderunge bedéngen eng Diskussioun iwwert d'Roll vum Stat an onser Gesellschaft. Mä dës Erausforderunge bedéngen och datt een d'Aart a Weis, wéi de Stat verwalt gëtt, a Fro stellt.

Mir mussen ons also d'Fro stelle wéi mir e modernen, zukunftsorientéierte Statsapparat sollen organiséieren, fir sech den neie wirtschaftlechen Erausforderungen ze stellen. An do muss een zu éischt eng Feststellung maachen. Dat ass, dass d'Lëtzebuerger Verwaltung an hiren augenbléckleche Formen archäesch ass an hir Struktur kann den neien Erausforderunge vun engem moderne Stat an deem neien Ëmfeld net nokommen. D'Verwaltung fousst op enger detaillierter Reglementatioun vun de Missionen. Si baséiert op hierarchesche Kommandostrukturen an op enger exhaustiver Kontroll vun de Mëttele vun de Services. D'Regularitéit vun de Prozeduren ass prioritär. Kee këmmert sech ëm d'Resultater, sauf a Quantitéit an a budgetären Aufgaben.

Et ass vill vu Reform vum Stat geschwat ginn. Ennert der virechter Regierung ass de Ministère de la Réforme administrative geschafe ginn. Et ass 1995 e Rapport vum Här Frieseisen gemaach ginn, wou verschidde Reforme virgeschloe gi sinn. Déi si vergiess ginn. Doroberhin, wéi de Rapport faerdeg war, ass net méi driwwer geschwat ginn. Déi nei Regierung huet och e Minister vun der Fonction publique a vun der Réforme administrative, mä et gesäit een, datt ee vill Ukënnegunge kritt huet, mä datt an der Praxis relativ weineg realiséiert ginn ass, sauf den Accord salarial a sauf dat Gesetz, wat mer haut zur Debatt hunn.

Mä et ass geschwat gi vun enger Simplifikatioun vun den Démarches administratives, mä et gëtt keng gemaach.

D'Utilisatioun vun den neien Technologien am Kader vum e-Lëtzebuerg. Och do muss ee feststellen, datt vill dovunner geschwat gëtt, mä datt een net vill dovunner gesäit. Nach ginn et sechs Ministären an enger Regierung, déi keen eegene Site Internet hunn, wou déi verschidden Informatiounen dem Bierger zur Verfügung gestallt ginn.

D'Marchés publics kënnen net ofgewéckelt ginn iwwert de Wee vum Internet, wéi dat am Ausland de Fall ass. An d'Regierung hat och an hirer Regierungserklärung verschidde Saachen ugereegt, déi bis elo och net gemaach sinn. Ech zitieren den Här Statsminister: „D'Regierung wäert e globale Bilan vun de Stärkten an de Schwäche vun der Verwaltung opstellen.“

Et ass keen esou ee Bilan gemaach ginn. Et ass annoncéiert ginn, d'Biergerbüro géingen um regionalen Niveau geschafe ginn an dofir missten d'Öffnungszäite vun de Verwaltungen iwwerkuckt ginn. Dat steet do. Mä ech weess net ob eppes amgaangen ass, mä op jidde Fall hu mer bis elo näischt gesinn.

D'Froen, déi ee sech muss stellen, dat ass wéi Lëtzebuerg, wéi ons Verwaltung an der Welt vu muer sech soll organiséieren. Datt eng Verwaltungsreform net vun haut op muer aus dem Hokuspokus entstoe kann, ass ganz evident. Mir mussen dat laangfristeg, mëttelfristeg plangen, lwwerleeunge maachen, an erlaabt mer, Madame Minister, Här Statssekretär, Här President, fir verschidde vun deenen lwwerleeungen hei unzibréngen.

Mir mengen, datt wann een eng Reorganisatioun vum Stat wëllt virhuelen, da misst ee fir d'éischt en neie Management public virgesinn, wou en etlech Prinzipië vun dem private Secteur missten an d'öffentlech Verwaltung afléissen. A mir mengen och, datt ee misst den Effort an de Sënn vun de Responsabilitéite vun de Fonctionnaires besser belounen, deen Ablack wou deen Effort gemaach gëtt.

Wann ee seet, verschidde Prinzipië vum private Secteur an d'öffentlech Verwaltung eranhuelen, da menge mer haaptsächlech, datt eng Verwaltung muss Resultater kënnen opweisen. Et ass wichteg, datt ee Resultater opweist, datt een, wann een e Gesetz hei an der Chamber stëmmt, dann herno no enger gewëssener Zäit kann nokucken ob dat Gesetz, wat mer gestëmmt hunn, déi Resultater bruecht huet oder net, ob et deen Effet hat, dee mer geduecht haten oder net, ob een net soll Verbesserung maachen. An et gesäit een, datt dat an England, Holland, Frankräich beispillsweis geschitt, zu Lëtzebuerg net. Mir hu keng Verwaltung no Resultater. An et gesäit een awer och un engem ganz konkrete Beispill, wat mer ganz vill hei diskutéiert hunn, d'Pisa-Etüd, wéi wichteg et ass datt ee Resultater kritt, fir nei lwwerleeungen ze maachen a Verbesserungen duerchzezéien.

Et gesäit een och, datt een zum Beispill Aiden distribuëiert fir de Mëttelstand, mä kee stellt sech d'Fro, ob déi Aiden da wierklech eppes bruecht hunn, sauf datt mer Sue ginn hunn u verschidde Betreiber. Mä huet dat dozou bäigedroen, fir déi mëttelstänneg Betreiber méi kompetitiv ze maachen? Huet dat dozou bäigedroen, fir Aarbechtsplazen ze schafen, direkt? Ass dat duerch déi Aidé geschitt oder net?

Et muss ee sech d'Fro stellen: Wat mécht de Stat a wat fir engem Gebitt? Wat soll e maachen? Wat zu wat fir enge Käschten? Mat wat fir engen Objektiver a mat wat fir enge Resultater?

Dat ass eng vun de fundamentale Reformen, déi mir ons erwaart hunn a wou mer net nëmmen de Resultat final wëlle gesinn, mä och all déi intermédiaire Resultater, fir ons hei an der Chamber ze erlaben, mat der Regierung zesummen, déi richtig Gesetzer ze maachen an onst d'Land op déi Erausforderunge virzebereeden.

Mir mengen, datt een niewent enger Politik vu Resultater, déi ee muss initiéieren a wou ee sech ganz gutt kann um noen Ausland inspiréieren, wou ee mengt, datt bal 80% vun den Administratiounen net esou fonctionnéieren, datt een natierlech och een zweete Prinzip muss zrëckhalen, deen datt een den Administratiounen an de Services autonom Budgete muss ginn.

Dat ablécklecht Budgetgesetz ass inadaptéiert. Et ass e Gesetz, wat an d'Postkutschenzäit gehéiert, mä wat net méi an eng modern Verwaltung era gehéiert. Et muss een eng nei Répartitioun vun de Mëttele virgesinn an noutwendeg Reformen durchzéien. Ons schéngt eng vun deene wichtige Saachen ze sinn, datt een net méi e Budget huet wou sämtlech Dépenses de personnel an engem Ministère, deem vun der Fonction publique, mä datt een dat pro Service a pro Verwaltung huet, datt een da kucke kann, ob déi Mëttele richtig agesat sinn, datt ee kann och an enger Autonomie budgétaire

re dem Verwaltungschef, dem Chef de service soen, datt wann en Aspuerung mécht, datt en dann déi Sue ka fräi verwalten, datt hien also méi mat engem eegene globale Budget ze dinn huet, wou en eng gewëssen Autonomie huet fir seng Verwaltung.

Selbstverständlech soll den Direkter oder de Chef de service dat dann net eleng verwalten, mä hie muss, fir kënnen déi néideg Resultater an Effikassitéit ze kréien, natierlech mat senger Mataarbechter schwätzen. Doduerch géing aus deem hierarchesche Management, wou et uewe bal e General gëtt an ënnen e puer Zaldoten, méi e participatiiv Management ginn, esou wéi mer et am private Secteur kennen a sou wéi mer et och a villen anere Länner an Europa kennen, wat dozou féiert, datt déi öffentlecher Gelder besser ugeluecht ginn a méi Effikassitéit bréngen.

Da muss een natierlech och de Servicer an den Administratiounen d'Méiglechkeet gi fir hir Responsabilitéiten ze exercéieren. Dofir menge mer, datt souwuel de Servicer wéi den Administratiounen méi Responsabilitéite solle gi ginn an der Gestiou vum Personal, souwuel um Niveau vun den Engagementer, den Affektatiounen, de Promotiounen an eventuell den Entloossungen.

Et muss een dem Chef de service d'Méiglechkeet ginn, fir iwwer e globale Budget ze verfügen a fir verschidden Orientatiounen selwer duerchzezéien. Et musse Rapporte gemaach ginn iwwert déi Gestiou, an och do gesäit een, datt nach net vill besteet. Verschidden Iddien aus der Kontabilitéit vum private Secteur, wéi déi vum Amortissement vu Provisiounen beim Autofinanzement, mussen och an ons Iwwerleeungen era kommen, well mat der Epicierskontabilitéit, wéi mer se elo hunn, kann e moderne Stat net fonctionnéieren, speziell deem Abléck wou et an der Informatik ganz rapid évoluëiert. Et muss een och enger Verwaltung déi néideg Moyene ginn, déi néideg Souplesse ginn, an dann d'Responsabilitéit huele fir d'Gestiou vun hire Servicer an den Administratiounen esou ze maachen, datt se déi néideg Resultater kënnen maachen an domadder d'Administratioun selwer méi Autonomie a méi Responsabilitéit kritt.

Dat bedéngt natierlech, Madame Ministerin, Här Statssekretär, datt den Droit budgétaire, d'Kontabilitéit vum Stat an och d'Administrativrecht deene Prinzipië sollen ugepasst ginn. Mir bleiwen och bei onser Meenung, datt mer d'Cour des Comptes mussen nach eng Kéier reforméieren, fir aus deem Organ en Organe juridictionnel ze maachen, well een domadder méi Indépendance kritt an hinnen och méi Moyene gëtt fir ze intervenéieren.

Et ass ee Prinzip an festgehalen ginn, datt bei all Gesetzesprojete misst eng Note bällegen iwwert den Impact budgétaire. Dat geschitt awer an de seltenste Fäll. A mir bedauern, datt d'Regierung a ganz ville Fäll, och an deem Fall, keng Note d'impact budgétaire virleien huet. Dat ass eppes, wat net gutt ass. D'Chamber seet, Dir sollt hei blannemännerchers vertrauen, datt dat gutt verhält gëtt. Mir wëssen net wéi vill et kascht. Ech mengen, dat si geféierlech Aussoe mat deene mer ons net kënnen ufrënnen.

Dann, wann ee seet, datt een eng Verwaltungsreform wëllt duerchzéien, da muss een natierlech och driwwer schwätzen, wat mer mussen um Niveau vum Statut vun der Fonction publique, um Niveau vum Fonctionnaire änneren, fir datt dee sech kann an déi nei Verwaltungsreform integréieren. Sou menge mer, datt een natierlech de Statut selwer, d'Basis vum Statut vum Fonctionnaire net soll a Fro stellen.

De Rapport Frieseisen huet eng etleche Ännerunge virgeschloe mat deene mir ons kënnen d'accord erklären a wou mer mengen, datt et

de richtege Wee ass. Mä och do huet weder déi viregt Regierung nach dës Regierung iergendwéi versicht Neierungen ze maachen, fir datt beim Recrutement net nëmmen den Examen gekuckt gëtt, mä och gekuckt gëtt, ob d'Leit déi néideg Connaissancen hunn, ob si sech kënnen als Chef vun enger Verwaltung bewäeren, ob se kënnen mat Leit ëmgoen, Leit dirigéieren, de Service, eng Administratioun leeden. Ech mengen, dat sinn Iwwerleeungen, déi solle gemaach ginn.

Mir gesinn, datt dat an anere Länner, am Frankräich zum Beispill, fir déi verschidden Verwaltungsposten ee muss d'Ecole nationale d'administration gemaach hunn oder soss Managementcoursen. Am private Secteur geschitt dat regelméisseg. Ouni dat geet et net. Hei si verschidden Ännerungen noutwenneg.

Da menge mer och, datt d'Formation continue soll fir all Posten obligatoresch sinn, y inclus fir d'Kaderbeamten. Verschiddener maachen et, anerer maachen et net. Ech mengen, dat ass an enger Welt, déi esou séier évoluëiert, net gutt, wann een dat net systematesch ugeet.

Wann ee wëllt verschidden Responsabilitéite bei de Fonctionnaires unerkennen, wa se bereet sinn déi ze huelen, wa se bereet si Chef de service oder eng Responsabilitéit an enger Administratioun ze huelen, wa se wëllen techesch Responsabilitéiten iwwerhuelen, da misst een och d'Rémunération nokucken an eng Prime de fonction aféieren. Mir mengen zum Beispill, datt dee System, dee mer ablécklech hu bei den héije Fonctionnaires, fir deenen eng Rémunération ze ginn, datt se net an de private Secteur fortginn, wou mer dann op de Wee gi vu Cumulen, datt dat e Wee ass, deen ongesond ass an deen net ganz transparent ass.

Mir hunn et zum Beispill an der Stad Lëtzebuerg gesinn, a mir hunn als ADR dat ënnerstëtzt, datt een eng Prime de fonction virgesäit fir déi Zäit, wou dee Beamte verschidden Missiounen erfëllt, a fir déi Zäit, wou en déi erfëllt, soll en déi Prime de fonction kréien. Dat wär transparent an dat géing deem onduerchsichtge System vun de Cumulen entgéintwirken.

Da menge mer och, datt ee muss d'Mobilitéit an der Fonction publique favoriséieren. Wann ech kucken, wéi et am Frankräich geet, da gesäit een datt dee Fonctionnaire, dee sech der Administratioun zur Verfügung stellt, verschidden Avantager an Echelon huet, wann e mutéiert gëtt. Dat encouragéiert verschidden Leit, déi et wëllen, fir nei Affektatiounen unzegoen an nei Chargen ze huelen. A wann deen neie Chef de service oder déi nei Administratioun e wëllt, dann ass do eng Méiglechkeet fir méi Souplesse an dat Ganzt eranzebréngen, an net datt een eng Mutatioun ugesäit als eng Mesure disciplinaire.

Da menge mer och, datt eng Evaluatioun vum Fonctionnaire blutt noutwendeg ass. Mä mir wëssen alleguer, datt eng Evaluatioun vu Leit an der Fonction publique heiansdo kann zu Abue féieren a mir hu gekuckt, wéi et dann am Ausland geet. Do ass et esou, datt wa verschidden Resultater net erreicht ginn, da kritt de Fonctionnaire d'Méiglechkeet fir Erklärungen ze ginn, déi net nëmmen dora bestinn, ob hie gutt oder schlecht geschafft huet, mä och ze soen, datt vläicht déi schlecht Resultater dorobber zrëck ze féiere sinn, datt aner Saachen am Service net fonctionnéieren. Dat ergëtt e konstruktive Beitrag. Mir gesinn, datt dat bal an alle Verwaltungen an Europa geschitt, sauf hei zu Lëtzebuerg.

(M. Jean Spautz reprend la Présidence)

Da menge mer och, datt mer mussen der politescher Filière vu verschidden héije Fonctionnaires en

Enn setzen. Et kann net méi esou goen, datt verschidden Leit iwwert déi politesche Filière ganz héich erop kommen. Dofir schéngt eis déi Iddi, déi d'Regierung hat an déi elo am Projet de loi vläicht net zrëckbehalen ginn ass, mä wou en neie Projet de loi komme soll, fir verschidden Missiounen à durée déterminée ze maachen, absolut wichtig ze sinn, wann een an enger Regierung verschidden Saachen duerchzéie wëllt.

Dann hat ech geduecht, datt een och misst eng Administration citoyenne kréieren. Et ass vill dovunner geschwat ginn, mä bis elo, Här Minister, ass...

(Brouhaha général)

...Madame Ministerin, Här Statssekretär, vun der Regierung op deem Gebitt net vill geschitt. Ech wëllt ofschléissend festhalen, als proviso-resche Bilan: D'Regierung huet eng Ministerin an e Statssekretär vun der Fonction publique, mä d'Regierung an d'Land hu kee Minister vun der Réforme administrative.

■ Une voix. - Très bien.

■ M. le Président. - Als leschten Diskussionsriedner ass den Här Jeannot Belling agedroen. Den Här Belling huet d'Wuert.

■ M. Jeannot Belling (DP). - Här President, Dir Dammen an Dir Hären, och wann Der elo d'Impressioun vun engem déjà entendu kritt, dann hutt Der lech net géiert. Ech wëll awer soen, dass dat natierlech no esou engem excellente Rapport, wéi de Gusty Graas et gemaach huet, och bal net méiglech ass eppes Sënnvolles net ze widerhuelen.

Mat den Émänerungen, déi elo mat dëser Reform am Statut des fonctionnaires virgeholl ginn, gëtt de Statut also, wéi dat elo scho wierklech oft genuch betount ginn ass, un d'Gegebenheete vun eiser Zäit ugepasst. Wat heescht dat eigentlech sech de Gegebenheete vun eiser Zäit upassen? Dat heescht sech der Entwécklung vun eiser Gesellschaft, dem Entstoe vun neie Prioritéiten an Ufuerderungen, déi sech un all Eenzelne vun eis stellen, unzepassen. Hei ginn et u sech zwee Voleten, déi een, wat d'Reform vum Statut ubelaangt, getrennt betruichte kann.

Den éischte Volet ass, dass een d'Méiglechkeet kritt d'Privatlieue mam Berufsliewe besser ofzestëmmen an och gläichzäiteg d'Méiglechkeet huet sech fräi ze entfalen. Dee Volet ass jo och scho vu menger Frëndin a Fraktiounskolleegin Maggy Nagel traitéiert ginn.

(Brouhaha général)

Deen anere Volet, deen awer trotzdem net ganz lassgekoppelt vun deem éischte betruecht ka ginn, ass deen, fir den Ufuerderungen, déi vun de Bierger an der Gesellschaft am allgemengen un de Stat gestallt ginn, gerecht ze ginn. An deem Kontext schwätze mer da vun engem effiziente Stat.

Fir dat Zil ze erreechen, gi mat dëser Reform eng Rei vun neien Dispositionen agefouert. Mä ier ech op déi Mesuren ze schwätze kommen, wëll ech awer nach Folgendes virausschécke wat d'DP schonn 1998 an hirem Orientationspabeier „Pour une fonction publique moderne“ festgehalen hat: „Le Parti démocratique est d'avis qu'avant toutes choses, il y a lieu de conserver la qualité de notre administration et par là-même de l'ensemble de notre fonction publique. La modernisation de l'administration ne peut et ne doit pas détruire tout ce qui a fait ses preuves, mais elle reformera tout ce qui est dépassé et inapproprié.“

Et ass genau dat, Här President, Dir Dammen an Dir Hären, wat mat dëser Reform geschitt. Esou ginn déi sougenannte Mataarbechtergesprécher agefouert. Wann een e Mataarbechter, an dat gëllt och fir d'Privatwirtschaft, motivéiere wëllt, da muss e sech concernéiert fillen. Eng Equipe ass bekanntlech esou staark wéi dat schwaachste Glidd. Folglech muss fir all Mataarbechter an deem Departement, egal wat fir eng Fonction oder Qualifikatioun en huet, seng Aarbechtsobjektiver definéiert sinn. Nëmmen dann entsteet aus der Zomm vun den Aktiounen vun den eenzelne Mataarbechter deen noutwendegen effizienten Teamwork. Dofir sinn déi Mataarbechtergesprécher vu ganz grousser Wichtigkeet.

An deem Kontext kann een dann och d'Aféiere vum Ordre de justification ernimmen. Dësen Ordre de justification soll et erlaben, wann et néideg sollt sinn, de Beamten u seng Flichten ze erënneren. Doriwwer erass erlaabt deen Ordre awer eventuell Douten aus dem Wee ze raumen a gëtt dem Beamten eng reell Chance sech ze erklären. Weiderhin ass dësen Ordre de justification och e gudde Moyen, deen engem Chef d'administration d'Méiglechkeet gëtt, fir an engem frëie Stadium ze intervenéieren. Esou kann évitéiert ginn, dass eng Situatioun eng Tournure kritt, déi riskéiert op eng Procédure disciplinaire erass ze lafen.

A puncto Procédure disciplinaire ass zrëckzebehalen, dass déi Prozedur, wéi se elo festgehalen ginn ass, nach méi transparent a manner komplizéiert ass.

Mat der Aféierung vum Commissaire du Gouvernement, dee chargéiert ass d'Instruktioun ze leeden, vermeit een, dass déi verschidden Autoritéiten, déi et bis elo bei enger Instruktioun gi sinn, matenaner interferéieren. Domadder ass dem Beamte säi fundamentaalt Recht op en nach méi neutralen Émgank vu sengem Dossier garantéiert.

Mam Projet de loi, dee mer haut an hei, sinn ech iwwerzeegt, mat enger grousser Majoritéit stëmme wäerten, gëtt och d'Fonction vum Médecin du travail a Médecin du contrôle agefouert. Wann der Médecine du travail hire Rôle d'Protection vun der Gesondheet vun de Beamten ass, dann ass de Contrôle médical dozou ugedoen d'Kontrolle fir d'Commission des Pensions an eben och am Kader vum Recrutement ze erlaben.

Här President, wa mer vun engem effiziente Stat schwätzen, da muss e mer och d'Méiglechkeet hu Spezialisten aus der Privatwirtschaft ze rekrutéieren. Si kënnen e gewënnbréngenden Apport mat erabréngen, well se d'Saache vun deem anere Standpunkt aus gesinn. Bis ewell war et net evident fir e Spezialist aus dem Privatsektor ze rekrutéieren. Mat dëser Reform gëtt also déi Méiglechkeet geschaffen, déi Recruteur, déi awer net sollen zur Regel ginn, an éischter an exceptionell Fäll sollen envisagéiert ginn, mussen vum Regierungsrot ofgeseent ginn.

Dat éischt Joer gëtt den Expär ënner dem Regime vum Employé de l'Etat an där Carrière agestellt, déi sengem Studium entsprécht, fir da spéider seng Nominatioun als Staatsbeamten ze kréien. Wa mer scho vum Recrutement schwätzen, da wëll ech och nach ervirsträichen, dass elo allgemeng de Concours sur épreuves agefouert gëtt. Verschidden Lois-cadres hate bis elo Derogatiounen vun deem Prinzip virgesinn, déi awer mat dësem Projet de loi ofgeschafft ginn.

Erlaabt mer och hei den Orientationspabeier vun der Demokratescher Partei vun 1998 an Erënnung ze bréngen, deen zu dësem Thema Folgendes ausgesot huet: „En matière d'accès aux emplois de la Fonction publique, le Parti démocratique voudrait réitérer sa fidélité et son adhésion au principe de l'égalité admissibilité ainsi qu'au principe de l'examen-concours

qui, par définition, offre des garanties suffisantes contre l'arbitraire.“

Weiderhi gëtt d'Limite d'âge fir d'Admission au stage, déi bis haut bei 40 Joer louch, op 45 Joer fixéiert. Mat dëser Reform gëtt och eng drëtt Chance beim Examen de promotion agefouert. No zwee Echecé konnt de Beamte sech, no der heiteger Réglementatioun, net méi presentéieren. Et ass awer eng Tatsaach, dass dat schwéier Konsequenze fir de Beamten hat, well e praktesch keng Chance méi huet a senger Carrière weider ze kommen, wat sech um finanzielle Plang extrem bemierkbar gemaach huet.

All dës Elementer droe sécherlech dann och net zu der néideger Motivatioun vum Beamte bäi. Aus deem Grond kréien also déi Beamten, déi de Promotiounsexamen zweemol net réusséiert hunn, eng weider Chance. D'Konditioun heifir ass awer, dass se en vue vun dëser leschter Chance eng Formation spéciale um INAP oder un engem aneren Institut, wéi zum Beispill der Policeschoul, absolvéiert hunn.

Eng weider Mesure, déi een ervirsträiche soll, ass déi, déi de Maintien en service bis 68 Joer erlaabt. Déi Beamten, déi also d'Limite d'âge vu 65 Joer erreecht hunn, kënnen nach dräi weider Joer schaffen, wa se dat wëllen. Dat huet den dueble Virdeel, dass déi Beamten engersäits hiren Nofolger hir Erfahrungen nach weider vermëttele kënnen an anerersäits den Iwwergank vum aktive Liewen an d'Pensioun besser gëiere kënnen.

Här President, Dir Dammen an Dir Hären, wann ee sech déi Mesuren, déi duerch dëse Projet de loi ëmgesat ginn, Revue passéiere léisst, muss een zu folgender Konklusounen kommen.

1. Dës Reform gëtt den Ufuerderungen vun de Beamten an de Bierger gerecht.

2. Dës Reform gëtt den Ufuerderungen vun engem moderne Stat gerecht.

3. Schlussendlech gëtt dës Reform den Ufuerderungen esou wéi den Erausforderungen vun eiser Zäit gerecht.

Als Ex- oder ëmmer nach Statsbeamten, Madame Minister, Här Statssekretär, wäert et mer eng grouss Eier an eng onwahrscheinlech Freed sinn, mat der Demokratescher Partei dëse Projet de loi ze stëmmen.

Ech soen lech merci fir dee wonnerbare Projet an ech soen lech merci fir d'Nolauschteren.

■ M. le Président. - D'Wuert huet elo d'Ministesch vun der Fonction publique, d'Madame Lydie Polfer.

■ Mme Lydie Polfer, *Ministre de la Fonction publique et de la Réforme administrative*. - Här President, Dir Dammen an Dir Hären, an ech si frou fir dee wonnerbare Projet, wéi den Här Belling en elo just tituléiert huet, fir feststellen a fir all deene merci ze soe fir déi wonnerbar Aarbecht, déi gemaach ginn ass, fir datt mer zu deem Projet konnte kommen.

Erlaabt mer dem Rapporteur merci ze soe fir déi vill, vill Aarbecht, déi an der Kommissioun gemaach ginn ass, him, mat awer all de Membere vun der Kommissioun, wou ganz konstruktiv geschafft ginn ass an all deenen, déi hei intervenéiert sinn.

Ech mengen, et si Froen opgeworf ginn an näischt ass esou perfekt, datt een net nach kënn Froe stellen. Dat ass esou, mä et waren awer konstruktiv Beiträg, a wann ech dat richteg verstanen hunn, gëtt dee Projet och mat enger ganz, ganz grousser Majoritéit ugehall a vläicht, wann ech dem Här Gibéryen nach e puer Donnéeën iwwert d'finanziell Inzidenze ginn, kënn hie sech et dann esouguer nach eng Kéier iwwerleeen.

Mä ech wëllt awer och menge Mat-aarbechter aus dem Ministère merci soe fir déi wonnerbar Aarbecht, déi si gemaach hunn, well déi honnerte Blieder, déi Der hei virgeluecht krut, wat de Gesetzesprojet an all déi Reglementer ubelaangt, si vun hinnen ausgeschafft ginn. Duerfir eng ganz Rei Mercien. Natierlech och e ganz grouss Merci un de Statssekretär, de Jos Schaack, dee sech ganz besonnesch ëm d'Ausarbechtung vun deem Projet hei bekëmmert huet.

Dat gesot, stellen ech da fest, datt mer mat dem Gesetzesprojet 4891 eng ganz wichteg Säit am Statut vun de Statsbeamten nei schreien, awer gewëss fänke mir net bei null un, well als Base zielt nach ëmmer d'Gesetz vun 1979 wat virläit an dat sengersäits op en Text vun 18. Mee 1872 a seng Adaptatiounen opbaut.

Dëse Projet, an dat ass de Mëtteg schonn hei gesot ginn, stellt awer déi éischt gréisser Reform vum Statut vun de Statsbeamten zënter 24 Joer duer, zënter där Reform, déi vum deemolege Minister Emile Krieps 1979 inspiréiert gi war. Et ass also deemno e wichtege Text, deem am Dialog mat villen engstannen ass. Dat huet dozou gefouert, datt et vläicht méi laang gedauert huet, mä datt mer awer och ville konstruktive Propositionen a Kritike Rechnung gedroen hunn.

Et ass e wichtege Text, dee sech als Aufgab gesat huet de Statut vun der Fonction publique den Noutwendegkeeten an den Ufuerderunge vun onser Zäit unzepasen, do ze innovéieren, wou et noutwendeg a wëschenswäert ass, do ze consolidéieren, wou Bewährtes soll Bestand hunn, a virun allem sécher ze stellen, datt onst Land iwwer eng modern Verwaltung verfügt, déi et ons erlaabt d'Erausforderunge vun haut a vu muer unzuegoen. Dat ass eng Aufgab, déi ni definitiv ofgeschloss ass an déi periodesch ëmmer nees muss op de Métier geholl ginn.

De Statut vu senge Fonctionnaires ass fir all Stat eppes Besonnesches, well fir datt eng Demokratie ka gutt fonctionnéieren a Bestand huet, fir datt eng engagéiert, effikass a loyal Verwaltung, fir datt neutral Gerichter an eng gerecht Uerdnung kënnen fonctionnéieren, brauch all Gesellschaft déi Leit, déi sech dem Service public, dem Allgemengwuel verpflichtet fillen an hir Aufgaben am Dénkscht vun hire Matbierger mat Engagement an Integritéit ausfüllen an déi duerfir déi Richter an awer virun allem och déi Pflichten, déi de Statut vum Fonctionnaire hinnen operleet, voll a ganz akzeptéieren an och liewen. Si stellen nämlech d'Continuitéit vum Stat duer iwwert déi demokratesch Wiesselen eraus, déi an engem demokratesche Rechtsstat normal sinn, an duerfir ebe just och d'Pflichte vun de Statsbeamten, déi vun der Integritéit, déi vun der Impartialitéit an natierlech vun der Ufuerderung, der Kompetenz an der Transparenz.

A loosse mer et net vergiessen: Eng effikass Administratioun ass e ganz wichtege Atout fir déi ekonomesch Entwécklung vun onsem Land, well si stellt e ganz wichtege Bestanddeel vum Attrait vum Site Lëtzebuerg duer.

Mat deenen Neierungen, déi mer an deemem Projet verankert hunn, léise mir en Engagement an, dat mir an onsem Wahlprogramm agaange waren. Den Här Rippinger huet schonn doraus zitéiert. Virschléi awer, an dat ass dat Wichtigst, déi hiren Nidderschlag am Koalitionsaccord fonnt hunn, dee mir mat der CSV ausaarbecht hunn. Mir sinn zesummen ageetratt fir e modernen an effiziente Stat am Dénkscht vum Bierger, fir eng gutt an zäitgeméis Verwaltung, fir transparent a méiglechst einfach Regeln, fir eng gutt ausgebildete loyal a motivéiert Fonction publique. Dee Projet, deem haut hei virläit, orientéiert sech just un dëse Kritären.

D'Regierung huet och drop gehalten d'Upassung vum Statut un d'Ufuerderunge vun eiser Zäit als e Ganz an d'Chamber ze bréngen. Dat erkläert, niewent deenen ausféierleche Consultatiounen, wéi scho gesot, déi mer mat alle Betroffenen gefouert hunn, datt d'Virbereedung vun deemem Projet wuel e bësse méi Zäit kascht huet wéi am Ufank geduecht.

Duerfir läit elo awer eng Gesamtreform vum Statut vir mat als Schwéierpunkt d'Gesetz vum 16. Abrëll 1979, awer doriwwer eraus och Verbesserungen an Upassungen bei enger ganzer Rei vu Gesetzestexten: beim Gehältergesetz, beim Pensionsgesetz a beim Mobilitéitsgesetz. Et kommen dann eben och nach déi beandrockend Zuel vun Ausféierungstexten, Reglementer, iwwer eng Dosen, wou mer eben drop gehalten hu se gläichzäiteg mam Gesetzesprojet selwer auszeschaffen an der Chamber se direkt vun Ufank un zur Informatioun ze ënnerbreeden. Op déi Manéier weess d'Chamber bei Geleeeënheet vum Vote, wéi déi definitiv an detailléiert Intentionen vun der Regierung sinn, wann et duerno drëm geet déi eenzel Réglements grand-ducaux ze huelen.

Ech wëll awer och drop hiweisen, datt d'Regierung mat dëser Reform d'Kärstéck vun hirem Programm realiséiert huet, esou wéi et am August 1999 am Kapitel vum Ministère vun der Fonction publique an der Réforme administrative ugekënnegt gouf. D'Reform vum Beamtestatut an déi zwee Gehälterkommissionen vum Mee 2000 a März 2002 bilden nämlech am Package gekuckt de Plat de résistance vun deem, wat d'Regierung sech an der Fonction publique fir dës Legislaturperiod virgehoit hat.

Doriwwer eraus huet dës Reform vum Beamtestatut wuel net nëmmen, awer dach zu engem gudden Deel och eppes mat Verwaltungsreform ze dinn, obschonn een net op all déi Punkte kann agoen, déi den Här Henckes hei opgeworf huet. Dat eleng géing den Débat zwar hei onbedéngt justifiéieren, mä ech wëll net op alles dat agoen, well dat huet virun allem eppes mat Verwaltungsreform ze dinn.

D'Missionen an d'Attributionen vun de Beamte sinn an enger bestänneger Entwécklung a mussen sech noutgedrungen och deenen neie Gegebenheeten upassen. Ech wëll just hei als e Ganz zitéieren, datt mer d'lescht Joer eng Emfro bei der ILReS gemaach hunn ebe just am Kader vun de Virstellungen vun deene Moossnamen, déi mer geholl hunn am Kader vun der Verwaltungsreform. Do ass dobäi erauskomm, datt ronn 85% vun de Lëtzebuerger ganz zefridde si mat hirem Verwaltung. Ech mengen, dat ass eng Zuel, déi een onbedéngt hei kann a muss ernimmen.

Ech wëll och hei ënnersträichen, datt eng effikass Verwaltung net gläichbedeitend mat enger plethorescher Verwaltung ass a soll sinn.

Ech wëll duerfir an deem Kontext drop hiweisen, datt iwwer eng laang Period, a mir hunn Zuele vun 1985 un, den öffentleche Secteur a sengem wäiteste Sënn, also ënner Schloss vun de Gemengen, vun der Post an och der CFL, ongeféier 12% vun allen Aarbechtsplazen hei zu Lëtzebuerg ausmécht. Domat hu mer a Prozenter vun Aarbechtsmaart ausgedréckt zesumme mat Holland dee klengsten öffentleche Secteur an der Europäescher Unioun hannert Länner wéi Frankräich, wou den öffentlechen Emploi ongeféier 24% ausmécht vun den Aarbechtsplazen oder och souguer bal 20% an der Belsch.

D'Entwécklung vun deene leschte Jore weist, datt och dat proportionellt Gewicht vum Stat als Employeur hei am Land zrëckgaangen ass. Gewëss huet dat eppes ze di mat där ganz positiver Entwécklung vum Aarbechtsmaart am Allgemengen, mä nach.

Erlaabt mer lech e puer Zuelen ze soen. Zënter dem Joer 2000 ass d'Zuel vun den aktive Fonctionnaires zu Lëtzebuerg vun 12.767 op den 1. Januar 2001 op 13.245 2002 an op 13.234 2003 geklomm. Bei de Statemployéë waren dat an der nämlecher Period Zuele vun 3.953 op 3.591. Am Joer 2003 waren et der 3.602. Bei de Statsaarbechter gung d'Evolution vun 2.214 op 2.266 an dunn 2003 op 2.310, wat en Total vun 19.146 Plazen ausmécht.

Wann een elo déi nämleche Period d'Evolution um Aarbechtsmaart kuckt, dann huet den allgemengen Aarbechtsmaart sech entwéckelt vun 277.000 am Joer 2001 op 281.655 am Joer 2002 an 287.817 am Joer 2003, esou datt déi reng staatlech Secteuren, wann ech nëmmen déi staatlech huelen, am Joer 2001 6,83% ausgemaach hunn, respektiv 6,78% am Joer 2002 an am Joer 2003 6,65% vun allen Aarbechtsplazen hei am Land.

Vun all deenen Zuelen nach just eng Ziffer fir awer och op een Thema ze kommen, dat ons haut vill beschäftigt huet an dat e ganz wichtege Bestanddeel vun deemem Projet de loi ass, dat ass d'Zuel vun de Fraen an der Fonction publique. Vun all deene Posten, deenen 19.146 Poste beim Stat, mat all de Secteuren dobäi, gi 46% vu Frae besat. A wann een elo eleng nëmmen d'Fonctionnaires hält, well hei sinn d'Employéë dobäi, hei sinn och d'Aarbechter dobäi, mä souguer nëmme bei de Fonctionnaires hu mer eng Proportion vu 40% Fraen zu 60% Männer.

Do hu mer nach net d'Gläichheet, mä wann ee kuckt, an ech kann lech nëmmen d'Lecture recommandéiere vum Rapport d'activité vun der Fonction publique op der Säit 132, do hutt Der ganz ausféierlech opgefouert wéi an deene verschiddene Jorgäng d'Zougäng vun de Fonctionnaire sech beim Stat gemaach hunn. Bei de 50er bis 60er Jorgäng, do war et ëmmer fir zwee Männer eng Fra. Duerno huet dat ugefaangen ze wiesselen an an de 70er Jorgäng, do hate mer souguer véier, fënnf Jorgäng, wou vill méi Fraen als Fonctionnaire bei de Stat schaffe komm si wéi Männer.

Ech zitieren lech dat Joer, virun 30 Joer, dat sinn also déi Leit, déi elo beim Stat schaffen an 30 Joer hunn, dat war den 73er Jorgang, an do sinn 170 Männer beim Stat agestallt ginn an 205 Fraen. Dat nämleche war och am Joer 1976, 140 Männer an 200 Fraen. Duerfir - wien huet et de Mëtten hei gesot -, wann dat do géing weidergoen, kann ee sech bei der Gläichheet eng Rei Froe stellen.

Ech muss awer och soen, datt sech nees vun den 80er Joren u méi e Gläichgewicht agestallt huet. A wéi déi Fraen elo herno an hirem Carrière reagieren, ob se dann och elo vun deene Konditionen an deene Méiglechkeeten, déi mer hei zur Verfügung stellen, profitieren, dat wäert d'Zukunft eis nach soen.

Mä well d'Proportion - an duerfir hunn ech lech déi Zuele genannt - vun de Fraen an der Fonction publique sou héich ass, ass et duerfir och selbstverständlech, datt de Patron Stat dës wichtege Aarbechtskräfte berücksichtegt an datt hie souwuel de Beamten - an do ginn ech dem Här Huss Recht, et dréit sech ëm déi eng an déi aner - wéi och de Beamten d'Méiglechkeet gëtt hire Beruff an hirt Famillieliewen sou gutt wéi méiglech mateneen ze conciliéieren, well doraus am Endeffekt gewëss méi eng leeschtungsfäeg a méi eng effizient öffentlech Fonction entsteet, mä awer och, an dat hoffen ech, méi eng lieweg a méi eng harmonesch Gesellschaft.

Wat sinn elo déi wesentlech Punkte vum Projet? Si sinn zwar schonn alleguer hei ernimmt ginn, mä ech wëll se vläicht nach eng Kéier ënnert engem anere Liicht hei opzielen. Mir hunn innovéiert, d'Mobilitéit tëschent dem Statsdénkst an dem Privatsecteur, awer och tëschent den Administratiounen gëtt verbessert. Deelzäitaarbecht gëtt ageféiert a reglementéiert. D'Base fir d'Aféierung vum Télétravail gëtt geschaaft. Mir suerge fir méi Equitéit a Gerechtegkeet, an ech denken hei besonnesch un déi ganz Reform vun den disziplinareschen Prozeduren, déi och hei allgemeng Uklang fonnt hunn. Dat ass fir eis och e wichtege Aspekt, well och déi beschte Fonction publique muss sech d'Méiglechkeet ginn, op eng ugepasste Manéier ze reagieren, sollte mol vereenzelt Agenten am Laf vun der Zäit net méi sou wéi dat vun hinnen erwaart gëtt zu hirem Engagement an zu hirem Eed stoen. Dat geet u bei der Instruktioun, dat huet awer och säin Nidderschlag bei de Mataarbechtergesprächen, eng Neierung déi als Zweck huet, d'Kommunikatioun an den Dialog duerch déi verschidden hierarchesch Strukturen ze fördern. Gewëss, et läit nach net vir - wéi ee gefrot huet - datt dat obligatoresch ass, mä mir hoffen datt hei eng Initiatioun ass, déi eben zu méi Dialog an den Administratiounen féiert.

An ech wëllt och nach den Ordre de justification erwähnen, eng Méiglechkeet bei méi klenger Vergewerke anzewirken, ouni datt direkt de Wee vun engem Disziplinarverfahre muss ageschloe ginn.

Zu méi Gerechtegkeet dréit och bäi, datt den Accès an d'Fonction publique iwwer e generaliséierten Examen-concours sur épreuve geregelt gëtt. Et ass dëst, an onsen Aen, eng wesentlech Garantie fir eng parteipolitesch neutral a kompetent Verwaltung. Ee Punkt deen eis besonnesch um Häerz läit, well grad e klengt Land wéi Lëtzebuerg muss sech kënnen op eng stabil, eng effikass an eng loyal Fonction publique stäipen, fir seng Zukunft opzebauen.

Mir brauchen, sou wéi mer dat an onsem Wahlprogramm och gefuert hunn a wéi mer et am Koalitionsaccord ageschriwwen hunn, eng Fonction publique déi d'Continuitéit assuréiert, nieft dem Pouvoir public, deen déi Impulsionen an déi Orientatiounen, déi duerch d'demokratesch Wahle legitiméiert a sanctionnéiert ginn, ëmsetze muss.

En drëtten Punkt, deen enk mat deem viregte verbonnen ass, ass dee vun der Transparenz a betrëfft déi obligatoresch Publicatioun vun alle Posten, déi beim Stat nei ze besetze sinn, sou datt all interesséiert Kandidat kënnen um Concours an un der Sélection deel huelen.

An déi véierte Part vu Mesurë gesinn ech ënnert der Iwwerschrëft vun enger besserer Conciliatioun ebe vum Familljen- a Berufsliwen, enger laangjäreger Fuerderung vu ville Betroffenen an eng Noutwendegkeet, déi sech aus eiser gesellschaftlecher Entwécklung eraus ergëtt. Heizou gehéiert d'Méiglechkeet vun der Réintegratioun vun deene Fraen, déi virun 1984 hu missen demissionéieren, well se hir Kanner wollten erzeien.

An den Här Jempy Klein hat hei gefrot: Firwat just 1984? Mä da kënnen mer dem Här Jempy Klein an dem Här Mars Di Bartolomeo vläicht soen, datt deen Datum ebe festgehale ginn ass, well et bis den 1. Januar 1984 vum Intérêt du service ofgehaange huet, wann een e Congé geholl huet, fir seng Kanner ze erzeien, duerno ass et e Recht ginn, well à la rigueur hunn d'Frae virdru missen demissionéieren, fir dat ze maachen, et huet also mat legalen Obligationen ze dinn.

Et gehéieren och eng ganz Rei vun Dispositionen dozou, déi ganz sécher d'Situatioun vun alle Beamten mat Kanner, ob Fra oder Mann,

wäerte wesentlech verbessern. Déi éischt a vläicht déifgräifendst Mesure ass eng Bonifikatioun vun zéng Joer, wann een am Congé sans traitement ass, respektiv eng Bonifikatioun an der Carrière bis d'Kanner 15 Joer hunn, wann een e Congé pour travail à mi-temps oder e Service à temps partiel huet, fir sech ëm d'Kanner ze bekëmmern. D'Bonifikatioun heescht ganz einfach konkret, datt een déi Zäit, wou een am Congé oder am Temps partiel ass, als Période d'activité de service intégral ugerechent kritt, sou gutt wat d'Avancement en traitement wéi och wat d'Promotionen ugeet, oder och nach d'Recht fir zum Promotiounsexamen zougelooss ze ginn - mä hei huet den Här Paul-Henry Meyers eng ganz ausféierlech Duerleeung vun der Situatioun ginn, sou datt ech mech hei net nach weider muss mat deem méi technesche Volet beschäftegen. En plus gëtt d'Recht, fir no deene verschiddene Congéen erëm schaffen ze kommen, a senger Applicatioun verbessert. Och dat ass vun alle Säite begréisst ginn an ech freee mech doriwwer.

Dir Dammen an Dir Hären, ech hoffen datt et eis alleguer bewosst ass, datt mer duerch dës Mesure, a puncto Gläichstellung vu Mann a Fra beim Stat, e ganz wichtege Schrëtt no vir gemaach hunn, well mer wëssen alleguer, datt et trotz Egalitéit beim Recrutement oder bei de Méiglechkeeten a beim Gehalt nach ëmmer op dem Punkt vun der Gläichstellung vu Mann a Fra an eise Verhandlungen awer Handlungsbedarf gëtt.

Well bis elo war et op alle Fall esou, datt déi Zäite wou d'Fraen net do waren - an et ass eben esou, datt dat zum gréissten Deel awer nach ëmmer Frae sinn, déi sech eben de Congé huele fir hir Kanner ze erzeien -, dat gouf hinnen net ugerechent an hir Kolleege sinn an der Anciennetéit an de Promotiounen laanscht se gezunn. An duerfir mengen ech - och wann ee mat deem Wuert ëmmer nees soll virsichteg ëmgoen -, datt dës Mesure awer schonn als historiesch ze considéieren ass a mir wäerten dat eben an Zukunft och nach, hoffen ech op alle Fall, gesinn. Mä ech hoffe virun allem, datt net nëmme Fraen heivu profitéiere wäerten, mä datt am Sënn vun der Gläichstellung eben och d'Pappe vun deenen heite Moossname wäerte profitéieren.

Mir hu wahrscheinlech net, an dat wäerte mer och ni errechen, déi perfekt Gläichstellung. Dat wier och vläicht mol net erwëschenswäert, well Ennerscheeder ginn et an déi sinn och gutt an déi sinn och schéin an déi sinn och normal, mä mir sinn awer um gudde Wee fir op d'mannst legal hei ganz grouss Hürden ze iwwerbrécken.

Dee wichtigste Schrëtt a Richtung vu besserer Conciliatioun vu Familljen- a Berufsliwem bleiwen awer all déi Méiglechkeeten, déi duerch Deelzäitaarbecht, déi, wéi gesot, awer un den Intérêt de service gebonnen ass, geschafe ginn. Et ass gefrot ginn: Wéini gëtt dat op de Gemengen applicabel? Mä ech mengen, mir mussen deen Text elo mol fir d'éischt stëmmen an da gëtt vum Intérieur eben d'Assimilatiounsgesetz ausgeschafft. Ech hoffen, datt dat sou schnell wéi méiglech ka geschéien an ech gesinn och u sech keng Problemer.

Ech wëllt och hei vläicht dee Volet aflechten, wou den Här Gibéryen drop higewisen huet: Wat dat kascht? Ech mengen et sinn eng ganz Rei Moossnamen, déi net ze chiffrierte sinn, well een eben net weess, wéi vill Leit, Männer oder Fraen, wëllen dann elo an Zukunft heivu Gebrauch maachen. Et ginn der awer eng Rei, déi sinn ze chiffrieren, an do sinn d'Zuelen och am Dokument dran. Zum Beispill dat, wat de ganze Volet Pensionen, d'Opbesserunge vun de Pensionen, ugeet, datt sinn 1,8 Milliounen Euro weider, déi een nach kéint chiffrieren; dat sinn déi dräi

nei Posten déi geschafft ginn: de Commissaire, den Dokter an de Kontrolldokter. Ech mengen dat sinn déi wou een direkt ka soen, wat et géing kaschten, do si mer da bei eppes méi wéi zwou Milliounen. Et huet Inzidenzen, mä wou ee scho wierklech misst an de Stäre liesen, fir genau kënnen ze soen, wat et kascht. Et ass also net schlechte Wëllen, mä dat bréngen nun emol déi méi theoretesch Méiglechkeeten, déi hei ausgeschafft ginn, mat sech, datt een net haut scho ka soen, wat dat do wäert kaschten.

Souwäit, an domat wëll ech och schléissen, fir déi haaptsächlech Ännerungen, déi mer um Statut vun de Statsbeamte wëlle virhuelen. Dir gesidd, et geet eis net nëmmen ëm en neie Look oder ëm einfach usträichen, mä et ass ganz einfach déi Philosophie, déi hannerd dëse Verännerunge steet, déi dem Wonsch entsprécht, de Statut un d'Ufuerderunge vun eiser Zäit unzepassen, d'Grondlag also vun enger moderner a leeschtungsfäeiger Administratioun ze erhalen, am Intérêt vun onsem Land, vu senger Bierger, an awer och am Intérêt vun enger attraktiver an excellenter Fonction publique, an de Lien, deen de Fonctionnaire u säi Patron Stat bënnt, bleift erhalen, well mir gesinn doranner eng Garantie fir d'Neutralitéit an déi noutwendeg Onofhängegkeet vun der Verwaltung, grad wéi vu Stabilitéit a Continuitéit.

Ech soen lech merci.

Plusieurs voix.- Très bien.

M. le Président.- D'Wuert huet elo den Här Statssekretär vun der Fonction publique, den Här Schaack.

M. Joseph Schaack, Secrétaire d'Etat à la Fonction publique et à la Réforme administrative.- Här President, Dir Dammen an Dir Hären, perséinlech wëll ech dem Rapporteur Gusty Graas an alle Riedner hei en hærzleche merci soe fir déi interessant an op jidde Fall konstruktiv Beiträg am Kader vun den Diskussiounen ronderëm de Gesetzesprojet 4891.

Här President, Dir Dammen an Dir Hären, als Leschten ze schwätzen ass an enger gewëssener Hinsicht ëmmer ondankbar. Alles wat iergendwéi ze soen ass, gouf nämlech scho virdru gesot, ausféierlech, manner ausféierlech, am Résumé oder am Detail, esou datt ech mer wierklech d'Fro stellen, wat zum Schluss nach zousätzlech iergendwéi erwähnenswäert kéint sinn.

(Interruption)

Ech mengen awer, datt esouguer bei enger déifgräifender a wäitreechender Reform vun deem, wat d'Spezialiste vum Genre normalerweise als Charte fondamentale vun alle Statsbeamten an hirem Aarbechtsverhältnis charakteriséieren, ech menger Aufgab awer net gerecht géif, wann ech zum Schluss net nach eng Kéier op e puer wesentlech Ännerunge kuerz géif agoen.

Eng vun deene wichtigste Mesuren an dësem Text ass mat Sécherheet d'Afféiere vum Temps partiel. Heiriwwer ass scho ganz vill geschwat ginn. Ech wëll mech dofir am Detail net domadder ofginn.

Den honorabele Mars Di Bartolomeo huet awer eng Fro gestallt an deem Kontext, wat den Enseignement primaire ubelaangt, wien do zoustänneg ass fir de Leit de Service à temps partiel ze accorderen. Do sinn ech der Meenung, datt dat de Gemengerot ass, deen do zoustänneg ass, esou wéi dat och bei den Nominatiounen ass, an déijéineg déi esou e Service à temps partiel sollicitéieren, müssen eng Demande richten un de Buergermeeschter, wou dann uschléissend am Conseil échevinal eng Décisioun geholl gëtt.

(Interruption)

Bei der Mise à la retraite, do gëtt normalerweis eng Demande gemaach un de Ministre de tutelle. Dat steet jo elo hei awer net zur Debat. Ech hunn lech op déi Fro, déi Dir mer virdru gestallt hutt, geäntwert.

M. le Président.- Loosst dach den Här Statssekretär schwätzen; ënnerbriecht en net andauernd!

(Interruptions et coups de cloche de la Présidence)

M. Joseph Schaack, Secrétaire d'Etat à la Fonction publique et à la Réforme administrative.- Här President, d'Ernennung vun de sougenannten Top-Beamten nëmme méi op Zäit, Dir Dammen an Dir Hären, war jo bekanntlech e Punkt aus der Regierungserklärung vum August 1999, deen och an déi ursprüngelech Versioun vum Gesetzesprojet esou ageschriwwen gi war.

Et ass dat e Mechanismus, dee mer jo schonn aus den Direktiounen vun den Etablissements publics hier kennen, an deen et och zënter méi laang schonn a ville Länner vun der Europäescher Unioin gëtt. De Conseil d'Etat, Dir wësst et, hat a sengem éischten Avis eng Opposition formelle an dësem Kontext ugemellt. D'Regierung huet duerno Präcisierungen iwwert deen neie Mechanismus gefrot a mir hunn och am Gesetzestext e Passage ageschriwwen, deen awer de Conseil d'Etat a sengem Avis vum 4. Abrëll net akzeptéiert huet. Dofir déi Opposition formelle.

Fir elo kuerzfristeg de Vote vum Gesetz mat all deenen anere Mesuren a Verbesserungen net a Fro ze stellen, ass d'Regierung dunn higang an huet deen neien Dispositif aus dem Gesetzestext 4891 erausgeholl. Dat war awer ganz kloer eng Moosnam wat d'Form ubelaangt. Erlaabt mer, Här President, noweislech drop ze insistéieren, datt d'Regierung net gewëllt ass dës Dispositioun einfach falen ze loossen. Nach am Laf vum Mount Mee wäerte mer en neie Gesetzesprojet an der Chamber déposéieren, deen an engem separaten Text dëse Problem wäert versichen ze léisen, mat weldere Propositionen fir dem Statsrot senger Bedenken entgéintzekommen, ouni awer elo vun där ursprüngelecher Marschroute ofzewäichen.

D'Regierung ass nämlech der Meenung, datt iwwert dat einfach politesch Engagement ewech et sech hei och un éischter Stell ëm e wichtegen Aspekt vu Verwaltungsreform handelt. Eis Verwaltung sinn am 21. Jorhonnert méi wéi jee gefuerdert, der Entwécklung vun der Gesellschaft Rechnung ze droen, sech deenen ëmmer méi groussen Erwaardungen a Fuerderung vun de Bierger an Entreprene ze stellen, an iwwerhaupt fir virun deenen neien Technologien net Halt ze maachen. Dat ass eng Entwécklung, déi hir Spuren och an enger richteg verstaner Personalgestioun hannerléisst.

Déi Verantwortlech um héchsten Niveau vun der Verwaltungshierarchie sinn hei nämlech gefuerdert, musse méi wéi an der Vergaangenheet hire Führungsstil an hir Gestionsmethoden dësen neien Technologien an doriwwer eraus dem gesamte Moderniséierungsprozess upassen.

Här President, Dir Dammen an Dir Hären, wat d'Reform vun der Disziplinarinstruktioun a Prozedur ugeet, wäert an der Zukunft d'Instruktioun net méi vum jeeweilige Verwaltungschef gemaach ginn, mä vun engem spezialiséierte Service dee fir déi ganz Verwaltung zoustänneg ass. Esou steet et an der Regierungserklärung, esou ass et scho méi wéi eng Kéier, och hei, ëmmer erëm gesot ginn. Mir hunn e Commissaire du gouvernement à l'instruction disciplinaire virgesi fir dës Aufgab ze iwwerhuelen.

An der Disziplinarprozedur selwer gëtt et eng wesentlech a ginn et e

puer méi kleng Neierungen. De Conseil de discipline war bis dato en Organ mat konsultativem Charakter, deen en Avis ofginn huet ier de jeeweilige Minister seng Sanctioun verhaangen huet. D'Regierungserklärung schwätzt vun enger Juridictionnalisatioun vum Conseil de discipline. Deen neie Statut proposéiert konkret aus dësem Gremium en Organe de décision ze maache mat Pouvoiren, déi deene vun enger Juridictioun ähnlech sinn. Seng Décisiounen wäerte sech da fir den zoustännege Minister imposéieren. Dat garantéiert fir d'Zukunft e besseren a méi onofhängegen Disziplinarsystem wéi bis elo.

Ausserdeem mécht deen neie Projet keen Ennerscheed méi tëschent weineger a méi bedeitende Sanctiounen, sou datt de Conseil de discipline ëmmer wäert ageschalt ginn, egal wat fir eng Sanctioun ze spriechen ass, wat awer net verhënnert, datt de Ressortminister nach ëmmer kann den Avertissement, d'Reprimande an d'Amende prononcéieren.

Erlaabt mer e puer kleng Mesurë just ze ernimme fir dëse Punkt komplett ze halen. Et ginn technesch Précisiounen fir d'Sanctioun vun der Retrogradatioun, vum Changement d'administration a vun der Suspensioun vun enger Pai. D'Sanctioun vun der Retraite d'office gëtt net méi direkt Urecht op eng Pensioun vum Stat. De Cumul vun zwou a méi Sanctiounen gëtt elo méiglech.

D'Zuel vun de Membere vum Conseil de discipline gëtt vu sechs op fennef erofgesat an et kënn en Delegierte vun der Chambre des Fonctionnaires derbei. De Conseil de discipline setzt sech also zesammen an Zukunft aus zwéi Magistraten, engem Verrieder vum Ministère de la Fonction publique, engem Verrieder vum Ministère d'Etat an engem Verrieder vun der Chambre des Fonctionnaires.

De Projet féiert och de sougenannten Délégué à l'égalité an, nodeem dës Fonctioun schonn zënter 1998 am Privatsecteur besteet. Fir awer doduerch am öffentleche Secteur déi ganz administrativ Prozesser net nach méi komplizéiert ze maachen a se weider ze erschwéieren, gëtt den Délégué à l'égalité nëmmen agefouert an deene Verwaltungen a Servicer wou keng Personalverriedung fonctionnéiert. Do, wou et eng Représentation du personnel gëtt, iwwerhëlt si d'Fonctioun vum Délégué à l'égalité. Seng Attributiounen a Missiounen ginn an engem Règlement grand-ducal précisiéiert. Et ass och virgesinn dem Délégué eng Dispense de service am Mount ze gi vu véier Stonnen.

Deen neie Gesetzesprojet schafft awer och d'gesetzlech Basis vum Aarbechtsdokter am öffentleche Secteur, grad wéi och déi nei Fonctioun vum Kontrolldokter. Bekanntlech hat eng éischt Fassung vum Text d'Fonctioun vum Aarbechtsdokter schonn e puer Joer virdru virgesinn a war och deemools scho vum Statsrot a vun der Berufschamber aviséiert ginn. De Kontrolldokter steet d'office de Verwaltungen zur Verfügung, wa Leit sech ze vill oft krank mellen, eventuell Alkohol-, respektiv Drogeproblemer hunn.

D'Fonctioun vum Kontrolldokter ass jo bekanntlech bis elo vum Dokter aus der Arméi assuméiert ginn. An hei kommen ech op eppes zrëck, wat den honorable Mars Di Bartolomeo a sengen Ausféierungen presentéiert huet. Hien ass der Meenung, datt et fir d'Médecine du travail nëmme soll just ee Service ginn, dee fir all Bierger, sief dat aus dem privaten...

(Interruptions)

Ee Service, voilà. En huet awer gläichzäiteg geschwat dovunner, datt dat kënn zu engem Eintopf

oder engem Eenheetsbräi féieren, woumat e Recht huet.

M. Mars Di Bartolomeo (LSAP).- Här President, wann ech gelift, ech wëll den Här Statssekretär dovunner ofhale fir falsch Interpretatiounen ze maachen. Ech hu gesot, mir wäere wäit dovun ewech fir en Eintopf...

(Interruptions diverses et coups de cloche de la Présidence)

M. le Président.- Dir sollt net dauernd ënnerbriechen!

M. Mars Di Bartolomeo (LSAP).- Ech kann dach den Här Statssekretär net op enger Schinn loosse, déi falsch ass.

M. le Président.- Den Här Statssekretär soll sech och net provozéiere loosse.

M. Mars Di Bartolomeo (LSAP).- Här President, entschëllegt, ech wollt just dem Statssekretär soen, dass mir net fir en Eintopf anrieden, dass mir wuel d'Spezifisitéit vun deem dote Service uerkennen, mä dass mer gär hätten, dass dee Service bei der Fonctioun publique en ähnlech gude Service ubitt wéi deen an der Privatwirtschaft, an dass en déiselwecht Moyene soll kréien an dass et net ka sinn, dass beim Stat ee Medeziner op 20.000 Saliären oder Fonctionnairë kënn an am Privatsecteur een op 5.000. Et war just e Plädoyer fir ähnlech gutt Bedingungen an der Aarbechtsmedizin ze séchere beim Stat wéi am Secteur public.

(Interruptions diverses)

M. Lucien Weiler (CSV).- Dir hätt lech direkt sollen esou kloer ausdrécken!

M. Mars Di Bartolomeo (LSAP).- Ma Dir wäert jo guer net heibannen!

M. Lucien Weiler (CSV).- Ma selbstverständlech!

(Coups de cloche de la Présidence)

M. Mars Di Bartolomeo (LSAP).- Dir waart déi ganzen Zäit dobaussen.

M. Lucien Weiler (CSV).- Ma dach, ech hunn dat héiere wat Der gesot hutt!

M. le Président.- Elo hu mer eng uerdentlech Diskussioun de ganze Mëttag gehat. Firwat elo zum Schluss ufänken hei duercherneen ze schwätzen? Loosst de Statssekretär schwätzen an äntworten op dat wat e gefrot ginn ass.

(Interruptions)

Also ech riichte mech hei u jiddferen. Dir sollt elo nach e bëssen Disziplin opbréngen. Et ass jo alles kloer verlaf. D'Madame Minister huet geäntwert. De Statssekretär gëtt och Äntwert op dat wat e gefrot ginn ass. Dir sollt en net ënnerbriechen.

M. Joseph Schaack, Secrétaire d'Etat à la Fonction publique et à la Réforme administrative.- Merci, Här President. Ech géif hei wëllen dem honorable Mars Di Bartolomeo den Accord salarial vum 20. Mäerz 1992 an Erënnerung bréngen,...

(Interruptions)

Jo, dat ass ebe just ganz laang hier. Dir sot dat ganz richtig.

...dee virgesäit, dass déi noutwendeg Mesurë wat d'Sécuritéit, d'Hygiène an d'Santé au travail ubelaangt am Kader vun der Fonctioun publique an op Basis vun hirem partikulare Statut, dat heescht onofhängeg vum Secteur privé, soll ageféiert ginn. Mä wann Der domadder d'accord sidd, dann hutt Der jo elo vu mir och déi Explikatioun kritt. Dat ass d'Explikatioun, déi sech an dësem Kontext opdrängt.

(Interruptions et coups de cloche de la Présidence)

M. le Président.- Här Statssekretär, fuert weider.

M. Joseph Schaack, Secrétaire d'Etat à la Fonction publique et à la Réforme administrative.- Här President, en anere Punkt aus der Regierungserklärung vum August '99 waren déi sougenannte Mataarbechtergesprécher. Eng Dispositioun an deem Sënn gouf an den neie Statut ageschriwwen.

Mir hunn eis allerdéngs dorobber wëlle beschränken, nuren de Prinzip virzegesi vu periodeschen Entretien tëschent Chef a Mataarbechter, fir op déi Aart a Weis den Dialog an de Servicer ze stimuléieren, do wou et guer net geet oder schlecht fonctionnéiert an iwwert dee Wee och eng verbessert Kommunikatioun ze erméiglechen an doduerch d'Motivatioun ze verbessern.

D'Kapitel vun de Rechter a Flichte gouf op eenzelne Punkten nei geschriwwen a besser strukturéiert am Sënn vun enger gréisserer Präzisioun bei bestoenden Dispositiounen, awer och am Sënn fir dat eent oder dat anert neit Element mat eranzehuelen. Ganz besonnesch bei de Flichte sinn et zwéi Punkten, déi ech wëllt ervirsträichen.

Op där enger Säit déi sougenannten Devoirs de disponibilité, déi jo och an der Regierungserklärung extra erwähnt sinn, an op där anerer Säit dee sougenannten Ordre de justification, deen et an där Form och elo scho bei Arméi a Polizei gëtt.

Et geet hei drëm bei klenge Vergene, déi net direkt kënnen oder sollen um disziplinaresche Wee sanctionnéiert ginn, eng Handhab ze hunn, fir een zur Rechenschaft ze zéien. Et denkt een hei un een, deen den Horaire mobile net respektéiert, dee mat sengen Aarbechten a Verspéidung ass an un aner Onregelméissegkeeten, déi awer besonnesch dann, wann et sech ëm Rezidivisten handelt, de Service op Dauer kënnen op d'Kopp stellen.

Här President, Dir Dammen an Dir Hären, de Gesetzesprojet setzt och nei Akzenter a puncto Mobilitéit vun de Statsbeamten. Un éischter Stell hu mer probéiert e Mechanismus op d'Been ze setzen, fir et ze erlaben de Passage vum Privatsecteur bei de Stat ze vereinfachen an ze erliichteren, am Fall wou d'Regierung fir e ganz spezifesch Posten e Spezialist mat enger extraer a laangjähreger Berufserfahrung op deem Gebitt brauch. Bis elo war et nure méiglech esou Leit als Employéen ze beschäftegen an dann nach ass déi ganz Operatioun oft dorunner gescheitert, datt dee Betreffenden duerno beim Stat net genuch verdéngt huet, oder datt hien net konnt Beamte ginn. Deen neie Modell gesäit vir, datt d'Regierung fir d'éischt feststelle muss, datt bei engem vakante Posten nuren e Spezialist aus dem Privatsecteur a Fro kënn. An deem Fall gëtt de Betreffende mat engem sougenannte Classement individuel fir ee Joer als Employé engagéiert an op deem Niveau dann no deem enge Joer als Statsbeamten definitiv engagéiert.

Wat elo d'Mobilitéit am ëmgedréinte Sënn als Passage vum Stat bei eng internationaler Verwaltung ubelaangt, esou gouf dësen och a Form vun Détachement virgesinn, e bëssen esou wéi en ähnleche System jo och scho fir d'Riichter agefouert gouf. Dee Betreffende gëtt an där Verwaltung wou hie bis dohinner seng ganz Carrière gemaach huet a fir déi ganz Zäitdauer vum Détachement hors cadre gesat. Op déi Aart a Weis gi seng Kolleegen a senger ursprüngelecher Verwaltung an hiren Avancementer net geschiedegt.

Wat den Détachement vun engem Fonctionnaire an de Privatsecteur ugeet, esou gouf dës Méiglechkeet

opgrond vun enger Opposition formelle vum Statsrot erëm aus dem Gesetzestext erausgeholl.

Am Gesetzesprojet hu mer och eng Rei vu Korrekturen an Upassungen um bestoende System vum Changement d'administration bruecht, dee jo bekanntlech am Gesetz vum 27. Mäerz 1986 geregelt ass. Hei geet et ëm d'Mobilitéit innerhalb vun der Statsverwaltung selwer. Ech brauch hei weider net drop anzegoen, well dës Upassungen a Korrekturen eigentlech nëmmen technescher Natur sinn, a just wëllen e puer Ongereimtheeten aus dem bestoenden Text aus dem Wee raumen.

Et sinn nach eng Rei aner Mesuren derbäi, déi ech awer nëmme kuerz opziele wëllt. Zum Beispill, den allgemenge Verbuet vum Mobbing, eng Altersgrenz vu 45 Joer, déi elo am Gesetz verankert ass, eng drëtt Chance beim Promotiounsexamen, d'Generalisatioun vum Recrutement iwwert de Wee vun Examen-concours sur épreuves, de minimalen Délai vun engem Joer tëschent zwou Promotiounen an d'Veröffentlechung vun alle fräie Poste beim Stat. Kënnt leschtlech d'Méiglechkeet derbäi vum Maintien en service bis maximal 68 Joer fir d'Beamten.

Här President, Dir Dammen an Dir Hären, zum Schluss wëllt ech awer och nach e puer Wieder iwwert d'Modificatioun vun de Pensiounstexten verléieren, déi sech alleguer op d'Iwwerdroe vun deene Mesurë bezéien, déi am Kader vum Rentendesch decidéiert an duerno duerch d'Gesetz vum 28. Juni 2002 ëmgesat goufen.

Dës nei Mesuren am Régime général hu Korrekturen am Iwwergangsregime vun de Statsbeamten noutwendeg gemaach, déi ee kann an zwee Deeler andeelen.

Fir d'éischt emol huet et sech erweisen, datt no deene linearen Opbesserungen am allgemenge Régime d'Recheformele vum Iwwergangsregime hu missen ugepasst ginn. D'Reform vum Régime général hat bekanntlech véier Haaptaspekter, eng Revalorisatioun vun de Majorations forfaitaires, d'Aféiere vum Element 13. Mount, de Steigerungssaz vun de Majorations proportionnelles an déi stufeweis Steigerung vun de Majorations proportionnelles. D'Konsequenzen dovun op d'Prestatioun am Régime général stellen awer elo d'Date limite vum 1. Januar 1984 a Fro. Dësen Datum war jo bekanntlech vum Gesetzgeber am Joer 1998 vis-à-vis vun deene Beamte festgehalen, déi aus Invaliditéitsgrënn a Pensioun gounge.

Nom Gesetz vum 28. Juni 2002 war dësen Datum allerdéngs net méi oprecht ze erhalen, well den Iwwergangsregime souzesoen an alle Fäll eng duebel Rechnung huet misse maachen, dat iwwregens och um Niveau vun den Alterspensiounen vun de Beamten aus enger ganzer Rei vun ënneschte Carrièren, fir hinnen op d'mannst déiselwecht Prestatioun ze garantéieren. Dës Approche setzt awer viraus, datt all Salairen, déi während enger Carrière realiséiert goufen, mussen nei opgestallt ginn, wat technesch net méiglech ass.

D'Alternativ zu enger Upassung vun dëser Date limite konnt nëmmen an enger Upassung vun der Rechnungsformel fonnt gi fir den Datum vum 1. Januar 1984 bäizebehalen an dee gebriechlechen Equilibre aus dem Joer 1998 weiderhin ze respektéieren.

Ech wëll hei just nach eng Kéier betounen, datt all dës nei Mesuren net op eng linear Augmentatioun vun alle Pensiounen am Iwwergangsregime erauskommen, mä ganz einfach net méi an net manner d'Gläichgewicht aus dem Joer 1998 erëm rétabléieren an op déi Aart a Weis eng kohärent Applikatioun vun alle Mesurë garantéieren, déi de Législateur deemools geholl huet.

Zweetens huet d'Regierung awer och am Régime transitoire vun de Statsbeamten deene politesche Choixen an deenen allgemenge Mesurë misse Rechnung droen, déi am Kader vum Rentendesch geholl goufen, an zwar deem sougenannte Forfait d'éducation, dem Urechne vun de Babyjoren an deene bessere Cumulbestëmmungen, am Fall wou Revenuë mat der Pensioun vun engem Conjoint survivant zesumme fallen. Dann ass et natierlech kloer, datt d'Urechnung vun de Babyjoren de Spezifitéite vum Iwwergangsregime senge Regeln a senge Mécanismë muss Rechnung droen, déi jo bekanntlech anescht definéiert si wéi am Régime général.

Erlaabt mer zum Schluss vu mengen Ausféierungen nach eng lescht Bemierkung. De Moderniséierungsprozess vun der Verwaltung kann nëmme Succès hunn, wann déi ganz Beamten-schaft matmécht. Et ass grad an dës Moderniséierung, wou och de Statsbeamtestatut muss mat abezug ginn. Eng modern Verwaltung brauch e moderne Statut, e Statut deen de Leeschtungsweillen an d'Kreativitéit vu senge Mataarbechter fördert an domadder eng vun deenen éischte Voraussetzungen schafft, fir datt d'Verwaltungsreform e Succès huet.

Här President, Dir Dammen an Dir Hären, ech soen lech merci fir d'Nolauschteren a bieden lech de Gesetzesprojet 4891 an der Fassung ze votéiere wéi e vun der Kommissioun vun der Fonction publique ugeholl ginn ass.

Ech wollt awer zousätzlech nach eng extrem wichteg Fro beäntweren.

■ **M. Mars Di Bartolomeo (LSAP).**- De Contrat à durée déterminée.

■ **M. Joseph Schaack, Secrétaire d'Etat à la Fonction publique et à la Réforme administrative.**- De Contrat à durée déterminée.

■ **M. Mars Di Bartolomeo (LSAP).**- Ah! Très bien.

■ **M. Joseph Schaack, Secrétaire d'Etat à la Fonction publique et à la Réforme administrative.**- Här President, Dir Dammen an Dir Hären, et muss een hei tëschent zwou Zorte vu Kontrakten ënnerscheeden.

Éischters Kontrakter, déi vun Ufank u fir eng Dauer vu méi wéi zwee Joer ofgeschloss gi sinn. Laut Experienz vun deene vergaangene Joren hu mer mat dëse Kontrakter prinzipiell keng Schwierigkeiten, an deem Sënn dass déi Leit, déi esou e Kontrakt ënnerschriwwen hunn, d'Zäitdauer vu méi wéi zwee Joer akzeptéiert hunn.

(Interruption)

Ech si jo nach net fäerdeg. Bis elo hunn dës Leit nach keng Fuerderung gestallt, e Contrat à durée indéterminée ze kréien. Am Fall, wou esou eng Fuerderung, déi par ailleurs legal ass, an Zukunft géif op eis zoukommen, da misst d'Commission domadder befaasst gi fir dee Poste vun dem Fonctionnaire, deen ersat gëtt, an e Poste vun Employé ze transforméieren an esou den Employé à durée indéterminée ze engagéieren.

(Interruption)

Ech sinn nach net fäerdeg, wéi gesot. Loosst mech emol ausschwatzen!

■ **M. le Président.**- Loosst dach de Statssekretär schwätzen.

■ **M. Joseph Schaack, Secrétaire d'Etat à la Fonction publique et à la Réforme administrative.**- Ech muss allerdéngs bemierken, dass vun dem Datum vum 6. Februar 2001 un, wou d'Jurisdiction gesot huet, dass een am Fall vum Remplacement vu Fonctionnaire

keng Kontrakter à durée déterminée méi maachen dierft, déi méi wéi zwee Joer géifen daueren, keng esou Kontrakter méi ofgeschloss gi sinn.

Zweetens Kontrakter, déi fir eng maximal Durée vun zwee Joer ofgeschloss gi sinn, mä déi am Prinzip misste renouveléiert ginn en faveur vum Employé, well de Fonctionnaire, deen hien ersetzt, ee Congé huet, dee méi laang wéi zwee Joer ass. An dësem Fall huet d'Verwaltung dräi Alternativen.

En neien Employé mat engem frësché Contrat à durée déterminée anzustellen, mat alle Schwierigkeiten, wat dat comportéiert am Kontext vun enger neier Initiation. Zweetens den Délai de carence ze respektéieren an deen alen Employé no engem Délai d'attente vun engem Drëttel vun der Durée initiale vum éischte Kontrakt, dat heescht aacht Méint bei engem Kontrakt vu 24 Méint, nei ze engagéieren. Den Nodeel dobäi ass, datt d'Verwaltung aacht Méint kee Remplaçant huet. Drëttens den Employé à durée indéterminée anzustellen duerch d'Transformatioun vun engem Fonctionnairesposten an en Employésposten, wat als Nodeel huet, dass d'Effektivitéit vun den Employéen zu Ongonschte vun de Fonctionnaires eropgesat ginn.

Konklusioun: Wat insgesamt d'Problematik vun de Contrats à durée déterminée ugeet, esou wäerten de Ministère de la Fonction publique an de Ministère du Travail versiche gemeinsam Lösungsvorschläge ze élaboréieren fir déi Schwierigkeiten, déi sech aus der Vergaangenheet erginn, ze léisen. Zweetens, wat d'Zukunft ubelaangt wäerten mir als Ministère de la Fonction publique eng Lettre circulaire erausginn an där mer d'Verwaltungsweerten opfuerderen d'Prozeduren ze respektéieren.

■ **M. Mars Di Bartolomeo (LSAP).**- Déi misste se scho souwiesou anhalen.

■ **M. Joseph Schaack, Secrétaire d'Etat à la Fonction publique et à la Réforme administrative.**- Dat maachen se jo.

■ **M. Mars Di Bartolomeo (LSAP).**- Da bräicht Dir jo och keng Lettre circulaire.

(Hilarité)

■ **M. Joseph Schaack, Secrétaire d'Etat à la Fonction publique et à la Réforme administrative.**- Mir maachen trotzdeem eng Circulaire à titre de rappel.

Ech kommen dann elo nach op den Amendement ze schwätzen.

(Interruption)

Jo, et ass am Fong en Amendement vun deene Grëngen, dee sech hei beschäftegt mat dem Congé pour travail à mi-temps, wou am Fong verlaangt gëtt dass déi Leit, déi op Postes de responsabilité sëtzen, och kéinte vun engem Congé pour travail à mi-temps bénéficiéieren.

D'Regierung ass net der Meenung, dass mer op deen dote Wee goe sollen, well mir dovunner iwwerzeegt sinn, dass wann een op engem Poste de responsabilité sëtzt, een dat permanent muss maachen. Da maacht Dir och déiselwecht Propositionen bei dem Service à temps partiel. Och beim Service à temps partiel gëllen déiselwecht Iwwerleeungen. Mir sinn also net domadder d'accord fir deene Leit, déi Verantwortung droen op deem allerieweschten Niveau, e Service à temps partiel zouzege- stoen.

Da maacht Der zousätzlech nach eng Iwwerleeung, wou Der der Meenung sidd, wa keng Représen-

tation du personnel do ass, dass dann den Délégué à l'égalité déi Verantwortung iwwerhuele misst, déi normalerweis der Délégation du personnel zousteet.

(Coups de cloche de la Présidence)

Och do wëll ech lech soen, dass dat onrealistes ass, well an deene meeschte Verwaltungen hutt Der eng Représentation du personnel. An deem Fall, wou et keng Représentation du personnel gëtt, an dat gesäit de Projet jo vir, muss een Délégué à l'égalité genannt ginn.

Da proposéiert Der natierlech och nach an engem zousätzlechen Amendement, dass wann ee Fonctionnaire de Service à temps partiel refuséiert kritt, dass hien do misst eng Lettre dûment motivée kréien. Ech wëll hei drun erënneren, dass beim Service à temps partiel de Verwaltungschef deejéinegen ass dee muss decidéieren, ob et iwwerhaupt a senger Verwaltung méiglech ass à temps partiel ze schaffen. Et ass kloer, dass deen Direkter iwwerhaupt eréischt reagéiert, wann hien eng Demande virleien huet. Dat heescht et ass kloer an et ass selbstverständlech, dass wann een e Brëf vun engem geschéckt kritt, dass een eng Demande mécht, een och eng Antwort kritt. Dat, mengen ech, ass eng Selbstverständlechkeet an eis Verwaltungschefen hale sech dorunner, esou dass am Fong och déi dote Proposition ënnert den Dësch fällt. Voilà, dat wär et gewiescht.

Ech soen lech merci fir Är Opmerksamkeet.

■ **Plusieurs voix.**- Très bien.

■ **M. le Président.**- D'Diskussion ass elo ofgeschloss a mir kommen zur Lecture vun den Artikelen vum Projet de loi a stëmmen driwwer of. Den Text vum Gesetzesprojet steet am Document parlementaire 4891^o.

Lecture du texte du projet de loi (par M. Jean Spautz)

Den Artikel I ass gelies.

Amendement 1

Mir hunn dozou Amendementer erakritt vum Här Jean Huss zum Artikel 31 an 31-1. Mir stënnen dann elo iwwert déi Amendementer of.

Vote

Déi dofir si stëmmen mat Jo, déi aner mat Neen oder si enthalen sech.

D'Amendementer si verworfen mat 40 Nee-, 6 Jo-Stëmmen an 11 Abstentionen.

Domadder ass den Artikel I ugeholl an der Fassung sou wéi e vun der Kommissioun virgeschloen ass.

Ont voté oui: MM. François Bausch, Robert Garcia (par M. Camille Gira), Camille Gira, Jean Huss et Mme Renée Wagener (par M. François Bausch);

M. Serge Urbany.

Ont voté non: M. Lucien Clement, Mme Marie-Josée Frank, MM. Marcel Glesener (par M. Ady Jung), Jean-Marie Halsdorf, Norbert Hupert (par M. Lucien Clement), Ady Jung, Nico Loes, Paul-Henri Meyers, Laurent Mosar, Mme Ferny Nicklaus-Faber, MM. Marcel Sauber (par M. Paul-Henri Meyers), Marco Schank, Jean Spautz, Mme Nelly Stein, MM. Nicolas Strotz, Fred Sunnen, Lucien Weiler et Claude Wiseler;

Mme Simone Beissel, MM. Jeannot Belling, Xavier Bettel, Niki Betten-dorf (par Mme Simone Beissel), Emile Calmes, Mme Agny Durdu, MM. Gusty Graas, Paul Helminger (par M. Xavier Bettel), Alexandre Krieps, Claude Meisch, Mme Maggy Nagel, MM. Jean-Paul Rippinger, Marco Schroell (par M. Alexandre Krieps), John Schummer et Théo Stendebach;

MM. Jean Colombero, Gast Gibéryen, Fernand Greisen (par M. Gast Gibéryen), Jacques-Yves

Henckes, Aly Jaerling, Jean-Pierre Koepp et Robert Mehlen.

Se sont abstenus: MM. Jean Asselborn (par M. Jos Scheuer), Alex Bodry, Mme Mady Delvaux-Stehres, M. Mars Di Bartolomeo, Mme Lydie Err, MM. Ben Fayot (par Mme Mady Delvaux-Stehres), Lucien Lux, Mme Lydia Mutsch (par M. Alex Bodry), MM. Jos Scheuer, Georges Wohlfart et Marc Zanussi.

An da komme mer zum Artikel II.

D'Artikelen II bis IX si gelies an ugeholl.

Dir Dammen an Dir Hären, domadder komme mer zur Ofstëmmung iwwert de Projet de loi.

Vote sur l'ensemble du projet de loi et dispense du second vote constitutionnel

Déi fir de Projet si stëmmen mat Jo, déi aner mat Neen oder si enthalen sech.

De Projet de loi 4891 ass ugeholl mat 51 Jo-Stëmmen a 7 Abstentionen.

Ont voté oui: M. Lucien Clement, Mme Marie-Josée Frank, MM. Marcel Glesener (par M. Ady Jung), Jean-Marie Halsdorf, Ady Jung, Nico Loes, Paul-Henri Meyers, Laurent Mosar, Mme Ferny Nicklaus-Faber, MM. Patrick Santer (par Mme Nelly Stein), Marcel Sauber (par M. Marco Schank), Marco Schank, Jean Spautz, Mme Nelly Stein, MM. Nicolas Strotz, Fred Sunnen, Lucien Weiler et Claude Wiseler;

Mme Simone Beissel, MM. Jeannot Belling, Xavier Bettel, Niki Betten-dorf (par M. Jeannot Belling), Emile Calmes, Mme Agny Durdu, MM. Gusty Graas, Paul Helminger (par M. Xavier Bettel), Alexandre Krieps, Claude Meisch, Mme Maggy Nagel, MM. Jean-Paul Rippinger, Marco Schroell (par M. Claude Meisch), John Schummer et Théo Stendebach;

MM. Jean Asselborn (par M. Marc Zanussi), Alex Bodry, Mme Mady Delvaux-Stehres, M. Mars Di Bartolomeo, Mme Lydie Err, MM. Ben Fayot (par M. Georges Wohlfart), Jean-Pierre Klein (par M. Mars Di Bartolomeo), Lucien Lux, Mme Lydia Mutsch (par M. Alex Bodry), MM. Jos Scheuer, Georges Wohlfart et Marc Zanussi;

MM. François Bausch, Robert Garcia (par M. Camille Gira), Camille Gira, Jean Huss et Mme Renée Wagener (par M. François Bausch);

M. Serge Urbany.

Se sont abstenus: MM. Jean Colombero, Gast Gibéryen, Fernand Greisen (par M. Robert Mehlen), Jacques-Yves Henckes, Aly Jaerling, Jean-Pierre Koepp et Robert Mehlen.

Ass d'Chamber d'accord fir d'Dispens vum zweete Vote ze ginn?

(Assentiment)

Et ass also esou decidéiert.

Dir Dammen an Dir Hären, domadder wier dee Punkt ofgeschloss a mir kéimen elo op de leschte Punkt vun eiser Dagesuerdnung vun haut, an dat sinn d'Naturalisatiounen.

3. Demandes en naturalisation

Ech muss dofir, wéi dat am Gesetz virgesinn ass, de Huis clos ausschwatzen.

De Huis clos ass erëm opgehuewen an déi öffentlech Sitzung geet weider.

D'Chamber huet an hirer net öffentlecher Sitzung 75 Demandes en naturalisation mat Dispens vum zweete Vote constitutionnel ugeholl. Sou wéi d'Gesetz vum 7. Juni 1989 iwwert d'Nimm a Virnimm vun de Persounen, déi d'Lëtzeburger Nationalitéit kréien, et virgesäit, huet d'Chamber sech ebenfalls